Programm Lëtzebuergesch an den ëffentlechen internationale Scholen.

VUN DER GRONDSCHOUL BIS AN DE SECONDAIRE (P1-S3)

SELBSTÄNNEGKEETSERKLÄRUNG

Ech, Pascale Frising, versécheren, dass ech dës Aarbecht selbstänneg an ouni Benotzung vun aneren wéi den hei benotzten Hëllefsmëttelen ugefäerdegt hunn. All d'Plazen, déi wiertlech oder sënngeméiss aus Veröffentlechungen oder anere Quelle stamen, sinn erkenntlech gemaach.

D'Aarbecht ass a gläicher oder ähnlecher Form nach net veröffentlecht an nach kenger Prüfungsbehörd virgeluecht ginn.

Déifferdeng, den 24 Mee 2019

Pascale Frising

PASCALE FRISING

Kandidatin fir den Titel vu Professor am Lëtzebuergeschen an der École internationale de Differdange et d'Esch

Programm Lëtzebuergesch an den ëffentlechen internationale Schoulen. Vun der Grondschoul bis an de Secondaire (P1-S3)

Differdange

2019

Abstract

De Géigestand vun dëser Aarbecht ass d'Ausschaffe vun engem Programm fir Lëtzebuergesch an den ëffentlechen internationale Schoulen. Dëse Programm soll sech souwuel op d'Grondschoul (P1-P5), wéi op de Secondaire (S1-S3) bezéien an tëscht Lëtzebuergesch als Éischtsprooch (Mammesprooch) a Lëtzebuergesch als Friemsprooch ënnerscheeden.

Dës Aarbecht ass a fënnef Kapitele gegliddert. Den éischten Deel féiert de Lieser un den Inhalt vun der Aarbecht erun, andeems en d'Objektiver an d'Erwaardunge vum Projet beliicht a kuerz presentéiert.

Am zweete Kapitel gëtt dann op d'Ënnerriichte vum Lëtzebuergeschen an der Grondschoul agaangen. Dëst Kapitel ass an zwee grouss Ënnerpunkte gegliddert: Lëtzebuergesch als Éischtsprooch an der Grondschoul a Lëtzebuergesch als Friemsprooch an der Grondschoul. Béid Kapitele leeë keng strikt Inhalter pro Joergank fest, mee definéiere Léierziler a Kompetenzen, déi d'Kanner zum Schluss vun all Schouljoer erreecht sollen hunn.

Am drëtte Kapitel gëtt den Iwwergank vun der Grondschoul an de Secondaire analyséiert an thematiséiert, ier am nächste Kapitel op d'Ënnerriichte vum Lëtzebuergeschen am Secondaire agaange gëtt. Genee wéi am Kapitel vun der Grondschoul, gëtt och beim Secondaire tëscht Éischtsprooch a Friemsprooch differenzéiert a sou sinn zwee verschidde Programmer entstanen, déi de Besoine vun der Schülerinnen a Schüler gerecht solle ginn. De Programm vum Lëtzebuergeschen als Éischtsprooch am Secondaire hält pro Schouljoer (S1-S3) ënnerschiddlech Léierziler an Theme fest, wougéint de Programm vum Lëtzebuergeschen als Friemsprooch am Secondaire nom „Gemeinsamen Europäesche Referenzrahmen fir Sproochen“ opgebaut ass a sou pro Sproochenniveau, déi verschidde Léierziler festhält, déi erreecht solle ginn.

An der Conclusioun ginn uschléissend déi relevant Erkenntnisser a Faziter nach eng Kéier opgelëscht an den ëffentlechen internationale Schoulsystem gëtt mam reglementäre Lëtzebuerger System verglach, ier an engem Ausbléck gekuckt gëtt, wéi zukünfteg nach mam Programm ka geschafft ginn a wat fir Verbesserungsvirschléi méiglech sinn.

Inhaltsverzeechnes:

SELBSTÄNNEGKEETSERKLÄRUNG **2**

Abstract **4**

Inhaltsverzeechnes: **5**

1. Aleedung **7**

1.1 D'Objektiver an den Opbau vum Programm *7*

1.2 Erwaardungen un dëse Projet *9*

2. Lëtzebuergesch an der Grondschoul **11**

2.1 Lëtzebuergesch als Éischtsprooch an der Grondschoul *15*

2.1.1 Globalbeschreiwung. Allgemeng Informatiounen: Didaktik, Inhalt a Kompetenzen 17

2.1.1.1 Inhalt 17

2.1.1.2 Didaktik 18

2.1.1.3 Kompetenzen 18

2.1.1.3.1 Mëndlech Produktioun an Héierverstoen 19

2.1.1.3.2 Liesverstoen 20

2.1.1.3.3 Schreiwen 20

2.1.2 Detailléiert Léierziler 21

2.1.2.1 Detailléiert Léierziler fir d'P1 21

2.1.2.2 Detailléiert Léierziler fir d'P2 24

2.1.2.3 Detailléiert Léierziler fir d'P3 27

2.1.2.4 Detailléiert Léierziler fir d'P4 32

2.1.2.5 Detailléiert Léierziler fir d'P5 36

2.1.3 Evaluatioun 41

2.2 Lëtzebuergesch als Friemsprooch an der Grondschoul *43*

2.2.1 Globalbeschreiwung. Allgemeng Informatiounen: Didaktik, Inhalt a Kompetenzen 45

2.2.1.1 Inhalt 45

2.2.1.2 Didaktik 47

2.2.1.3 Kompetenzen 47

2.2.1.3.1 Mëndlech Produktioun an Héierverstoen 48

2.2.1.3.2 Liesverstoen 50

2.2.1.3.3 Schreiwen 50

2.2.2 Detailléiert Léierziler 51

2.2.2.1 Detailléiert Léierziler fir d'P1 51

2.2.2.2 Detailléiert Léierziler fir d'P2 54

2.2.2.3 Detailléiert Léierziler fir d'P3 57

2.2.2.4 Detailléiert Léierziler fir d'P4 60

2.2.2.5 Detailléiert Léierziler fir d'P5 63

2.2.2.6 Erweidert Léierziler fir e staarke P5-Grupp 66

2.2.3 Evaluatioun 69

3. Den Iwwergank vun der Grondschoul an de Secondaire **73**

4. Lëtzebuergesch am Secondaire **75**

4.1 Lëtzebuergesch als Éischtsprooch am Secondaire *77*

4.1.1 S1-Eng Aféierung 79

4.1.1.1 Globalbeschreiwung a generell Léierziler 79

4.1.1.2 Detailléiert Léierziler 80

4.1.1.3 Ganzschréften a Filmvirschléi 84

4.1.2 S2-Verdéiwung 85

4.1.2.1 Globalbeschreiwung a generell Léierziler 85

4.1.2.2 Detailléiert Léierziler 86

4.1.2.3 Ganzschréften a Filmvirschléi 90

4.1.3 S3-Optimiséierung 91
4.1.3.1 Globalbeschreiwung a generell Léierziler 91
4.1.3.2 Detailléiert Léierziler 92
4.1.3.3 Ganzschréften a Filmvirschléi 96
4.1.4 Evaluatioun 97

4.2 Lëtzebuergesch als Friemsprooch am Secondaire 99
4.2.1 Niveau Debutant A1 101
4.2.1.1 Globalbeschreiwung a genrell Léierziler fir den Niveau A1 101
4.2.1.1.1 Generell Léierziler fir den Niveau A1.1 102
4.2.1.1.2 Generell Léierziler fir den Niveau A1.2 102
4.2.1.2 Detailléiert Léierziler fir den Niveau A1 102
4.2.1.2.1 Detailléiert Léierziler fir den Niveau A1.1 102
4.2.1.2.2 Detailléiert Léierziler fir den Niveau A1.2 105
4.2.2 Niveau Intermediaire A2-B1.3 108
4.2.2.1 Globalbeschreiwung a genrell Léierziler fir den Niveau A2.1 108
4.2.2.2 Detailléiert Léierziler fir den Niveau A2.1 108
4.2.2.3 Globalbeschreiwung a genrell Léierziler fir den Niveau A2.2 111
4.2.2.4 Detailléiert Léierziler fir den Niveau A2.2 112
4.2.2.5 Globalbeschreiwung a generell Léierziler fir den Niveau B1 115
4.2.2.5.1 Generell Léierziler fir den Niveau B1.1 116
4.2.2.5.2 Generell Léierziler fir den Niveau B1.2 116
4.2.2.5.3 Generell Léierziler fir den Niveau B1.3 116
4.2.2.6 Detailléiert Léierziler fir den Niveau B1 116
4.2.2.6.1 Detailléiert Léierziler fir den Niveau B1.1 116
4.2.2.6.2 Detailléiert Léierziler fir den Niveau B1.2 118
4.2.2.6.3 Detailléiert Léierziler fir den Niveau B1.3 120
4.2.3 Evaluatioun 121

5. Conclusioun an Ausbléck 125

6. Bibliographie 131
6.1 Bicher 131
6.2 Internetsäiten 132
6.3 Wichteg Léierwierker 132

7. Annexen 135
7.1 Annex 1: Joresplanung 136
7.2 Annex 2: Periodenplanung 141
7.3 Annex 3: Detailléiert Léierziler a Kann-Kompetenze fir Lëtzebuergesch als Éischtsprooch am Secondaire 143
7.4 Annex 4: Detailléiert Léierziler a Kann-Kompetenze fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch am Secondaire 155
7.5 Annex 5: Bewäertungsgrille fir d'mëndlech Evaluatioun am Secondaire 187

Lëtzebuergesch an den ëffentlechen internationale Schoulen
Vun der Grondschoul bis an de Secondaire
LUXEM – Lëtzebuergesch
1. Aleedung

1.1 D'Objektiver an den Opbau vum Programm

Am Hierscht 2016 huet déi éischt ëffentlech international Schoul zu Déifferdeng, mat 142 Schülern[1] an 23 Enseignanten[2], hir Dieren opgemaach. Duerch de Succès an d'Nofro vun dësem neie Schoulsystem ass am September 2017 zu Esch eng Annex vun der Schoul opgaangen an am Schouljoer 2018-2019 hunn nach dräi weider Lycéeën den ëffentlechen internationale Schoulsystem iwwerholl: de Lënster Lycée zu Jonglënster, de Lycée Edward Steichen zu Klierf an d'Ecole internationale de Mondorf-les-bains zu Munneref. All dës Schoule schaffe mam Programm vun den europäesche Schoulen a viséieren den europäesche Baccalauréat als Ofschloss. Dësen Diplom ass offiziell unerkannt an erlaabt d'Opnam an alleguerten d'Universitéiten aus der Europäescher Unioun, wéi och verschidden Universitéiten, déi net an der EU leien.[3]

Den Unterrecht an den ëffentlechen internationale Schoule baséiert op den europäesche Programmer, déi vu speziellen Aarbechtsgruppen erstallt a regelméisseg iwwerschafft ginn an déi um Internetsite „Schola Europea": www.eursc.eu ze fanne sinn. Am Géigesaz zu den europäesche Schoule gëtt an den ëffentlechen internationale Schoule Lëtzebuergesch ënnerriicht. D'Schüler hu vun der P1 bis an d'S3 all Woch obligatoresch 2 Unterrechtseenheete Lëtzebuergesch. Eng Variatioun par Rapport zu den europäesche Schoulen, déi dozou féiert, dass nach kee Programm fir d'Fach „Lëtzebuergesch" am

[1] Dës Aarbecht benotzt aus Plazgrënn de Begréff „Schüler", wa souwuel vu Schülerinnen wéi Schülern geschwat gëtt.

[2] Dës Aarbecht benotzt aus Plazgrënn de Begréff „Enseignant", wa souwuel vun Enseignanteë wéi Enseignantë geschwat gëtt.

[3] Vgl. dozou : MEN : Offre scolaire internationale : http://www.men.public.lu/fr/actualites/grands-dossiers/systeme-educatif/offre-internationale/fr/index.html (17/04/2019).

europäesche Schoulsystem ausgeschafft gouf. Dësem Manktem soll mat dësem Travail de Candidature entgéint gewierkt ginn. D'Zil vun dëser Aarbecht ass et also d'Léiere vum Lëtzebuergeschen an dësem neie Schoulsystem z'erfuerschen an doropshin e Programm fir den Enseignement vun der Lëtzebuerger Sprooch an den ëffentlechen internationale Schoulen auszeschaffen a festzehalen.

De Programm versteet sech deementspriechend als roude Fuedem, deen sech duerch déi verschidde Schoulklassen (P1 bis S3) zitt an deen déi ënnerschiddlech Sproochenniveaue vun de Schüler berécksiichtegt. De Programm stellt dobäi virun allem d'Grondlag fir den Unterrecht vum Fach „Lëtzebuergesch" an den ëffentlechen internationale Schoulen duer, woubäi en d'Diversitéit an d'Multikulturalitéit vun de Schüler berécksiichtegt an et dem Léierpersonal erméiglecht op eng flott Aart a Weis d'Lëtzebuerger Sprooch effektiv z'ënnerriichten. De Programm soll souwuel den Enseignanten an de Grondschoulen, wéi an de Secondaires-Schoulen als wäertvollt Hëllefsmëttel déngen an hinne gemeinsam an iwwergräifend Richtlinnen a Léierziler ubidden. Zousätzlech soll de Programm och de Schüler eng flott Approche fir d'Léiere vum Lëtzebuergesche liwweren a si beim Léiere vun der Sprooch motivéieren a förderen.

Fir der Heterogenitéit vun de Schoulklassen an den Niveauen a Besoine vun de Schüler gerecht ze ginn, ass de Programm an zwee grouss Kapitele gegliddert, „Lëtzebuergesch an der Grondschoul" a „Lëtzebuergesch am Secondaire". Tëscht dësen zwee Kapitele gëtt den Iwwergank vun der Grondschoul an de Secondaire thematiséiert, ier déi relevant Resultater uschléissend resuméiert an diskutéiert ginn an d'Roll vum Lëtzebuergeschen an den ëffentlechen internationale Schoulen hannerfrot gëtt.

Déi zwee Haaptkapitelen, „Lëtzebuergesch an der Grondschoul" a „Lëtzebuergesch am Secondaire", sinn am Programm nach eng Kéier an zwee gegliddert. An engem éischten Deel gëtt déi Lëtzebuergesch Sprooch als Éischtsprooch (Mammesprooch) ënnerriicht an de Programm hält fest wat fir Inhalter a Léierziler a wat fir engem Joergank behandelt solle ginn. Vue dass d'Schüler d'Sprooch scho beherrschen a verstinn, läit de Fokus net um Sproocherwerb, mee um verdéifte Gebrauch vun der Sprooch. D'Schüler sollen déi verschidde Gattungen (Kuerzgeschichten, Märercher, Seechen, Romaner, asw.) an hiren Opbau kenneléieren an sech dobäi intensiv mat der Lëtzebuerger Kultur a Geschicht auserneesetzen.

Zousätzlech sollen d'Schüler och grammatesch a morphosyntaktesch Regele kenneléieren, déi se bis dohin zwar onbewosst ugewannt hunn, mee zu deene si keng oder nëmme wéineg linguistesch Kenntnesser haten.

Am zweeten Deel gëtt d'Lëtzebuerger Sprooch als Friemsprooch ënnerriicht an de Programm gëtt an déi jeeweileg Niveaue gegliddert (A1-C1), wéi et am „Gemeinsamen Europäesche Referenzrahmen fir Sproochen"[4] festgehalen ass. D'Haaptzil vum Friemsproochenunterrecht ass et, de Schüler d'Sprooch op eng flott Aart a Weis bäizebréngen an hiert Interessi un der Sprooch ze förderen. D'Schüler solle Spaass um Léieren hunn an zum Schluss vum Lëtzebuergeschstudium an der Lag sinn, sech mat Lëtzebuerger Éischtsproochler (Mammesproochler) z'ënnerhalen an d'Lëtzebuergesch Sprooch um Radio, op der Tëlee an an der Zeitung ze verstoen.

1.2 Erwaardungen un dëse Projet

Dëse Projet läit mir vill um Häerzen. D'ëffentlech international Schoule stellen eng Nouveautéit zu Lëtzebuerg duer an entwéckelen sech permanent weider. Deementspriechend gëtt Schoul- an d'Léierpersonal stänneg virun nei Erausfuerderunge gestallt. Eng vun dësen Erausfuerderunge war et zum Beispill de Lëtzebuergeschunterrecht obligatoresch an en europäesche Schoulsystem z'integréieren. Dëst ass ënnert der Form vun 2 Unterrechtseenheeten a vum Lëtzebuergeschen als Langue véhiculaire am Sport geschitt. Heimat koum et also zu Veränderung par Rapport zu den anere Lëtzebuerger Schoulsystemer, an deene Lëtzebuergesch als Friemsprooch véier Stonnen d'Woch oder Lëtzebuergesch als Fach op der 7C eemol d'Woch enseignéiert gëtt.

Wéi ech also mam Ënnerriichten an der EIDE ugefaangen hunn, stoung ech virum Fait, dass et zwar Programmer fir den Enseignement vum Lëtzebuergeschen am Lëtzebuergesche Schoulsystem gouf, ech dës awer net einfach esou op meng Schoulklassen applizéiere konnt. Beim Austausch mat den Aarbechtskollegen, déi parallel zu mir Lëtzebuergesch ënnerriichten, ass séier ervirgestach, dass d'Leit sech e Programm wënschen, op deen si sech baséiere kënnen an op deen si zeréckgräife kënne fir hiren Unterrecht ze plangen an ze gestalten.

[4] Vgl. dozou: TRIM, John, NORTH, Brian, COSTE, Daniel, SHEILS, Joseph: Gemeinsamer europäischer Referenzrahmen für Sprachen: lernen, lehren, beurteilen. Niveau A1-A2-B1-B2-C1-C2. Hrsg. Goethe-Institut, Langenscheidt, Berlin, München, Wien, Zürich, New York, 2001.

Doropshin hunn ech den Entschloss gefaasst mech mat dëser Aarbecht ze beschäftegen an sou hunn ech se zum Thema vu mengem Travail de Candidature gemaach.

Engersäits geet et mir also drëm e Programm auszeschaffen, deen dem Léierpersonal als Hëllefsmëttel déngt an der spezieller Situatioun (Unterrechtsunzuel, Diversitéit vun de Schüler, ...) vum Lëtzebuergeschen als Fach an den ëffentlechen internationale Schoule gerecht gëtt. Anerersäits wëll ech mat dëser Aarbecht e Programm opsetzen, dee souwuel dem Léierpersonal (op vum Fach oder net) an de Schüler Spaass mécht an deen d'Schüler sou gutt wéi méiglech beim Studium vum Lëtzebuergeschen ënnerstëtzt.

Lëtzebuergesch an den ëffentlechen internationale Schoulen
Vun der Grondschoul bis an de Secondaire
2. Lëtzebuergesch an der Grondschoul
P1-P5

Unzuel vun den Unterrechtseenheete pro Woch:	P1-P2: 2x30 min, P3-P5: 2x45 min
Sprooch vum Unterrecht:	Lëtzebuergesch

An der Primärschoul erliewen a léieren d'Kanner vill zesummen. Si schreiwen a rechnen, liesen an erzielen, molen a bastelen, iessen a spille mateneen. „An all dëse Situatiounen entsteet Sprooch: D'Kanner schwätze mateneen, si lauschteren no, stelle Froen a ginn Äntwerten, si erklären, beschreiwen a begrënnen. Si erfannen an erzielen."[5] Dobäi gräifen d'Kanner gréisstendeels beim Kommunizéieren op hir Éischtsprooch(-en) oder op eng gemeinsam Sprooch zeréck. An den ëffentlechen internationale Schoulen treffe vill Kanner mat ënnerschiddlechen Nationalitéiten openeen, déi sech gréisstendeels iwwer déi an der Schoul ausgewielte L1[6] mateneen ënnerhalen. Nieft der L1 soll awer och d'Lëtzebuerger Sprooch d'Roll vun enger gemeinsamer Sprooch anhuelen, sou dass Kanner mat verschiddene L1-Sproochen an der Schoul mateneen diskutéiere kënnen. D'Lëtzebuerger Sprooch hëlt also an den ëffentlechen internationale Schoulen d'Roll vun enger gemeinsamer Kommunikatiounssprooch, enger Integratiounssprooch a vun engem Unterrechtsfach an.

D'Roll vun de Lëtzebuergeschcoursen an der Grondschoul ass et d'Kanner, souwuel d'Éischtsproochler, wéi och d'Friemsproochler un d'Lëtzebuerger Nationalsprooch erunzeféieren an hinne Freed um Léiere vun der Sprooch ze vermëttelen. D'Léiere vum Lëtzebuergesche soll de Kanner Loscht op d'Sprooch maachen, se motivéiere fir d'Wuert

[5] MENFP: *Sproochlech Bildung am éischte Cycle. Deel 1 : Sprooch a Sproochen zu Lëtzebuerg*. Lëtzebuerg, 2018. S. : 3.

[6] L1 ass d'Bezeechnung fir d'Sprooch, déi d'Elteren an d'Kanner an der Schoul als éischt Bildungssprooch auswielen. Et handelt sech also ëm déi Sprooch an där d'Kanner alphabetiséiert ginn an an där d'Léierpersonal Fächer wéi Mathematik, Vie et société, Découverte du monde, asw. ënnerriicht.

z'ergräifen a sech sproochlech matzedeelen. Dëst kann an den ënnerschiddlechste Forme geschéien, duerch Spiller, Lidder, Geschichten a ville weideren Aktivitéiten. „Loscht op Schwätzen ze hunn ass [nämlech] eng Viraussetzung dofir, datt Kanner sproochlech aktiv ginn. Dëst gëllt a besonneschem Mooss fir déi Kanner, fir déi d'Sprooche vun der Schoul nei sinn.[7]

Nieft dem Spaass um Schwätze sollen d'Kanner awer och konkret sproochlech Zilsetzungen (D'Léiere vun engem bestëmmte Wuertschatz, d'Formuléiere vu Froen oder Beschreiwungen) a Kompetenzen (Fach-, Methoden-, Sozial- a Personalkompetenzen) erreechen, déi hinnen an der Schoul an am Liewen nëtzlech wäerte sinn.

An den nächsten zwee Kapitele geet dës Aarbecht genee op den Unterrechtsprogramm am Primär vun den ëffentlechen internationale Schoulen an an hält fest wat fir Léierziler a Kompetenzen d'Éischtsproochler, wéi och d'Friemsproochler zum Schluss vun all Schouljoer erreecht sollen hunn. Dobäi bleift et wichteg ze betounen, dass dëse Programm dem Léierpersonal hëllefen an him beim Ënnerriichte genuch a virun allem déi néideg Fräiheete loosse sollen. E fixe Programm, dee genee festhält wéini wat fir Inhalter a grammatesch Punkte behandelt solle ginn, kann där komplexer a villschichteger sproochlecher Realitéit, déi an ëffentlechen internationale Schoulen zu Lëtzebuerg herrscht net genuch Rechnung droen. Deementspriechend gouf dëse Programm méi flexibel opgebaut, sou dass hien net strikt op festen Inhalter a Punkte baséiert, mee op Eckwäerter vu sproochlecher Bildung an op diverse Kompetenzen a Léierziler, déi zum Schluss vun enger bestëmmter Klass ausgeschafft an erreecht solle ginn. D'Léierpersonal huet also genuch Raum fir d'Interessen an d'Virléifte vun de Kanner am Unterrecht mat opzegräifen a se deementspriechend nach méi ze motivéiere fir sproochlech aktiv ze ginn. Et ass nämlech erwisen, dass „Themen, Projeten an Aktivitéiten, déi sech fir dat interesséieren, wat d'Kanner interesséiert, déi d'Froe stellen, déi si sech stellen, an hinne versichen dat ze ginn, wat si brauchen, [...] sech [...]förderlech op d'Sproochentwécklung aus[-wierken]. Fillt e Kand sech an enger bestëmmter Situatioun duerch dat, wat hei gemaach a gesot gëtt, ugesprach, wëllt hatt (mat) maachen a (mat)schwätzen."[8]

[7] MENFP: *Sproochlech Bildung am éischte Cycle. Deel 3 : Sprooch a Sproochen am éischte Cycle*. Lëtzebuerg, 2018. S.: 113.
[8] MENFP : *Sproochlech Bildung am éischte Cycle. Deel 3 : Sprooch a Sproochen am éischte Cycle*. Lëtzebuerg, 2018. S.: 70.

De Programm vum Lëtzebuergeschen an der Grondschoul gouf also flexibel gestallt, sou dass d'Enseignantë sech un de Bedierfnesser an Interessie vun de Kanner orientéiere kënnen an nieft de vun hinne gewielten Themen an Aktivitéiten zäitlech Plagë virgesinn hunn, déi Plaz fir de Kanner hir Iddien a Virschléi loossen. Dës gewësse Flexibilitéit léisst sech an der Jores- a Periodeplanung[9] erkennen an ass an der Fuerschung unerkannt:

> „Le programme d'activités (curriculum) représente la pierre angulaire de l'éducation à la petite enfance. Toutefois, ce programme n'arrive pas « prêt à servir »; il faut le voir comme dynamique et changeant. Ce n'est pas un outil conçu de « l'extérieur » (...). Ce n'est pas non plus un outil conçu pour plusieurs années à venir puisque, d'année en année, le groupe d'enfants change. Bien qu'une planification globale puisse être pensée pour une année complète (thèmes, projets, sorties...), la révision du programme [d'activités] se réalise au quotidien en fonction, entre autres, du groupe d'enfants et de chaque enfant qui le compose, du temps requis pour sa mise en application, de l'évaluation et des améliorations à apporter.“[10]

De Programm baséiert also op Eckwäerter, Kompetenzen a Léierziler a léisst dem Léierpersonal genuch Raum an Zäit fir op d'Bedierfnesser an d'Interessie vun de Kanner anzegoen. Wat den Opbau vum Programm betrëfft, gouf sech am Volet vun der Grondschoul op d'Struktur vum MEN[11] fir de Lëtzebuergesch Unterrecht an der Grondschoul an un europäesche Sproocheprogrammer (de Programm am Däitschen, Franséischen, Engleschen, asw.) inspiréiert. Dobäi hu beim Kapitel vum Lëtzebuergeschen als Mammesprooch an der Grondschoul d'Programmer vun der L1 (L1-Däitsch, L1-Franséisch, L1-Englesch) als Virlag gedéngt, wougéint am Kapitel fir d'Lëtzebuergesch als Friemsprooch an der Grondschoul d'Programmer vun der L2 (L2-Däitsch, L2-Franséisch, L2-Englesch) als Richtlinn geholl goufen.

[9] An den ëffentlechen internationale Schoulen, wéi an den europäesche Schoule muss d'Léierpersonal fir all Fach an all Klass eng Joresplanung a 6 Periodeplanunge schreiwen. An der Joresplanung ginn déi Haaptpunkten a Léierziler opgelëscht, déi wärend dem Schouljoer behandelt an erreecht solle ginn. An de Periodeplanunge gëtt d'Léierpersonal scho méi spezifesch an hält fest, wat fir Inhalter, Themen, Aktivitéiten a Léierziler tëscht de jeeweilege Schoulvakanze behandelt an erreecht solle ginn. Dëst geschitt souwuel fir de Primär, wéi fir de Secondaire. An der Annex 1 an 2 befannen sech souwuel e Beispill fir eng Joresplanung, wéi fir eng Periodeplanung. Dës bezéien sech awer op den Unterrecht am Secondaire, well ech nëmmen op dëse Klassen ënnerriichten.

[10] LALONDE-GRATON, M.: Fondements et pratiques de l'éducation à la petite enfance. Québec: Presse de l'Université du Québec. 2003. S.: 45.

[11] MEN ass d'Ofkierzung fir de Ministère de l'Education nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.

Lëtzebuergesch an den ëffentlechen internationale Schoulen
Vun der Grondschoul bis an de Secondaire
2. Lëtzebuergesch an der Grondschoul
2.1 Lëtzebuergesch als Éischtsprooch an der Grondschoul
P1-P5

Unzuel vun den Unterrechtseenheete pro Woch:	P1-P2: 2x30 min, P3-P5: 2x45 min
Sprooch vum Unterrecht:	Lëtzebuergesch
Unzuel vun de Prüfunge pro Semester:	- Formativ Evaluatioun iwwer dat ganzt Schouljoer - Summativ Evaluatioun an der Form vu klengen Tester oder Aarbechtsblieder

De Lëtzebuergeschunterrecht an der Primärschoul soll de Schüler d'Méiglechkeet bidde sech méi intensiv mat hirer Éischtsprooch (Mammesprooch) oder enger vun hiren Éischtsproochen auserneenzesetzen. D'Schüler solle sech Kompetenzen uneegnen, déi hinnen hëllefe sollen, hir Welt z'erfaassen, z'uerdnen an ze gestalten. Den Unterrecht soll de Schüler och den Iwwergank zum Secondaire erliichteren an als wesentleche Bäitrag zur Allgemengbildung a Form vun Orientéierungs- an Handlungswëssen an der Sprooch, der Literatur an de Medien déngen. Dobäi sollen d'Schüler souwuel un hirem mëndlechen a schrëftleche Verstoen, wéi un hirer mëndlecher a schrëftlecher Produktioun schaffen, sou dass alle véier Kompetenzen ausgebaut a verdéift ginn.

Dëse Programm versicht vun de Kanner hire sproochleche Ressourcen, hirem Sproochwëssen an hire Sproocherfarungen, auszegoen. „E ressourcenorientéierte Bléck op d'Sproochen ass positiv: Dat, wat d'Kand u Sprooch a Sprooche matbréngt, gëtt als Ausgangspunkt geholl, fir nei Sproochen ze léieren, bzw. déi besteeënd Sproochen a säi Sproochwësse weiderzeentwéckelen“[12]. D'Léierpersonal vertraut op d'sproochlech Fäegkeete vun de

[12] MENFP: *Sproochlech Bildung am éischte Cycle. Deel 3 : Sprooch a Sproochen am éischte Cycle*. Lëtzebuerg, 2018. S. : 45.

Kanner an huet als Missioun, de Kanner Vertrauen an hir Fäegkeeten ze ginn. All Kand schafft also mat sengem eegene Basiswëssen a baut dëst Wësse mat der Hëllef vum Léierpersonal aus:

> „Säi Wuertschaz, dee bestänneg wiisst, an d'grammatesch Strukturen, déi hatt no an no erfaasst, hëllefen him, d'Welt ze verstoen, seng Virstellungen an Iddie matzedeelen an ze verdeedegen, Erfarungen ze beschreiwen an ze späicheren. Dëst féiert zu ëmmer méi komplexen Denkprozesser. D'Kand stellt vill Froen, fänkt un z'argumentéieren an d'Welt ënnert anerem an hire kausalen („*Firwat ginn d'Blummen duuschtereg?*") an temporalen Zesummenhäng („*Wéi ech méi kleng war, dunn ...*") z'erfaassen."[13]

Nieft dem Erschaffen an Ausbaue vu Wëssen a Kompetenze soll de Lëtzebuergeschunterrecht bei de Éischtsproochler och bewierken aus der Ëmgangssprooch Lëtzebuergesch eng Bildungssprooch ze maachen. Eng Sprooch, déi ufanks „duerch kuerz oder onvollstänneg Sätz, grammatesch einfach Strukturen an e manner ofwiesslungsräichen/ differenzéierte Wuertschaz [...] gepräägt ass"[14], soll zu enger Form vu Sprooch ginn, „déi a méi usprochsvolle Kommunikatiounssituatioune gebraucht gëtt, an deenen de gemeinsame Gespréichskontext net onbedéngt als Verstännegungsbasis ginn ass."[15] Deemno eng Sprooch, déi duerch laang, komplizéiert an ofwiesslungsräich Sätz, komplex grammatesch Strukturen an e groussen an differenzéierte Wuertschatz charakteriséiert gëtt. Doriwwer eraus soll de Lëtzebuergeschcours de Schüler d'Liewen an d'Kultur zu Lëtzebuerg, wéi och d'Traditioune méi no bréngen.

De Léierplang stellt also den Erwerb vu Wëssen a Kompetenzen an de Mëttelpunkt a wëll d'Kanner ze houfregen europäesche Bierger erzéien. D'Kanner sollen net nëmme Fakte léieren, mee si sollen och léieren dëst Wësse selbstänneg unzewennen. D'Kanner solle fir d'Liewen an net nëmme fir d'Schoul léieren.[16]

[13] MENFP: *Sproochlech Bildung am éischte Cycle. Deel 2 : D'Kand a seng Sprooch(en*). Lëtzebuerg, 2018. S. : 35.
[14] ibid. S.: 25.
[15] idem. S.: 25.
[16] Vgl. dozou : Schola Europaea : *Lehrplan Deutsch L1 – Primarstufe. AZ.: 2016-09-D-22-de-2 Orig.: DE*. https://www.eursc.eu/Syllabuses/2016-09-D-22-de-2.pdf (19.05.2019). S.: 4.

De Programm vum Lëtzebuergeschen als Éischtsprooch an der Grondschoul huet sech beim Opbau a beim Inhalt un de Programmer vun den L1-Sproochen aus dem europäesche Schoulsystem[17] an um Kompetenzraster fir d'Grondschoul[18] vum Ministère de l'Education inspiréiert. Deementspriechend geet de Programm fir d'éischt eng Kéier kuerz op den Inhalt, didaktesch Methoden an déi véier Haaptkompetenzen: Héierverstoen, Liesverstoen, mëndlech Produktioun a schréftlech Produktioun an, ier dann an engem zweete Punkt ee méi detailléierten Abléck op d'Léierziler geliwwert gëtt, déi zum Schluss vun de verschiddene Joergäng erreecht solle sinn. Uschléissend gëtt nach d'Evaluatioun thematiséiert an d'Léierpersonal erhält Informatiounen zum Opbau, der Matière an den Evaluatiounskritären.

2.1.1 Globalbeschreiwung. Allgemeng Informatiounen: Didaktik, Inhalt a Kompetenzen.

2.1.1.1 Inhalt

Beim Choix vum Inhalt vun den Unterrechtseenheete ginn dem Léierpersonal vill Fräiheete gelooss. Wichteg ass engersäits, dass d'Léierpersonal ressourcenorientéiert schafft a sou Sproocherfarungen a –kenntnesser vun de Schüler mat an den Unterrecht afléisse léisst. Dat, wat d'Kanner u Spoochkenntnesser matbréngen, gëtt als Ausgangspunkt geholl fir d'Wëssen an d'Kompetenze weider auszebauen a weiderzëentwéckelen.[19] Anerersäits ass et wichteg, dass d'Léierpersonal am Bléck behält, wat fir d'Bedierfnesser d'Kanner hunn a virun allem wat fir Kompetenzen a wat fir ee Basiswëssen zum Schluss vun der Grondschoul vun de Schüler verlaangt gëtt. D'Unterrechtsgestaltung muss also och bedierfnessorientéiert sinn a berécksiichtegen, wat d'Kanner brauche fir en onkomplizéierten Iwwergank an de Secondaire ze hunn. Wat d'Kanner sech méi fir en Thema interesséieren, wat si méi motivéiert sinn, fir sech an der Unterrechtssprooch auszedrécken a matzeschaffen. D'Interessi un den Themen an den Aktivitéite kënnen an héijem Mooss sproochförderlech sinn.[20]

[17] Vgl. dozou : Schola Europaea : *Lehrplan Deutsch L1 – Primarstufe. AZ.: 2016-09-D-22-de-2 Orig.: DE.* https://www.eursc.eu/Syllabuses/2016-09-D-22-de-2.pdf (19/05/2019).

[18] Vgl.dozou: MENFP: *Kompetenzraster und Entwicklungsstufen – Zyklen 1 bis 4*. Lëtzebuerg, 2011.

[19] Vgl. dozou : MENFP : *Sproochlech Bildung am éischte Cycle. Deel 3 : Sprooch a Sproochen am éischte Cycle*. Lëtzebuerg, 2018. S. : 45-46.

[20] Vgl. dozou : MENFP : *Sproochlech Bildung am éischte Cycle. Deel 3 : Sprooch a Sproochen am éischte Cycle*. Lëtzebuerg, 2018. S. : 47-49.

Fir d'Léierpersonal bei der Wiel vun den Themen an Inhalter z'ënnerstëtzen, hunn d'Aarbechtsgruppe vun den Europaschoule verschidde Kritäre festgehalen unhand deenen eng Auswiel getraff ka ginn:

- D'Relevanz vum Thema
- De Bezuch zur Liewenswelt
- D'Virléifte beim Liese vun de Schüler
- Sproochlech Qualitéit
- Beispillhaftegkeet fir e bestëmmt Textmuster
- Literaturgeschichtlech Bedeitung
- Eegnung fir fächeriwwergräifend Projeten
- Interkulturell Léierchancen

Dës Theme sollen dem Léierpersonal Ureizer bidden, et gëtt awer zu kengem Moment vun den Enseignantë verlaangt sech op dës Kritären ze baséieren.[21]

2.1.1.2 Didaktik

De Lëtzebuergeschunterrecht geet also vun den individuelle Viraussetzungen an Erfarunge vun de Kanner aus, fërdert a fuerdert d'Interesse vun de Schüler, liwwert nei Impulser an hëlleft de Kanner verschidde Léierstrategien z'entwéckelen. Nieft de sproochleche Kenntnesser sollen d'Schüler an der Primärschoul och didaktesch Methode bäibruecht kréien, wéi d'Eenzelaarbecht (Eenzelaufgaben, Wocheplang, Statiounsaarbecht, asw.), d'Partneraarbecht mat transparenter Aarbechtsopdeelung (Statiounsaarbecht, Lerntempo-Duett, asw.) an d'Gruppenaarbecht mat transparenter Aarbechtsopdeelung (Statiounsaarbecht, Lieskonferenz, Schreifkonferenz, asw.).

2.1.1.3 Kompetenzen

An der Primärschoul schaffen d'Kanner un hire 4 Basiskompetenzen (Héierverstoen, Liesverstoen, mëndlechen Ausdrock a schréftlechen Ausdrock), sou dass d'Schüler zum Schluss vun der P5 e gewëssene sproochlechen Niveau an den ënnerschiddleche

[21] Vgl. dozou : Schola Europaea : *Lehrplan Deutsch L1 – Primarstufe. AZ.: 2016-09-D-22-de-2 Orig.: DE*. https://www.eursc.eu/Syllabuses/2016-09-D-22-de-2.pdf (19/05/2019). S.: 19.

Kompetenzen hunn a virun allem och fir si op d'Kommunikatioun am Alldag an an der Beruffswelt virzebereeden. Doriwwer eraus soll hinnen den Iwwergank vum Primär an de Secondaire esou einfach wéi méiglech gemaach ginn. An dësem Kapitel ginn déi véier Basiskompetenzen eng Kéier kuerz ugeschwat an erkläert, ier an engem nächste Schratt d'Léierziler genee beschriwwe ginn, déi d'Schüler zum Enn vun all Schouljoer erreecht sollen hunn.

2.1.1.3.1 Mëndlech Produktioun an Héierverstoen

Den Unterrecht an der Primärschoul ass staark vum Schwätzen a Lauschtere gepräägt. Dofir stinn am Lëtzebuergeschunterrecht d'mëndlech Produktioun an d'Héierverstoen am Virdergrond. D'Schüler solle léiere sech korrekt op Lëtzebuergesch auszedrécken a sech un d'Regele vun der Kommunikatioun ze halen. Si léieren neie Vocabulaire aus diverse Beräicher kennen. Zousätzlech léiere si, wéi een sech héiflech ausdréckt an op wat ee beim Féiere vun Dialogen oppasse muss.

Zum Schluss vun der P5 sollen d'Schüler an der Lag sinn hir Gedanken a Gefiller auszedrécken, Äusserungen hirem Géigeniwwer oder der Situatioun no unzepassen, opmierksam a genee nozelauschteren, Matdeelunge vun aneren ze verstoen an sech domadder konstruktiv auserneenzesetzen.
Si sollen also:

- Gespréicher verstoen
- Gespréicher féieren
- virun oder mat Leit schwätzen
- zeenesch spillen
- iwwer Erfarunge schwätzen
- Wierder a Sätz ënnersichen
- Wierder- a Sazstrukturen ënnersichen
- Gemeinsamkeeten an Ënnerscheeder vu Sproochen ënnersichen[22]
- Lëtzebuergesch Héierspiller, Lidder a Gedichter kennen
- kreativ zielen

[22] Vgl. dozou : Schola Europaea : *Lehrplan Deutsch L1 – Primarstufe. AZ.: 2016-09-D-22-de-2 Orig.: DE*. https://www.eursc.eu/Syllabuses/2016-09-D-22-de-2.pdf (19/05/2019). S.: 9+11.

2.1.1.3.2 Liesverstoen

An der Primärschoul sollen d'Schüler fir d'éischt emol liese léieren, mee si sollen zousätzlech och déi verschidde Forme vu Liese kenneléieren (selektiivt, informéirend, interpretéirend, kritescht Liesen, asw.). D'Kanner solle léieren, dass d'Liese Wësse vermëttelt, d'Ausernanersetzung mat der Welt erméiglecht a Freed bereede kann. D'Enseignantë sollen d'Schüler dobäi ënnerstëtzen e Liesinteressi, eng Liesbereetschaft, eng Liesfertegkeet a sënnverstoend Liesen z'entwéckelen. D'Schüler solle verschidden Textzorte kenneléieren a sech mat de Medie beschäftegen. Dobäi solle si och de sécheren Ëmgank mat de Medie léieren. D'Schüler sollen deementspriechend zum Schluss vun de fënnef Joer Primärschoul an der Lag sinn, dem Alter entspriechend, Texter mat enger gewëssener Fluiditéit ze liesen, den Inhalt vun Texter z'erschléissen an ze presentéieren an ënnerschiddlech Liesfertegkeeten, Liesstrategien a Lieserfarunge benotzen ze kënnen.[23]

2.1.1.3.3 Schreiwen

D'Schreiwe gehéiert zum Erwerb vun enger Sprooch dozou, dës Kompetenz soll am Lëtzebuergeschunterrecht awer nëmmen niewebäi behandelt ginn an dat aus zwee wesentleche Grënn. Engersäits fir d'Kanner net z'iwwerfuerderen. An der Primärschoul gi si an hirer L1 alphabetiséiert. D'Schüler léieren d'Schreiwen also schonn an enger anerer Sprooch a sollen net mam Fait konfrontéiert ginn, d'Schrëftsprooch an zwou verschiddene Sproochen ze léieren. Zweetens ass d'lëtzebuergesch Sprooch an der Gesellschaft virun allem eng geschwate Sprooch. Mir benotze se am Alldag fir mat Leit ze kommunizéieren a fir eis auszedrécken a sou sti virun allem déi mëndlech Produktioun an d'Héierverstoe beim Léiere vum Lëtzebuergeschen am Virdergrond.

Wann d'schrëftlech Produktioun am Primär zweetrangeg an „d'Beherrsche vun der Orthographie keen direkt Léierzil ass, esou ass et awer evident, datt d'Schülerinnen an d'Schüler an de Léierwierker mat enger bestëmmter Rechtschreiwung a Kontakt kommen."[24] D'Lëtzebuergesch huet an de leschten zwanzeg Joer en Opschwong an der geschriwwener

[23] Vgl. dozou : Schola Europaea : *Lehrplan Deutsch L1 – Primarstufe. AZ.: 2016-09-D-22-de-2 Orig.: DE*. https://www.eursc.eu/Syllabuses/2016-09-D-22-de-2.pdf (19/05/2019). S.: 11.

[24] MENFP*: Sproochlech Bildung am éischte Cycle. Deel 1 : Sprooch a Sproochen zu Lëtzebuerg*. Lëtzebuerg, 2018. S. :24.

Kommunikatioun erlieft. Sou gëtt an den digitale Medien (RTL, Lëtzebuerger Wort, asw.) ëmmer méi oft op d'lëtzebuergesch Sprooch als Schrëftsprooch zeréckgegraff an och beim Verschécke vun SMSen oder beim Schreiwen op sozialen Netzwierker ass de Gebrauch vum Lëtzebuergesche geklommen.[25]

D'Schreiwe vum Lëtzebuergeschen ass am Primär deementspriechend fakultativ a ka mat Moossen a bei Nofro vun de Kanner am Unterrecht vum Léierpersonal thematiséiert a behandelt ginn.[26] Genee wéi beim Inhalt vun den Unterrechtseenheeten ass den Enseignanten hei eng Flexibilitéit gelooss. Si kënnen op d'Interesse vun de Kanner agoen a solle just oppassen, dass et zu kengem Moment zu enger Iwwerfuerderung kënnt. Beim Bewäerte vun de Schüler soll d'Kompetenz „Schreiwen" net mat afléissen, well och wann d'Schreiwen zu Lëtzebuerg u Stellewäert gewonnen huet, sinn et virun allem déi mëndlech Produktioun an d'Héierverstoen, déi relevant sinn.

2.1.2 Detailléiert Léierziler

An dësem Kapitel ginn d'Léierziler opgelëscht, déi zum Schluss vun all Joergank erreecht solle ginn. Dës Léierziler ëmfaasse Wëssen, Kompetenzen a Verhalensweisen, déi dem Alter, dem Niveau an den ënnerschiddleche Kontexter ugepasst sinn. Si sollen de Schüler hëllefe Strategië fir d'Léise vu Problemer auszeschaffen a si zum kriteschen Denke motivéieren. D'Léierziler sinn a véier Haaptpunkte geglidder: Mëndlech Produktioun, Héierverstoen, Liesverstoen a grammatesch Inhalter.

2.1.2.1 Detailléiert Léierziler fir d'P1

	Mëndlech Produktioun
Matenee Schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech u kuerze Gespréicher iwwer hinne vertrauten Themen ze bedeelegen. Si formuléiere kuerz Sätz an hale sech beim Schwätzen un d'Thema. - d'Wuert z'ergräifen an op Aussoen ze reagéieren. - zousätzlech Informatiounen ze froen.

[25] Vgl.dozou: GILLES, P.: *Jugendsprachliche Schriftlichkeit auf Luxemburgisch in den Neuen Medien*. Aus: BERG, C.; KERGER, L.; MILMEISTER, M. (Hrsg.): *Savoirs et engagements. Hommage à Georges Wirtgen*. Lëtzebuerg, Éditions Phi, 2009. S.: 166-175.

[26] Vill Kanner léieren an deem Alter besser, wa si e Wuert schreiwen (visuellt Léieren), anerer wëlle richteg schreiwe léieren.

	- nozefroen, falls si eppes net verstinn. - wäertschätzend a konstruktiv Réckmeldungen zu de Bäiträg vun anere Persounen ze ginn.
Virun engem Publikum schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - de passende Vocabulaire ze benotze fir Géigestänn an der Schoul an doheem ze benennen. - e bekannt Thema, op dat si sech am Viraus virbereet hunn, kuerz virun der Klass virzestellen. - eng Geschicht, déi an der Klass preparéiert gouf, erëmzeginn. - vun eegenen Erfarungen an Erliefnesser z'erzielen, Erliefnesser ze beschreiwen an ze presentéieren. - raimlech Relatiounen ze formuléieren. - zäitlech Relatiounen auszedrécken.
Nonverbal Kommunikatioun	D'Schüler sinn an der Lag: - verständlech (passend Lautstäerkt, Tempo a Pausen) ze schwätzen. - mat nonverbalen Zeechen ze weisen, dass si enger Persoun nolauschteren. - Verstoen oder Net-Verstoen zum Ausdrock ze bréngen (verbal oder gestesch-mimesch)
Kommunikatiounsregelen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech aktiv u Gespréicher ze bedeelegen an d'Gespréichsregelen anzehalen. - der Situatioun entspriechend ze schwätzen (e Gefalen ze froen, Uweisungen op Lëtzebuergesch ze verstoen, sech z'entschëllegen, Merci ze soen). - sech un d'Héiflechkeetsregelen ze halen (d'Wuert ze froen, hiren Tour ofzewaarden, déi aner net z'ënnerbriechen, nozelauschteren, ...)
Op d'Form oppassen (Ausdrock, Grammatik, Wuertschatz)	D'Schüler sinn an der Lag: - beim fräie Schwätze grondleeënd sproochlech Ausdrocksmëttel richteg anzesetzen an nëmme wéineg Feeler ze maachen, déi d'Verstoen erschwéieren.
Texter zeenesch duerstellen	D'Schüler sinn an der Lag...: - an der Klass eng kuerz Geschicht z'erzielen oder nozespillen, och wann emol heiansdo eenzel Elementer vergiess ginn. - kuerz Gedichter a Versen auswenneg virzedroen. - kuerz Zeene mat wéineg Text nozespillen.

	Héierverstoen
Säi Gespréichspartner verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - enger Persoun opmierksam nozelauschteren. - roueg nozelauschtere bis si d'Wuert hunn, deenen aneren nozelauschteren an hir Aussoen ze berécksiichtegen. - dat Wesentlecht vun enger Diskussioun ze verstoen, wann et sech dobäi ëm eng an der Klass behandelt Situatioun handelt
En Héiertext verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - déi wesentlech Informatioune vu Messagen ze verstoen, wann dës kloer an a geleefeger Sprooch ausgedréckt ginn. - einfach a kuerz Texter ënnerschiddlecher Aart (sachlech oder literaresch) ze verstoen, wann de Kontext virum Nolauschtere gekläert gouf an d'Texter kloer artikuléiert ginn. - Extraiten aus Kannerbicher ze verstoen, wann se haart virgelies ginn
Héierstrategien an –techniken benotzen	D'Schüler sinn an der Lag: - den Tounfall, de Rhythmus, d'Lautstäerkt, den Akzent an d'nonverbal Sprooch ze berécksiichtege fir de Sënn vun engem Saz oder enger Geschicht selbstänneg ofzeleeden. - Elementer, déi den Text begleeden, ze benotzen an z'interpretéieren (Kontext, Hannergrondgeräischer, Musek, asw.)
D'Informatiounen an engem Text fannen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - unhand vu kloren Angaben Informatiounen aus engem Héierverstoen erauszeschaffen. - Haaptelementer ervirzehiewen

	Liesverstoen
Schrëftsproochlech Zeechen erkennen a benotzen	D'Schüler sinn an der Lag: - alleguerten d'Buschtawe vum Alphabet z'erkennen. - Reimer z'erkennen.
Ënnerschiddlech Texter liesen	D'Schüler sinn an der Lag: - eenzel Wierder z'erkennen an haart virzeliesen.

	Grammatesch Inhalter
Wuert	D'Schüler kennen: - d'Alphabet an d'Buschtawen. - d'Groussschreiwung bei Nimm a wann de Saz ufänkt.
Saz	D'Schüler kennen: - den einfache Sazbau. - de Punkt. - D'Fro.
Text, Textform, Textdeel	D'Schüler kennen: - verschidden Texter, Textformen an Textdeeler (Billerbuch, Billergeschicht, Comic, Gedicht, Héierspill, Lidd, Lëschten, Märercher, Reimer, Strophen, Titelen, Iwwerschrëften an Zeilen.).

2.1.2.2 Detailléiert Léierziler fir d'P2

	Mëndlech Produktioun
Matenee Schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech u Gespréicher ze bedeelegen, dären Themen an der Klass virbereet a behandelt goufen. Sou laang si keng laang a komplizéiert Äntwerte liwwere mussen. - d'Wuert z'ergräifen an op Aussoen ze reagéieren. - nozefroen, falls si eppes net verstinn. - sech aktiv u Gespréicher ze bedeelegen.
Virun engem Publikum schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - hir Gedanken a Gefiller auszedrécken. - hir Meenung auszedrécken. - vun eegenen Erfarungen an Erliefnesser z'erzielen. - kuerz Gedichter a Versen auswenneg virzedroen. - Sachverhalter aus der Liewenswelt verständlech ze beschreiwen. - Erliefnesser ze presentéieren. - wäertschätzend a konstruktiv Réckmeldungen zu de Bäiträg vun anere Persounen ze ginn. - en Héiertext an eegene Wierder erëmzeginn.
Nonverbal Kommunikatioun	D'Schüler sinn an der Lag: - verständlech (passend Lautstäerkt, Tempo a Pausen) ze schwätzen. - mat nonverbalen Zeechen ze weisen, dass si enger Persoun nolauschteren. - Verstoen oder Net-Verstoen zum Ausdrock ze bréngen (verbal oder gestesch-mimesch)

Kommunikatiounsregelen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech aktiv u Gespréicher ze bedeelegen an d'Gespréichsregelen anzehalen. - Uweisungen ze verstoen. - der Situatioun entspriechend ze schwätzen (e Gefalen ze froen, Uweisungen op Lëtzebuergesch ze verstoen, sech z'entschëllegen, Merci ze soen). - sech un d'Héiflechkeetsregelen ze halen (d'Wuert ze froen, hiren Tour ofzewaarden, déi aner net z'ënnerbriechen, nozelauschteren, ...)
Op d'Form oppassen (Ausdrock, Grammatik, Wuertschatz)	D'Schüler sinn an der Lag: - sech a vertraute Situatiounen a beim Schwätzen iwwer bekannt Theme wäitgoend verständlech auszedrécken, an deem si op en erweiderte Repertoire vu gängegen Ausdréck, Riedmëttel a Sazstrukturen zeréckgräifen. - Riedmëttel (Sazufäng, Konjunktiounen,...) richteg ze benotzen.
Texter zeenesch duerstellen	D'Schüler sinn an der Lag: - Geschichten, mat der Hëllef vu präzisen Uweisungen (z.B.: Biller) z'erfannen an z'erzielen an d'Geschichten a Rollespiller erëmzeginn. - Rolle mat wéineg Text oder kuerz Sequenze virzespillen.

	Héierverstoen
Säi Gespréichspartner verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - enger Persoun opmierksam nozelauschteren. - roueg nozelauschtere bis si d'Wuert hunn, deenen aneren nozelauschteren an hir Aussoen ze berécksiichtegen. - dat Wesentlecht vun enger Diskussioun ze verstoen, an deem ënnerschiddlech Themen ugeschwat ginn. - e kuerzt Gespréich konzentréiert ze verfollegen.
En Héiertext verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - d'Thema an déi wichtegst Informatioune vu kuerzen audiovisuelle Sequenzen ze verstoen, sou laang lues an däitlech geschwat gëtt an et sech ëm e vertraut Thema handelt.
Héierstrategien an –techniken benotzen	D'Schüler sinn an der Lag: - den Tounfall, de Rhythmus, d'Lautstäerkt, den Akzent an d'nonverbal Sprooch ze berécksiichtege fir de Sënn vun engem Saz oder enger Geschicht selbstänneg ofzeleeden.

	- an engem kuerzen an einfachen Héiertext Bedeitungen unhand vum Kontext ze klären.
D'Informatiounen an engem Text fannen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - e puer Informatiounen, déi an engem Héiertext erwäänt ginn, genee z'ermëttelen. - en Héiertext an eegene Wierder erëmzeginn. - d'Haaptinformatioune vun engem Héiertext (Personnagen, Zäit, Plaz, Evenementer, ...) auszeschaffen an ze beschreiwen.
Héiertexter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - tëscht Realitéit a Fiktioun an tëscht Monolog an Dialog z'ënnerscheeden. - hir Meenung zu engem Héiertext auszedrécken.

	Liesverstoen
Schrëftsproochlech Zeechen erkennen a benotzen	D'Schüler sinn an der Lag: - alleguerten d'Buschtawe vum Alphabet z'erkennen. - Reimer z'ermëttelen.
Ënnerschiddlech Texter liesen	D'Schüler sinn an der Lag: - haart virzeliesen a kuerz Message mat einfachem Inhalt ze verstoen, déi sech op hiren Alldag bezéien. - mat engem Buch ëmzegoen an déi sozial Verwendungszwecker vun der Schrëft a verschiddene Kontexter (Informatioun, Bericht, asw.) z'entdecken.
Liesstrategien an –technike mobiliséieren	D'Schüler sinn an der Lag: - Wierder ze glidderen a kuerz Wierder op ee Bléck z'erfaassen. - d'Iwwerschrëft ze liesen, den Ufank vum Text ze lauschteren, sech Biller unzekucken an dann Viraussoen zum Text ze maachen. - Biller, Symboler an Iwwerschrëften zur Orientéierung ze notzen an hir Lieserwaardungen ze formuléieren - a kuerzen Texter geziilt Informatiounen (W-Froen) ze fannen an den Text an eegene Wierder erëmzeginn. - bei Verständnesfroen nozefroen
D'Informatiounen an engem Text ermëttelen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - d'Haaptinformatiounen aus engem Text (Haaptpersoun, Plaz, Zäit, ...) an engem z'erkennen an ze bestëmmen. - zentral Messagë vun eenzelen Textdeeler z'erkennen a se mëndlech a Form vu méiglechen Iwwerschrëften erëmzeginn.

Texter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - hir perséinlech Meenung zu Texter erëmzeginn an dës an eegene Wierder ze resuméieren.

	Grammatesch Inhalter
Wuert	D'Schüler kennen: - d'Alphabet an d'Buschtawen. - d'Wuertaarten. - den Ënnerscheed tëscht Grouss- a Klengschreiwung.
Saz	D'Schüler kennen: - den einfachen affirmative Sazbau. - de Punkt. - d'Fro
Text, Textform, Textdeel	D'Schüler kennen...: - verschidden Texter, Textformen an Textdeeler (Billerbuch, Billergeschicht, Comic, Gedicht, Héierbuch, Héierspill, Kannerbuch, Kannerlexikon, Lidd, Lëschten, Märercher, Sachbuch, Reimer, Strophen, Titelen, Iwwerschrëften, Wierderbicher, Zeilen an Zäitschrëften.).

2.1.2.3 Detailléiert Léierziler fir d'P3

	Mëndlech Produktioun
Matenee Schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech u Gespréicher zu bekannten Themen ze bedeelegen a selwer Froen ze stellen an ze formuléieren. - sech aktiv u Gespréicher iwwer aktuell Theme mat enger Grupp vu Leit ze bedeelegen. - op eng Ausso ze reagéieren an e Standpunkt mat anzebréngen - seng Meenung zu Gehéiertem ze begrënnen a Stellung zu der Meenung vun Aneren ze huelen. - W-Froen ze beäntweren - W-Froen ze berécksiichtegen an dorop baséierend z'erzielen a säin eegent Uleies virzedroen
Virun engem Publikum schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - en Evenement oder eng Erfarung (doheem oder an der Schoul) op eng spontan, flësseg a strukturéiert Aart a Weis ze beschreiwen. - een am Unterrecht behandelt Thema virzestellen - Gedichter auswenneg a sënngestaltend virzedroen

	- Erliefnesser aus der Welt auszewielen a se fir Erzielungen an Erklärungen ze benotzen. - Erliefnesser ze presentéieren a kuerz Referater ze halen.
Nonverbal Kommunikatioun	D'Schüler sinn an der Lag: - mat der Mimik a Gestik hir Aussoen z'ënnersträichen oder en Net-Verstoen z'äusseren. - mat nonverbalen Zeechen ze weisen, dass si enger Persoun nolauschteren.
Kommunikatiounsregelen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech un d'Héiflechkeetsregelen ze halen (d'Wuert ze froen, hiren Tour ofzewaarden, déi aner net z'ënnerbriechen, nozelauschteren, ...) - elementar an zesummen entwéckelt Gespréichsregelen anzehalen, anerer un d'Regelen z'erënneren a récksiichtsvoll Gespréichsverhalen ze weisen. - sech a Gespréicher wäertschätzend an der Situatioun ugepasst z'äusseren. - d'Wuert z'ergräifen an op Aussoen ze reagéieren. - wäertschätzend a konstruktiv Réckmeldungen zu de Bäiträg vun anere Persounen ze ginn.
Op d'Form oppassen (Ausdrock, Grammatik, Wuertschatz)	D'Schüler sinn an der Lag: - beim fräie Schwätzen nëmme wéineg Feeler ze maachen a grondleeënd sproochlech Mëttelen op eng korrekt Manéier ze benotzen. - komplex Sätz ze benotzen (Konjunktioune mat « mee » oder « an », temporal Konjunktiounen a kausal Konjunktiounen) - artikuléiert ze schwätzen a sech un der Standardsprooch z'orientéieren. - der Funktioun entspriechend ze schwätzen (informéieren, luewen, erzielen, argumentéieren, froen, …) - geziilt sproochlech Mëttel ze benotzen (z.B. : Wuertschatz, Fachsprooch, Intonatioun, Kierpersprooch, asw.)
Texter zeenesch duerstellen	D'Schüler sinn an der Lag: - an der Klass behandelt oder bekannten Erziel- a Spillmodeller ze benotzen an eng Geschicht op eng kohärent Manéier z'erzielen oder nozespillen. - sech an d'Roll vun enger Figur ze versetzen a se mat theatraleschen Ausdrocksmëttelen ze gestalten (Mimik, Gestik, Stëmm, …)

	Héierverstoen
Säi Gespréichspartner verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - roueg nozelauschtere bis se d'Wuert hunn, deenen aneren nozelauschteren an hir Aussoen ze berécksiichtegen. - den Aussoe vun engem Gespréichspartner d'Thema an déi wesentlech Informatiounen z'enthuelen. - eendeiteg Absichte vun hire Gespréichspartner ze verstoen.
En Héiertext verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - déi wesentlech Informatiounen aus Radio- a Tëleesemissiounen, déi se interesséieren, ze verstoen. - déi wesentlech Informatiounen aus engem Héiertext (Spriecher, Zilgrupp, Kontext, Absicht) erauszeschaffen an ze rekonstruéieren
Héierstrategien an –techniken benotzen	D'Schüler sinn an der Lag: - op komplex Verständnesstrategien (Notzung vum Kontext, Deite vum Tounfall a vum Riedfloss) zeréckzegräifen a sech verschiddenen Héiertextzorten unzepassen. - dat Gehéiert a Form vun Notize festhalen.
D'Informatiounen an engem Text fannen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - implizit Inhalter vu Gespréicher (z. B. : Haltung a Standpunkt vum Spriecher) wouerzehuelen, wann dës sech mat engem alldeeglechen Thema befaassen. - ëmfangräich Inhalter an Informatiounen aus engem Héiertext z'enthuelen. - geziilt nozefroen (Erklärungen, Beispiller, Hannergrënn, ...)
Héiertexter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - hir Meenung op eng nuancéiert an der Situatioun ugepassten Aart z'äusseren. - déi charakteristesch Mierkmoler vu verschiddenen Héiertexter (Interview, Erzielung, Werbung,…) erauszeschaffen.

	Liesverstoen
Ënnerschiddlech Texter liesen	D'Schüler sinn an der Lag: - kuerz a kloer gegliddert Texter, déi an einfacher Sprooch a ganz geleefege Wierder geschriwwe sinn, ze verstoen, och wa se eng gewëssen Zäit dofir brauchen.

	- en Text mat einfachem a bekanntem Vocabulaire an enger passender Vitesse lues ze liesen an hiert allgemengt Verständnes duerch d'Beäntwere vu Froen ënner Beweis ze stellen. - Texter, déi hirem Alter entspriechen, flësseg, sënnbetount an ouni Feeler ze liesen.
Liesstrategien an –technike mobiliséieren	D'Schüler sinn an der Lag: - onverstanen Textstellen ze verstoen, an deem se op de Kontext zeréckgräifen. - textbegleedend Elementer (Titel, Layout, Illustratiounen,asw.) ze benotzen an ze deiten. - Wierder op e Bléck z'erfaassen an zeileniwwergräifend ze liesen. - zentral Aussoe vun Texter z'erfaassen a se zesummefaassend erëmzeginn (Stéchwierder, Inhaltsangab, asw.) - Verständneshëllefen ze benotzen : nofroen, Wierder noschloen, Texter zerleeën. - sech mat handelnen Texter auserneenzesetzen (z.B. : inzeenéieren, illustréieren, ëmgestalten) - eege Gedanken a Virstellungsbiller zu Texter z'entwéckelen a sech mat aneren driwwer auszetauschen. - Stellung zu den Handlungen a Gedanken/Gefiller vu Figuren an Texter ze huelen.
D'Informatiounen an engem Text ermëttelen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - Haaptelementer an enger kuerzer Geschicht, den Oflaf a wichteg Eenzelelementer z'identifizéieren. - W-Froen ze beäntweren. - déi wesentlech Informatiounen an d'Haaptthema vun engem Text erauszeschaffen a mëndlech erëmzeginn. - Wierker aus der Kanner- a Jugendliteratur ze beschreiwen : Auteur, Auteurin, Figuren, Handlungen, asw.
Texter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - de Kontext vun enger Geschicht erauszeschaffen. Si bestëmmen a beschreiwen sou zum Beispill d'Figuren a Plazen aus enger Geschicht. - tëscht Sach- a Gebrauchstexter (Lexikonartikel, Bericht, Beschreiwung) an diskontinuéierlech Texter (Tabellen an Diagrammer) z'ënnerscheeden. - ënnerschiddlech Forme vun der Matdeelung vu Lieserfarungen ze notzen (Liestagebuch). - zu Themen an Aufgaben a verschiddenen analogen an digitale Medien ze recherchéieren.

	- schoulesch an ausserschoulesch Virschléi ze notze fir Texter a Bicher nom Interessi auszewielen - Texter a Gedichter flësseg a sënngestaltend virzedroen. - Lidder a Gedichter auswenneg a sënngestaltend virzedroen - Bicher virzestellen an hir Auswiel ze begrënnen

	Grammatesch Inhalter
Wuert	D'Schüler kennen: - den Ënnerscheed tëscht bestëmmten an onbestëmmten Artikel. - d'Steigerungsforme vun den Adjektiven (Grondform, Komparativ a Superlativ). - de Singular a Plural vun den Nomen. - d'Pronomen. - déi ënnerschiddlech Verbzorten : Verb, Modalverb an Hëllefsverb. - déi verschidden Zäitformen : Infinitiv, Present, Imperfekt a Passé Composé. - Termen, wéi Wuertfamill, Wuertstamm, Wuertbausteen a Wuertfeld.
Saz	D'Schüler kennen: - Sazzeechen : Komma, Ausruffzeechen, Fragezeichen, Doppelpunkt a Riedzeechen. - Sazaarten : affirmative Saz, Fro, Uerder. - Sazglidder : Sujet, Objet, Predikat.
Text, Textform, Textdeel	D'Schüler kennen: - verschidden Texter, Textformen an Textdeeler: Uleedung, Beschreiwung, Erzielung, Fabel, Geschicht, Inhaltsverzeechnes, Kapitel, Kannersendungen, Radiossendungen, Tëleessendungen, Liesbegleetheft, Liestagebuch, Lexikon, Lexikonartikel, (Stad-, Zäit-, Horaire) Plang, roude Fuedem, Sachtext, Steckbréif, Virtrag.

2.1.2.4 Detailléiert Léierziler fir d'P4

	Mëndlech Produktioun
Matenee Schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech an enger gewinnte Situatioun, bei där einfach an direkt Informatiounen ausgetosch ginn, fléissend an ouni Problemer auszedrécken. - sech ze behaapten an hire Standpunkt ervirzebréngen an ze begrënnen - Konflikter mat anere Leit ze beschwätzen an ze léisen. - sech a Gespréicher der Situatioun entspriechend a wäertschätzend z'äusseren. - hir Meenung zu Gehéiertem ze begrënnen a Stellung zu der Meenung vun aneren ze huelen
Virun engem Publikum schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - en nei ausgeschafftent Thema (mat Hëllef vu Mierkblieder oder Spéckziedelen) op eng verständlech Aart a Weis virzestellen. - vu perséinlechen Erfarungen ze schwätzen an dobäi d'chronologesch Reiefolleg vun den Evenementer an Handlungen ze berécksiichtegen. - e villsäitegen an ugepasste Vocabulaire ze benotzen - Sachverhalter aus der Liewenswelt auszewielen a se fir d'Erzielung oder d'Erklärung ze benotzen. - Liewenserliefnesser ze presentéieren a kuerz Referater ze halen.
Nonverbal Kommunikatioun	D'Schüler sinn an der Lag: - mat der Mimik a Gestik hir Aussoen z'ënnersträichen oder en Net-Verstoen z'äusseren. - mat nonverbalen Zeechen ze weisen, dass si enger Persoun nolauschteren.
Kommunikatiounsregelen	D'Schüler sinn an der Lag: - roueg nozelauschtere bis se d'Wuert hunn, deenen aneren nozelauschteren an hir Aussoen ze berécksiichtegen. - d'Wuert z'ergräifen an op Aussoen ze reagéieren. - sech un d'Héiflechkeetsregelen ze halen. (Wuert froen, säin Tour ofwaarden, déi aner net ënnerbriechen, nolauschteren,…) - elementar an zesummen entwéckelt Gespréichsregelen anzehalen an aner un d'Regelen z'erënneren. - wäertschätzend a konstruktiv Réckmeldungen zu de Bäiträg vun anere Persounen ze ginn.

Op d'Form oppassen (Ausdrock, Grammatik, Wuertschatz)	D'Schüler sinn an der Lag: - sech wäitgoend verständlech ze maachen, wann et sech ëm vertraut Situatiounen a bekannt Themen handelt. - op en erweiderte Repertoire u gängege Riedmëttel a Sazstrukturen zeréckzegräifen. - artikuléiert ze schwätzen a sech un der Standardsprooch z'orientéieren. - funktiounsgeméiss ze schwätzen (informéieren, luewen, erzielen, argumentéieren, froen, …) - geziilt sproochlech Mëttel ze benotzen (z.B. : Wuertschatz, Fachsprooch, Intonatioun, Kierpersprooch,…) - W-Froen ze berécksiichtegen an dorop baséierend z'erzielen an hiert eegent Uleies virzedroen
Texter zeenesch duerstellen	D'Schüler sinn an der Lag: - kuerz Sketcher fräi nozespillen an éischt Unzeeche vun engem perséinleche kreative Bäitrag mat anzebauen. - sech an d'Roll vun enger Figur ze versetzen a se mat theatraleschen Ausdrocksmëttelen ze gestalten (Mimik, Gestik, Stëmm,…)

	Héierverstoen
Säi Gespréichspartner verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - e Gespréichsverlaf nozevollzéien, eenzel Iddien ze verstoen an ze vergläichen an hir Opmierksamkeet déi gesamt Zäit beim Gespréich ze behalen.
En Héiertext verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - detailléiert an nuancéiert Informatiounen z'erfaassen a komplex Angaben ze veraarbechten.
Héierstrategien an –techniken benotzen	D'Schüler sinn an der Lag: - d'Opmierksamkeet op déi wichteg Elementer ze lenken a geziilt Froen ze stellen. - Notizen z'erstelle fir dat Gehéiert festzehalen. - audiovisuellt Material ze verschaffen (z.B. : e Film kucken an déi wichteg Evenementer erëmzeginn)
D'Informatiounen an engem Text fannen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - verschidden explizit an implizit Informatiounen, déi mat hiren Erfarungen an hirem Wësse verbonne sinn, z'ermëttelen a se op eng strukturéiert Aart a Weis virzestellen. - ëmfangräich Inhalter an Informatioune fir d'Beaarbechtung vun Héieropträg z'enthuelen

	- geziilt nozefroen (Erklärungen, Beispiller, Hannergrënn, …)
Héiertexter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - implizit Inhalter auszeschaffen a se ze beuerteelen.

	Liesverstoen
Ënnerschiddlech Texter liesen	D'Schüler sinn an der Lag: - Texter, déi aus e puer Abschnitter bestinn, ze liesen an ze verstoen, virun allem wann et sech ëm literaresch Texter, wéi Erzielungen, Märercher a Fabelen handelt. - Texter, déi hirem Alter entspriechen, flësseg, sënnbetount an ouni Feeler ze liesen.
Liesstrategien an –technike mobiliséieren	D'Schüler sinn an der Lag: - wichteg Textpassagen ze markéieren. - Wierder op e Bléck z'erfaassen an zeileniwwergräifend ze liesen. - Strategië fir d'Orientéierung an Texter (z.B. : detailléiert Liesen, selektiivt Liesen, iwwerfléien, markéieren, asw.) ze notzen an Hypotheesen ze bilden - zentral Aussoe vun Texter z'erfaassen se zesummefaassend erëmzeginn (Stéchwierder, Inhaltsangab, asw.) - Verständneshëllefen unzewenden : nofroen, Wierder noschloen, Texter zerleeën. - sech mat Texter auserneenzesetzen (z.B. : inzeenéieren, illustréieren, ëmgestalten) - eege Gedanken a Virstellungsbiller zu Texter z'entwéckelen a sech mat aneren driwwer auszetauschen. - Stellung zu den Handlungen a Gedanken/Gefiller vu Figuren an Texter ze huelen. - Billergeschichte kucken a Sätz maachen. - Geschichte liesen a se fäerdeg zielen (oder schreiwen).
D'Informatiounen an engem Text ermëttelen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - explizit formuléiert Informatiounen an engem Text mat konkretem, mee wéineg geleefegem Thema ze fannen. - Wierker aus der Kanner- a Jugendliteratur ze beschreiwen : Auteur, Auteurin, Figuren, Handlungen, …

Texter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - Charakterzich, d'Absichten an Gefiller vun den Haaptfiguren aus enger Geschicht ze deiten, dobäi gräifen se fir d'Rechtfäerdegung op genee Beispiller aus dem Text zeréck. - Erzieltexter, lyresch an zeenesch Texter z'ënnerscheeden an iwwer hir Wierkung ze schwätzen. - tëscht Sach- a Gebrauchstexter (Lexikonartikel, Bericht, Beschreiwung) z'ënnerscheeden. - ënnerschiddlech Forme vun der Matdeelung vu Lieserfarungen ze notzen (Liestagebuch). - bewosst an zilorientéiert verschidden analog an digital Medien ze notzen. - zu Themen an Aufgaben a verschiddenen analogen an digitale Medien ze recherchéieren. - schoulesch an ausserschoulesch Virschléi ze notze fir Texter a Bicher nom Interessi auszewielen - Texter flësseg a sënngestaltend virzedroen. - Interviewen an Theaterstécker virzeliesen a virzestellen. - Bicher virzestellen an hir Auswiel ze begrënnen.

	Grammatesch Inhalter
Wuert	D'Schüler kennen: - den Ënnerscheed tëscht bestëmmten an onbestëmmten Artikel. - d'Steigerungsforme vun den Adjektiven (Grondform, Komparativ a Superlativ). - de Singular a Plural vun den Nomen, souwéi déi verschidde Kasusformen : Nominativ, Dativ an Akkusativ). - d'Pronomen. - déi ënnerschiddlech Verbzorten : Verb, Modalverb an Hëllefsverb. - déi verschidden Zäitformen : Infinitiv, Present, Imperfekt a Passé Composé. - Termen, wéi Wuertfamill, Wuertstamm, Wuertbausteen a Wuertfeld.
Saz	D'Schüler kennen: - Sazzeechen : Komma, Ausruffzeechen, Fragezeichen, Doppelpunkt a Riedzeechen. - Sazaarten : affirmative Saz, Fro, Uerder. - Sazglidder : Sujet, Objet, Predikat.

Text, Textform, Textdeel	D'Schüler kennen...: - verschidden Texter, Textformen an Textdeeler: Uleedung, Beschreiwung, Erzielung, Fabel, Geschicht, Inhaltsverzeechnes, Kapitel, Kannersendungen, Radiossendungen, Tëleessendungen, Liesbegleetheft, Liestagebuch, Lexikon, Lexikonartikel, (Stad-, Zäit-, Horaire) Plang, roude Fuedem, Sachtext, Steckbréif, Virtrag.

2.1.2.5 Detailléiert Léierziler fir d'P5

	Mëndlech Produktioun
Matenee Schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech a vertraute Situatiounen aktiv un Diskussiounen zu engem aktuellen Thema ze bedeelegen an dobäi hire Standpunkt ze begrënnen an ze verdeedegen. - mat Argumenter op Aussoe vu Gespréichspartner ze reagéieren a verbal Strategien (z.B. : vergläichen, Beispiller nennen,..) ze gebrauchen. - sech a Gespréicher themebezunn z'äusseren, zesummenhänkend ze schwätzen a Fachbegréffer ze benotzen. - hir eege Meenung ze verdeedegen an iwwer d'Meenung vun aneren ze reflektéieren. - wäertschätzend a konstruktiv Réckmeldungen zu de Bäiträg vun anere Persounen ze ginn.
Virun engem Publikum schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - hir Meenung zu alldeeglechen Themen (Schoul, Ëmfeld, Musek,..) auszedrécken, an deem si op déi eenzel Elementer ausféierlech aginn, an dat och an usprochsvolle Situatiounen. - detailléiert vun hiren eegenen Erfarungen ze berichten an aktuell Problemer kritesch ze beliichten, woubäi se eng kloer a strukturéiert Sprooch benotzen. - W-Froen ze berécksiichtegen an dorop baséierend z'erzielen an hiert eegent Uleies virzedroen - Sachverhalter aus der Liewenswelt auszewielen a se fir d'Erzielung oder d'Erklärung ze benotzen. - mat Hëllef vu Stéchwierder Referater ze halen a verschidde Medie fir d'Presentatioun ze benotzen.
Nonverbal Kommunikatioun	D'Schüler sinn an der Lag: - Aussoe vun engem Gespréichspartner opzewäerten, ze bestätegen an ze widderspriechen, an deem se op hir Mimik a Gestik zeréckgräifen. - Beispiller, Illustratiounen a Géigestänn ze benotze fir d'Verständnes z'erliichteren.

Kommunikatiounsregelen	D'Schüler sinn an der Lag: - hir Wuertwiel der jeeweileger Situatioun unzepassen a sech der Wierkung vun hiren Aussoen op aner Leit bewosst ze sinn. - d'Reaktioune vun hiren Nolauschterer ze berécksiichtegen, zousätzlech Informatiounen ze liwweren an no Méiglechkeeten ze sichen hir Gedanke méi kloer auszedrécken. - Gespréichsregelen anzehalen, Stéierungen am Gespréichsverlaf z'erkennen a Verbesserungsvirschléi ze maachen.
Op d'Form oppassen (Ausdrock, Grammatik, Wuertschatz)	D'Schüler sinn an der Lag: - en zimlech ëmfangräiche Grondwuertschatz an allgemeng Ausdréck ze benotzen, woubäi se och ënnerschiddlech syntaktesch Strukturen asetzen. - sproochlech Mëttel ze benotzen a sech zu konkreten, abstrakten, bekannten an onbekannten Themen z'äusseren, woubäi se op d'Form oppassen an en ëmfangräiche Repertoire u grammatikalesche Strukture benotzen. - artikuléiert ze schwätzen a sech un der Standardsprooch z'orientéieren. - der Funktioun entspriechend ze schwätzen (informéieren, luewen, erzielen, argumentéieren, froen, …) - geziilt sproochlech Mëttel ze benotzen (z.B. : Wuertschatz, Fachsprooch, Intonatioun, Kierpersprooch, asw.)
Texter zeenesch duerstellen	D'Schüler sinn an der Lag: - eng kuerz Zesummefaassung vun engem Text ze maachen, deen si gelies oder héieren hunn. - en auswenneg geléierten Text ausdrocksvoll opzesoen. - an engem kuerzen Theatersték a virun engem Publikum op eng selbstständeg a kreativ Manéier Rollen nozespillen, an deenen Emotioune gewise ginn. - zu ënnerschiddleche Situatioune Spillzeenen ze gestalten an z'entwéckelen.

	Héierverstoen
Säi Gespréichspartner verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - e Gespréichsverlaf nozevollzéien an déi eenzel Bäiträg ze verstoen an ze vergläichen, woubäi si d'Standpunkte vun de Riedner richteg erfaassen.

	- net strukturéiert Diskussiounen iwwer bekannt oder onbekannt Themen ze verstoen.
En Héiertext verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - verschidden Zorte vun Héiertexter (Interview, Geschicht, Werbung,…) ze verstoen, och wa se vun engem onbekannten Thema handelen. - ouni Problemer engem méi laange Virtrag oder enger Uried ze folgen (Film, Debatt, Konferenz, …), och wa sproochtypesch Riedmëttel an Ausdréck dra virkommen. - engem Gespréich komplex Inhalter an Informatiounen z'enthuelen a se mat hirem Virwëssen ze verknäppen.
Héierstrategien an –techniken benotzen	D'Schüler sinn an der Lag: - dat Geschwatent kloer ze strukturéieren a wärend dem ganze Gespréich opmierksam ze bleiwen. - op verschidden differenzéiert Héierstrategien zeréckzegräifen, an deem si se der jeeweileger Situatioun an Textzort upassen. - Schlësselwierder a Käraussoen ze notéieren. - geziilt nozefroen (Erklärungen, Beispiller, Hannergrënn, …).
D'Informatiounen an engem Text fannen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - déi gängegst logesch Verbindungen an de Wiessel vun der Zäitform z'erkennen. - d'Haaptpersonnage vun engem Héiertext z'ermëttelen an ze beschreiwen, hir Gefiller a Beweeggrënn z'interpretéieren an Evenementer ze situéieren.
Héiertexter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - d'Meenung vun engem Gespréichspartner an enger Diskussioun iwwer e bekannt Thema z'ermëttelen. - Conclusiounen aus de Gespréicher mat Aneren ze zéien an d'Aussoe kritesch ze bewäerten.

	Liesverstoen
Ënnerschiddlech Texter liesen	D'Schüler sinn an der Lag: - en Text vun e puer Säiten, iwwer e bekannt Thema, dat net an der Klass behandelt gouf, ze liesen an ze verstoen. - all Zort vun Texter iwwer bekannt Themen ze liesen. (D'Liese vun Texter iwwer onbekannten Theme kann awer vereenzelt nach zu Problemer féieren.)

	- Texter, déi hirem Alter entspriechen, flësseg, sënnbetount an ouni Feeler ze liesen. - literaresch Texter sënngestaltend virzedroen.
Liesstrategien an –technike mobiliséieren	D'Schüler sinn an der Lag: - déi eenzel Textabschnitter mëndlech zesummenzefaassen. - selbstänneg an differenzéiert Liesstrategien anzesetzen. - Wierder op e Bléck z'erfaassen an zeileniwwergräifend ze liesen. - Strategië fir d'Orientéierung an Texter (z.B. : detailléiert Liesen, selektiivt Liesen, iwwerfléien, markéieren, asw.) ze notzen an Hypotheesen ze bilden - zentral Aussoe vun Texter z'erfaassen se zesummefaassend erëmzeginn (Stéchwierder, Inhaltsangab, asw.) - Verständneshëllefen ze benotzen : nofroen, Wierder noschloen, Texter zerleeën. - sech mat handelnen Texter auserneenzesetzen (z.B. : inzeenéieren, illustréieren, ëmgestalten) - eege Gedanken a Virstellungsbiller zu Texter z'entwéckelen a sech mat aneren driwwer auszetauschen. - Stellung zu den Handlungen a Gedanken/Gefiller vu Figuren an Texter ze huelen. - verschidde Medie fir d'Presentatioun vu selwer ausgewielte Bicher ze notzen.
D'Informatiounen an engem Text ermëttelen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - déi wesentlech logesch a chronologesch Iwwergäng an enger Erzielung z'erkennen. - komplex an abstrakt Informatiounen an engem Text erauszeschaffen, z'interpretéieren an ze veraarbechten. - Wierker aus der Kanner- a Jugendliteratur ze beschreiwen : Auteur, Auteurin, Figuren, Handlungen, asw.
Texter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - hir perséinlech Meenung iwwer Figuren, Handlungen oder dat wesentlecht Textthema auszedrécken. - en Text ze beuerteelen a seng Opfaassung mat der Meenung vun anere Leit ze vergläichen. - Erzieltexter, lyresch an zeenesch Texter z'ënnerscheeden an iwwer hir Wierkung ze schwätzen.

	- tëscht Sach- a Gebrauchstexter (Lexikonartikel, Bericht, Beschreiwung) an diskontinuéierlech Texter (Tabellen an Diagrammer) z'ënnerscheeden. - ënnerschiddlech Forme vun der Matdeelung vu Lieserfarungen ze notzen (Liestagebuch). - bewosst an zilorientéiert verschidden analog an digital Medien ze notzen. - zu Themen an Aufgaben a verschiddenen analogen an digitale Medien ze recherchéieren. - schoulesch an ausserschoulesch Virschléi ze notze fir Texter a Bicher nom Interessi auszewielen

	Grammatesch Inhalter
Wuert	D'Schüler kennen: - den Ënnerscheed tëscht bestëmmten an onbestëmmten Artikel. - d'Steigerungsforme vun den Adjektiven (Grondform, Komparativ a Superlativ). - de Singular a Plural vun den Nomen, souwéi déi verschidde Kasusformen : Nominativ, Dativ an Akkusativ). - d'Pronomen. - déi ënnerschiddlech Verbzorten : Verb, Modalverb an Hëllefsverb. - déi verschidden Zäitformen : Infinitiv, Present, Imperfekt a Passé Composé. - Termen, wéi Wuertfamill, Wuertstamm, Wuertbausteen a Wuertfeld. - d'Prepositiounen. - den Numerus an Numeralen.
Saz	D'Schüler kennen: - Sazzeechen : Komma, Ausruffzeechen, Fragezeichen, Doppelpunkt a Riedzeechen. - Sazaarten : affirmative Saz, Fro, Uerder. - Sazglidder : Sujet, Objet, Predikat. - d'Adverbialbestëmmungen (Plaz, Zäit, Aart a Weis, Grond) - tëscht Haapt- an Niewesaz ënnerscheeden.
Text, Textform, Textdeel	D'Schüler kennen: - verschidden Texter, Textformen an Textdeeler: Bericht (Erzieler, Figur, Grafik, Handlung), Informatiounssendungen, Interview, Refrain, Reimformen, Versen, Rollen, Spalten, Symboler, Tabellen an Zeitung.

	D'Schüler sinn an der Lag: - selwer kreativ Texter ze verfaassen. (Gedichter oder Lidder schreiwen) - Projeten zu Themen ze realiséieren.

2.1.3 Evaluatioun[27]

Eng wichteg Aufgab bei der Bewäertung am Primär ass d'Schüler als alleréischt emol op eng Leeschtungsbereetschaft a -fäegkeet virzebereeden, ier hir Leeschtunge bewäert kënne ginn. D'Schüler solle keng Angscht viru Prüfungssituatiounen hunn an encouragéiert gi fir hiert Wëssen a Kënnen ënner Beweis ze stellen. Am Primär soll d'Léierpersonal sech also op déi positiv Punkte konzentréieren an deementspriechend d'Kompetenzen an d'Wëssen, dat d'Kanner besëtzen oder sech ugëeegent hunn, luewen. D'Luewen an déi positiv Bestäerkung sti bei der Evaluatioun am Virdergrond. D'Schoul soll d'Interessi an d'Léierfreed vun de Schüler entwéckelen a steigeren, d'Vertrauen an déi eege Fäegkeeten erhéijen an zur Aschätzung vum eegene Leeschtungsverméige féieren.

Deementspriechend gëtt net eng eenzeg punktuell Leeschtung bewäert, mee d'Schüler solle formativ an iwwer dat ganzt Semester gekuckt, evaluéiert ginn. Heibäi ass et wichteg, datt d'Übunge variéieren (Eenzelaarbecht, Gruppenaarbecht, Interview, Rollespill, ...) an dem Niveau vun de Kanner entspriechen. D'Evaluatiounsaufgabe sollen ofwiesslungsräich an transparent sinn. Si sollen op de Kenntnesser, Fäegkeeten a Fertegkeete vun de Kanner baséieren, déi si an der Klass zesumme mam Léierpersonal ausgeschafft hunn. Duerch d'formativ Evaluatioun erkennt den Enseignant d'Schwächten an d'Stäerkte vun all Kand a ka sou d'Stäerkte fërderen an un de Schwächte schaffen. D'Iwwerpréiwung vum Léiererfolleg déngt dem Léierpersonal als Basis fir eng Feeleranalys, déi fir eng weider Wiel vun den inhaltleche Schwéierpunkten am Unterrecht mat abezu ka ginn an déi den Enseignantë beim Ausschaffe vun differenzéierten Approchen hëllefe soll.

Nieft der formativer Bewäertung kann d'Léierpersonal d'Schüler och zertifikativ evaluéieren. Dëst soll net ëmmer de Fall sinn, mee gehéiert zur schoulescher Entwécklung vun de Kanner dozou. A Klassen, mat bis zu 30 Schüler, ass et net ëmmer evident just formativ ze bewäerten

[27] Vgl.dozou : Schola Europaea : *Lehrplan Deutsch L1 – Primarstufe. AZ.: 2016-09-D-22-de-2 Orig.: DE*. https://www.eursc.eu/Syllabuses/2016-09-D-22-de-2.pdf (19.05.2019). S.: 27.

an deementspriechend sollen d'Enseignanten d'Méiglechkeet hunn d'Schüler mëttels klengen Tester an Hausaufgaben, respektiv iwwer Aarbechten an der Klass ze bewäerten.

D'Grondlag vun der Bewäertung stellen d'Léierziler duer, déi an dëser Aarbecht fir all Schouljoer opgestallt an ausgeschafft goufen. D'Schüler schaffe mam Léierpersonal Inhalter a Kompetenzen aus, déi si da spéiderhin an Evaluatiounssituatioune benotzen an ënner Beweis stelle mussen. Dobäi ass et wichteg, dass d'Evaluatiounskritäre fir d'Kanner allgemeng gülteg, transparent an zouverlässeg sinn. D'Schüler solle wëssen, wat op si duerkënnt a si solle wärend enger Bewäertung net ënner ze vill Stress geroden.

Lëtzebuergesch an den ëffentlechen internationale Schoulen
Vun der Grondschoul bis an de Secondaire
2. Lëtzebuergesch an der Grondschoul
2.2 Lëtzebuergesch als Friemsprooch an der Grondschoul
P1-P5

Unzuel vun den Unterrechtseenheete pro Woch:	P1-P2: 2x30 min, P3-P5: 2x45 min
Sprooch vum Unterrecht:	Lëtzebuergesch
Unzuel vun de Prüfunge pro Semester:	- Formativ Evaluatioun iwwer dat ganzt Schouljoer - Summativ Evaluatioun an der Form vu klengen Tester oder Aarbechtsblieder

Fir d'Majoritéit vun de Kanner an den ëffentlechen internationale Schoulen ass d'Lëtzebuergesch net hir Éischtsprooch. Si léieren se an der Schoul kennen a benotzen an deementspriechend stellt déi Lëtzebuerger Sprooch fir si eng Friemsprooch duer. „Vu Friemsproocherwerb schwätzt een, wann eng Sprooch duerch systemateschen, formalen Unterrecht geléiert gëtt (...). D'Sproocheléiere verleeft no enger festgeluechter Progressioun. D'Interaktiounen an där neier Sprooch ginn haaptsächlech duerch den Unterrecht gesteiert a beschränke sech gréisstendeels op de Schoulkontext. De Friemsproochenunterrecht ass ënnert anerem vu strukturéierten Aufgaben a sproochlechen Upassunge vu Säite vum Léierpersonal gepräägt“[28]

An den ëffentlechen internationale Schoule loosse sech d'Kanner déi Lëtzebuergesch als Friemsprooch léieren nach eng Kéier an zwou Gruppen opdeelen. Op där enger Säit, déi Schüler, fir déi Lëtzebuergesch eng ganz nei Sprooch ass an déi si vun Ufank u léiere mussen an op där anerer Säit loosse sech Kanner fannen, déi scho munchmol mat der Lëtzebuerger Sprooch a Kontakt komm sinn an déi deementspriechend eng gewësse Basis matbréngen.

[28] MENFP: *Sproochlech Bildung am éischte Cycle. Deel 2 : D'Kand a seng Sprooch(en).* Lëtzebuerg, 2018. S. : 15.

D'Roll vum Lëtzebuergeschunterrecht an der Grondschoul ass et d'Kanner un d'Lëtzebuerger Sprooch erunzeféieren. Déi 2 Mol 30 Minutten am P1 an am P2 an déi 2 Mol 45 Minutten am P3 bis an de P5 ginn nämlech bei wäitem net duer fir eng Sprooch ganz an am Detail ze léieren, mee dës Zäitplagen erméiglechen de Schüler reegelméisseg mat der Sprooch a Kontakt ze kommen, sou dass si hir éischt Erfarunge mat der neier Sprooch maache kënnen.

An der Grondschoul geet et an éischter Linn ëm eng Eruféierung un déi mëndlech Lëtzebuerger Sprooch; „ëm eng spilleresch an ongezwongen Aart a Weis, sech an dës Sprooch „eranzelauschteren", einfach Texter (wéi Geschichten, Lidder, Gedichter, Sproochspiller, kuerz Messagen asw.) ze verstoen an d'Sprooch selwer ze gebrauchen. Dat geet vun éischte Wierder a kuerze Sätz bis hin zu méi laangen Textproduktiounen an hänkt, wéi uewe gesot, vun de Kanner an hire sproochleche Kompetenzen of."[29] An der Grondschoul kënnt am Géigesaz zum Secondaire nach de Fait dozou, dass d'Kanner am Normalfall nach net alphabetiséiert sinn an doduerch, virun allem an den éischten zwee Schouljoren, net op d'Schrëftsprooch beim Léiere vun der Sprooch zeréckgräife kënnen. De Sproocherwerb ass virun allem mëndlech an deementspriechend solle situationell a kontextgebonnen Alldagsroutinen astudéiert a geüübt ginn. D'Schüler solle sech fir d'éischt emol e Basiswuertschatz an einfach syntaktesch a grammatesch Strukturen uneegnen, sou dass si en éischt Gefill fir d'Sprooch an hire Gebrauch kréien. Dat vermëttelt Wëssen am Unterrecht soll et de Kanner erlaben sech am Alldag op eng einfach Manéier ze verstännegen an d'Leit ze verstoen, déi mat hinne schwätzen. Sou gëtt dann och d'Integratioun vun de Kanner an d'Lëtzebuerger Gesellschaft vereinfacht.

Am Virdergrond stinn d'Kompetenze vun de Kanner an deementspriechend baséiert sech dëse Programm wäitgoend op dem „Gemeinsamen Europäischen Referenzrahmen für Sprachen: Lernen, lehren, beurteilen"[30] an um Kompetenzraster fir d'Grondschoul[31], dee vum Ministère de l'Education ausgeschafft gouf. Et geet am Programm drëms Léierziler a Kompetenzen auszeschaffen, déi d'Schüler zum Schluss vum Primär erreecht sollen hunn, sou

[29] MENFP: *Sproochlech Bildung am éischte Cycle. Deel 3 : Sprooch a Sproochen am éischten Cycle.* Lëtzebuerg, 2018. S. : 13.

[30] Vgl. dozou: TRIM, John, NORTH, Brian, COSTE, Daniel, SHEILS, Joseph: Gemeinsamer europäischer Referenzrahmen für Sprachen: lernen, lehren, beurteilen. Niveau A1-A2-B1-B2-C1-C2. Hrsg. Goethe-Institut, Langenscheidt, Berlin, München, Wien, Zürich, New York, 2001.

[31] Vgl.dozou: MENFP: *Kompetenzraster und Entwicklungsstufen – Zyklen 1 bis 4.* Lëtzebuerg, 2011.

dass hinnen den Iwwergank zum Secondaire och méi liicht fält. De Sproochenunterrecht gëtt dobäi als progressiven an etappeweise Léierprozess betruecht, deen d'Perséinlechkeet an d'Basiswësse vun all eenzele Schüler berécksiichtegt an eng entspriechend Differenzéierung ubitt.

Den Haaptpunkt vum Programm läit op de Léierziler, déi fir all Niveau detailléiert ausgeschafft wäerte ginn. Nieft de Léierziler a Kompetenze sollen och d'Didaktik an den Inhalt vum Unterrecht am Primär thematiséiert ginn, ier an engem leschte Punkt iwwer d'Evaluatioun vun de Schüler reflektéiert gëtt. Wéi soll een d'Léierprozesser vun de Schüler am beschten evaluéieren a virun allem wéi kënnen d'Kanner sech selwer bewäerten an hire Progrès festhalen? Bei der Selbstevaluatioun hëlt dann och d'Roll vum Schülerportfolio en ëmmer méi héije Stellewäert an.

2.2.1 Globalbeschreiwung. Allgemeng Informatiounen: Didaktik, Inhalt a Kompetenzen.

2.2.1.1 Inhalt

Wéi schonn am Kapitel „Lëtzebuergesch als Mammesprooch an der Grondschoul" soll dem Léierpersonal beim Choix vum Inhalt vill Fräiheete gelooss ginn. Et ass wichteg, dass d'Léierpersonal op d'Ressourcen an d'Bedierfnesser vun de Kanner ageet an dës mat an hiren Unterrecht abauen. Wat bréngen d'Kanner scho vu Wësse mat a wat fir sproochlech Kompetenze brauche si fir gutt duerch d'Schoulliewen an den Alldag ze kommen? Fir de Friemsproocherwerb an den europäesche Schoule goufen an de Programmer 6 Inhaltsberäicher festgehalen, déi d'Kanner innerhalb vun deene 5 Schouljoer gesinn a beschwat sollen hunn. Dës Inhalter sollen och am Lëtzebuergeschprogramm opgegraff ginn. Eng Kéier, well si d'Basisthemen aus dem Alldag an der Schoul opgräifen an op der anerer Säit fir interdisziplinär mat de Kanner schaffen a Brécken tëscht de verschiddene Fächer schloen ze kënnen.

D'Inhalter an der Grondschoul goufe folgendermoosse festgehalen:

Inhalt 1: D'Schüler, hir Famill an hir Frënn
Inhalt 2: D'Schüler an hir Schoul
Inhalt 3: D'Schüler an hir Fräizäit (Fräizäitaktivitéiten)

Inhalt 4: D'Schüler an hiert Wuelbefannen

Inhalt 5: D'Schüler an hir Fantasie

Inhalt 6: D'Schüler an hir Ëmwelt[32]

Nieft de sechs Inhaltsberäicher, soll d'Léierpersonal am Lëtzebuergeschunterrecht och op d'Lëtzebuerger Traditiounen a Wäerter agoen. Virun allem an den éischten dräi Schouljore géif et sech ubidden, den Unterrecht op de Joreszäiten opzebauen. Entspriechend de Joreszäite soll spezifesche Vocabulaire ausgeschafft an déi dozou gehéirent Traditiounen ugeschwat ginn. Am Dezember kéint de Vocabulaire vum Wanter (Schnéi, Schlitt, kal, ...) agefouert an d'Geschicht vum Kleesche mat der Kanner thematiséiert ginn. Am P4 an am P5 kann dann um Wësse vun den dräi virrechte Joren opgebaut ginn an d'Schüler kënnen scho kuerz Haaptinformatiounen zu Lëtzebuerg kréien. Sou sollen d'Schüler nodeems se sech mat de Lëtzebuerger Traditioune beschäftegt hunn, kuerz Ablécker an d'Lëtzebuerger Geschicht, Geographie an d'Sproochgeschicht geliwwert kréien.

Dobäi bleift et wichteg de Vocabulaire an d'Wësse progressiv mat de Kanner auszeschaffen. An engem éischte Schrëtt sollen d'Kanner de Vocabulaire isoléiert (eenzel Wierder) léieren an anüben, ier se dëse Wuertschatz dann no an no ausbauen a verdéiwen. Hei soll vill mat Biller a visuelle Supporte geschafft ginn. An engem nächste Schrëtt soll dann unhand vum Basiswuertschatz neie Vocabulaire ausgeschafft ginn. Dëse Wuertschatz soll zum Kontext vum Thema passen, et de Schüler awer erlabe méi Variatioun a méi Detailer an hir Sätz ze bréngen. D'Schüler solle Vocabulaire a syntaktesch Strukture léieren, déi fir si am Alldag relevant sinn an déi si jee no Situatioun a Kontext ëmmer erëm benotze kënnen. Duerch déi geréng Unzuel un Unterechtsseenheeten am Lëtzebuergesche spillt och eng regelméisseg Widderhuelung an e permanent Opfrëschen an Übe vum Wëssen a vum Wuertschatz eng ganz wichteg Roll. Et ass also net schlëmm, mee souguer förderlech, wann déi ënnerschiddlech Themen all Schouljoer (vu P1 bis P5) ëmmer erëm opgegraff an duerch d'Bäifüge vun neiem Vocabulaire, neien Ausdréck oder neie Sazkonstruktioune verdéift an erweidert ginn.

D'Freed um Léiere vun der Sprooch an eng permanent Widderhuelung ginn zu wichtege Schlësselbegréffer beim Erwerb vum Lëtzebuergeschen. Dobäi ass et wichteg, d'Materialien

[32] Vgl. dozou : Schola Europaea : *Lehrplan – Zweite Sprache Deutsch - Primarbereich. Ref.: 2013-01-D-32-de-2 Orig.: DE. https://www.eursc.eu/Syllabuses/2013-01-D-32-de-2.pdf (19/05/2019).* S.: 19.

an d'Methoden dem Alter an dem Niveau vun de Kanner unzepassen. Vum P1 bis an de P3 soll dowéinst vill mat Biller, visuelle Supporten, Musek, Lidder a Gedichter geschafft ginn a eréischt méi spéit sollen da méi laang Geschichten (Märercher, Erzielungen, Kuerzgeschichten, asw.) mat an den Unterrecht agebaut ginn. Et läit um Léierpersonal den Unterrecht senge Schüler unzepassen, sou kënne staark Klassen a staark Schüler méi gefuerdert ginn, an deem den Inhalt an d'Materialien hire Besoinen an hirem Niveau ugepasst ginn. Am P5, jee no Klass schonn éischter, solle mat de Kanner och Projeten ausgeschafft ginn. Dës Projete kënnen sech réng op déi Lëtzebuerger Sprooch bezéien, mee och fächeriwwergräifend gestallt ginn. D'Projete sollen dem Niveau vun de Kanner entspriechen a si kreativ gi loossen (Bsp.: Ausstellung fir e Feierdag, Ausschaffe vun engem Buch, wéi engem Kachbuch mat Rezepter, Lidd schreiwen, kuerz Geschichte verfaassen, asw.).

2.2.1.2 Didaktik

D'Léiere vum Lëtzebuergesche soll an der Grondschoul virun allem Spaass maachen an deementspriechend läit de Fokus vum Cours ganz däitlech op enger spillerescher Approche. Spiller, Lidder, Gedichter, Biller, asw. sollen de Kanner Loscht op méi maachen an hinnen d'Angscht huelen sech an enger friemer Sprooch auszedrécken oder Feeler ze maachen. D'Schüler sollen d'Sprooch benotze wëllen an dozou och d'Méiglechkeet an der Klass kréien. D'Léierpersonal soll ënnerschiddlech Materialien a Methoden asetzen, déi e kommunikativ-interaktionalen Austausch förderen an déi dozou bäidroen, dass kee klassesche Frontalunterrecht entsteet. Iwwer Joren a lues a lues sollen d'Kanner verschidden Aarbechtsvariante kenneléieren. Si solle léiere souwuel an Eenzelaarbecht, a Partneraarbecht an a Gruppenaarbecht ze schaffen. Dobäi läit et um Léierpersonal sech u seng Klass unzepassen an d'Methoden sou ze wielen, dass d'Kanner net iwwer- oder ënnerfuerdert ginn.

2.2.1.3 Kompetenzen

Déi formell Ausbildung vun de Kanner besteet aus der Uneegnung an der Verënnerlechung vu Kompetenzen, déi op den Erwerb vu Wëssen, Fertegkeeten an den Opbau vun Haltungen a verschiddene Beräicher ziilt. D'Schüler sollen also un hire véier Basiskompetenzen: Héierverstoen, Liesverstoen, Schwätzen a Schreiwe schaffen an dës sou gutt wéi méiglech ausbauen. Nieft dëse fachleche Kompetenzen ass et och immens wichteg, dass d'Schüler am Unterrecht hir sozial a perséinlech Kompetenzen entwéckelen an ausbauen. Wéi behuelen

ech mech a verschiddene Situatiounen? Wéi kann ech mat anere Leit konstruktiv zesummeschaffen? Et geet also och ëm d'perséinlech Entwécklung, déi e Bewosstsinn fir situationsgeméisst Verhalen, e Verständnis fir d'Liewensëmfeld vun de Schüler, wéi och d'Entwécklung vun der perséinlecher Identitéit viraussetzt.[33]

Am Bezuch op déi fachlech Kompetenz gëtt sech, wéi schonn uewen ugeschwat, un de gemeinsamen Europäesche Kompetenzrahme gehalen an sou gouf festgehalen, dass Schüler déi am Ufank vun der P1 nach keng Kenntnesser am Lëtzebuergeschen haten, zum Schluss vun der Primärschoul, den Niveau A1 am Lëtzebuergeschen ofgeschloss an den Niveau A2 ugefaange sollen hunn.

2.2.1.3.1 Mëndlech Produktioun an Héierverstoen

Wann d'Kanner an der Grondschoul ufänken, si si normalerweis nach net alphabetiséiert. Dat ass souwuel am normale Lëtzebuergesche Schoulsystem, wéi an den ëffentlechen internationale Schoulen de Fall. An den ëffentlechen internationale Schoulen erfollegt d'Alphabetiséierung an der L1 (Däitsch, Englesch, Franséisch, ...). Well d'Schüler schonn an hirer Éischtsprooch alphabetiséiert ginn, soll, virun allem an den zwee éischte Schouljoren, d'Schrëftlechkeet sou wéineg wéi méiglech am Lëtzebuergeschunterrecht behandelt ginn. De Schwéierpunkt vum Unterrecht soll op der mëndlecher Produktioun (Schwätzen) a Receptioun (Héierverstoen) leien, woubäi d'Liesen an d'Schreiwe lues a lues dobäi komme kënnen.

Ufanks muss am Lëtzebuergeschunterrecht vill mat Biller an Tounmaterial (Héiertexter, Lidder, Gespréicher, ...) geschafft ginn. D'Schüler sollen éischt Kontakter mat der Sprooch knäppen a se sou dacks wéi méiglech am Unterrecht héieren. Hei ass et wichteg, dass am Cours esou vill an awer och richteg wéi méiglech geschwat gëtt. D'Léierpersonal soll evitéieren an Dialekter oder Jugendsprooch ze schwätzen a si sollen drop Wäert leeën ëmmer a ganze Sätz ze schwätzen an z'äntweren. D'Grammaire, wéi och d'Syntax solle vun Ufank u richteg geléiert ginn, well wann d'Kanner Sätz oder Aussoe falsch héieren, verënnerleche si dës falsch. Sou entsti sproochlech Feeler, déi, wann se bis eng Kéier verënnerlecht sinn,

[33] Vgl. dozou : Schola Europaea : *Lehrplan – Zweite Sprache Deutsch - Primarbereich. Ref.: 2013-01-D-32-de-2 Orig.: DE. https://www.eursc.eu/Syllabuses/2013-01-D-32-de-2.pdf (19/05/2019).* S.: 6.

schwéier erëm ofzegewinne sinn. D'Schüler solle sou dacks wéi méiglech mat korrektem Lëtzebuergesch a Kontakt kommen an d'Sprooch regelméisseg selwer benotzen. Dass beim Schwätze Feeler optauchen, ass eng ganz normal Saach, hei ass et dann erëm d'Aufgab vum Léierpersonal fir de Schüler op seng Feeler Opmierksam ze maachen, se ze verbesseren an d'Wierder richteg mam Schüler anzeüben.

Beim Anübe vum Schwätzen duerchlafen d'Schüler an der Primärschoul ënnerschiddlech Phasen. Sou gëtt am P1 fir d'éischt emol mat reproduktivem Schwätzen ugefaangen. D'Schüler héiere Wierder oder Ausdréck a sollen déi an enger éischter Etapp einfach Noschwätzen. Duerch déi permanent Widderhuelung léieren d'Schüler de Vocabulaire, seng richteg Aussprooch an de richtege grammatikalesche Gebrauch. Wann d'Schüler op deem Punkt sinn, dass si sech méi fräi ausdrécke kënnen an si sech wuel beim Schwätze vum Lëtzebuergesche fillen, ka mam gelenkte Schwätzen ugefaange ginn. Amplaz, dass d'Schüler Ausdréck a Sätz nëmme widderhuelen, kréien se beim gelenkte Schwätze Virgaben a sollen doropshi selwer Aussoe maachen. D'Virgabe kënne jee no Niveau vun de Schüler méi detailléiert a méi laang sinn an d'Schüler sollen ëmmer Méiglechkeet hunn Hëllefsstellung vum Léierpersonal ze kréien. D'Zil vun all Sproochenunterrecht ass et, d'Kanner iergendwann sou wäit ze hunn, dass si sech fräi ënnerteneen op Lëtzebuergesch ënnerhale kënnen. Dëst ass awer mat 2 Unterrechtseenheete pro Woch an den ëffentlechen internationale Schoulen éischter eng Raritéit. Staark a motivéiert Schüler kënne sech zwar zum Schluss vum P5 mat aneren op Lëtzebuergesch ënnerhalen, dobäi muss et sech awer ëm bekannten an an der Klass geüübten Themen handelen. An der Regel sollen d'Schüler, wann si d'P5 ofgeschloss hunn, am Lëtzebuergeschen en Niveau A1 am Schwätzen an en Niveau A2.1 am Lauschteren erreecht hunn.

Dass d'Héiervertsoen zum Schluss vun der P5 méi ausgebaut ass, wéi d'Schwätzen ass beim Léiere vun enger Friemsprooch eng ganz normal Saach. De passive Wuertschatz ass nämlech ëmmer méi grouss an ausgepräägt, wéi den aktive Wuertschatz. Och beim Lauschteren duerchlafen d'Schüler verschidden Etappen. Sou sollen si fir d'éischt emol, verschidde Wierder erkennen an identifizéiere léieren an de globalen Inhalt vun engem Héiertext oder Gespréich verstoen, ier si da spéiderhi méi op d'Detailwëssen agoen a gezillt Informatiounen aus dem Text enthuele kënnen. Ufanks gëtt beim Héierverstoe vill mat Musek a Lidder geschafft, engersäits well d'Schüler an deem Alter relativ gär sangen an anerersäits well

d'Melodie an d'Widderhuelung vun de Wierder d'Memoriséiere vereinfacht. D'Kanner sangen d'Lidder sou dacks, dass si se iergendwann verënnerlecht hunn an ouni all Wuert ze kennen. Si eegne sech also e Wuertschatz un, deen duerno an anere Situatiounen erëm opgegraff ka ginn. No an no gëtt de Vocabulaire ausgebaut a verdéift, sou dass d'Schüler spéiderhin e gudde Basiswuertschatz besëtze fir sech mat anere Leit an anere Situatiounen aus dem Alldag ze ënnerhalen.

2.2.1.3.2 Liesverstoen

Nieft dem Schwätzen an Héierverstoe gehéiert och d'Liesverstoen zum Erwerb vun enger Sprooch dozou. Am Alldag an an der Schoul ginn d'Schüler ëmmer erëm mat Schrëft konfrontéiert. D'Alphabetiséierung erfollegt, wéi uewe schonn ugeschwat, an der L1 a fir eng Iwwerfuerderung z'evitéieren, soll d'Léierpersonal dowéinst op d'Schrëftlechkeet am Lëtzebuergeschunterrecht sou gutt wéi méiglech verzichten. Soubal d'Schüler d'Alphabet awer kennen a schonn e bësse Liesen a Schreiwe kënnen, wëllen si dës Fäegkeeten och mat an de Lëtzebuergeschunterrecht mat afléisse loossen. Oft froen d'Schüler selwer no, wéi eppes geschriwwe gëtt oder si wëlle Sätz oder Geschichte virliesen. Dës Motivatioun soll d'Léierpersonal op jiddwer Fall opgräifen an deementspriechend d'Liesinteressi, -bereetschaft an –fertegkeet vun de Schüler ënnerstëtzen a förderen. D'Freed um Liese soll ënnerstëtzt a verstäerkt ginn an d'Kanner sollen am Laf vun de Schouljoren hir Lieskompetenzen ausbauen an erweideren. Zum Schluss vun der P5 solle si verschidden Textzorte gesinn a gelies an ënnerschiddlech Forme vu Liese kennegeléiert hunn.

2.2.1.3.3 Schreiwen

Obwuel d'Lëtzebuerger Sprooch méi als geschwate Sprooch agesat gëtt an d'Roll vum Schreiwen deementspriechend méi niddreg wéi an anere Sproochen ass, gehéiert d'Schrëftlechkeet och hei zum Sproochenerwerb dozou. Genee wéi beim Liese kommen d'Kanner no der Alphabetiséierung vum selwen op d'Léierpersonal duer a wëlle wëssen, wéi verschidde Wierder op Lëtzebuergesch geschriwwe ginn a genee wéi beim Liese soll och beim Schreiwen d'Léierpersonal sech dës Motivatioun an dëse Virwëtz vun de Kanner zum Virdeel maachen. Deementspriechend kënnen d'Kanner emol ënnerschiddlech Wierder oder Sätz schreiwen a jee no Niveau och vläicht emol eng kleng Geschicht oder e Gedicht op Lëtzebuergesch verfaassen. Hei bleift awer ze präziséieren, dass d'Kanner ni op

d'Schrëftlechkeet bewäert solle ginn. D'Kanner solle keng Angscht virum Schreiwen hunn, mee et soll hinne Spaass maachen a si beim Léiere vun der Sprooch ënnerstëtzen. D'Schrëftlechkeet déngt an dësem Fall als Method fir d'Sproocheléieren ze vereinfachen.

2.2.2 Detailléiert Léierziler

2.2.2.1 Detailléiert Léierziler fir d'P1

	Mëndlech Produktioun
Matenee Schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - eng Persoun op eng einfach Aart a Weis ze begréissen - enger Persoun mat „Jo" oder „Neen" z'äntweren. - sech bei enger Persoun z'entschëllegen a Merci ze soen. - eng Persoun no hirem Befannen ze froen an drop ze reagéieren. - hiren Numm ze soen an nom Numm vun enger anerer Persoun ze froen.
Virun engem Publikum schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - d'Alphabet opzesoen. - puer Informatiounen iwwer sech selwer ze ginn, andeem si einfach Wierder benotzen, och wann se op Gesten oder Wierder aus hirer Mammesprooch (Éischtsprooch) zeréckgräife mussen.
Nonverbal Kommunikatioun	D'Schüler sinn an der Lag: - mat nonverbalen Zeechen ze weisen, dass si enger Persoun nolauschteren. - Verstoen oder Net-Verstoe mat der Gestik oder Mimik zum Ausdrock ze bréngen.
Kommunikatiounsregelen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech un d'Héiflechkeetsregelen ze halen (d'Wuert ze froen, hiren Tour ofzewaarden, déi aner net z'ënnerbriechen, nozelauschteren, ...)
Op d'Form oppassen (Ausdrock, Grammatik, Wuertschatz)	D'Schüler sinn an der Lag: - verschidden auswenneg geléierten Ausdréck a Formuléierungen an der Regel korrekt anzesetzen. - Froen ze formuléieren, déi regelméisseg am Schoulalldag opkommen. (z.B.: Däerf ech w.e.g. op d'Toilette goen, …)
Texter zeenesch duerstellen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech u Minidialogen (Moien, Äddi soen, sech virstellen) ze bedeelegen.

	Héierverstoen
Säi Gespréichspartner verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - einfach a ganz geleefeg Aufgaben an Uweisungen am Kontext vun der Klass ze verstoen, wa se op Biller a Gesten zeréckgräife kënnen, déi hinne weisen an erklären, wat se maache sollen.
En Héiertext verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - an einfachen a kuerzen Héiertexter Wierder, Nimm an Zuelen ze verstoen, wa se dëse Vocabulaire scho kennen a wa lues an däitlech geschwat gëtt.
Héierstrategien an –techniken benotzen	D'Schüler sinn an der Lag: - ze weisen, dass si eppes net verstanen hunn.
D'Informatiounen an engem Text fannen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - einfach Informatiounen iwwer en Objet (Gréisst, Faarf, wiem e gehéiert, wou en ass,…) ze verstoen, och wa se op heefeg Widderhuelungen, Biller, Gesten oder Iwwersetzungen zeréckgräife mussen. - Haaptinformatiounen aus Geschichten ze verstoen, wa se dës virgelies kréien.
Héiertexter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - ze soen, ob en Héiertext hinne gefält oder net.

	Liesverstoen
Schrëftsproochlech Zeechen erkennen a benotzen	D'Schüler sinn an der Lag: - déi wichtegst Buschtawen a Lauter ze benotzen.
Ënnerschiddlech Texter liesen	D'Schüler sinn an der Lag: - ganz einfach a kuerz Sätz ze liesen, d'Liese vun onbekannte Wierder an Ausdréck fält hinnen nach schwéier.
Liesstrategien an –technike mobiliséieren	D'Schüler sinn an der Lag: - einfach Wierder ze liesen, déi se zerleeën an erëm zesumme setzen.
D'Informatiounen an engem Text ermëttelen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - eenzel Wierder an engem Saz oder engem ganz kuerzen Text z'ermëttelen, déi d'Äntwert op ganz einfach Froe ginn.

Texter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - mat Hëllef vu Wuertkäertercher einfach a kuerz Sätz ze maachen.

	Lexikalesch / Grammatesch Inhalter
Inhalter	- Moien an Äddi soen - nom Befanne froen - sech kuerz virstellen - Traditiounen - Joreszäiten
Grammaire	D'Schüler kënnen...: - auswenneg geléiert Ausdréck a Formuléierunge korrekt asetzen. - Pronomen „Ech, du an Hien / Hatt" benotzen. - einfach Sätz „S + V + A" formuléieren. - wichteg Verben an Adjektiven aus dem Themefeld (sinn, heeschen, wunnen, hongereg, duuschtereg, ...) richteg benotzen. - éischt Froe formuléieren (Wéi heeschs du? Wou wunns du?)
Text, Textform, Textdeel	D'Schüler schaffe mat...: Biller, Illustratiounen, Wuertkäertercher, Lidder, kleng Gedichter.
Materialien, Ureegungen	- Portfolio - Billerkaarten: Memory, Domino, ... - Spiller: Ballspiller, Beweegungsspiller, ... - Buch: Meng éischt dausend Wierder op Lëtzebuergesch - iTeo - Billerwierderbuch: oli.education.lu - Kaarten: Kaart vu Lëtzebuerg, Weltkaart, ... - Zeechnungen - Lidder: Moien, wie bass du, Schéin dech ze gesinn, Anescht wéi s du, ...

2.2.2.2 Detailléiert Léierziler fir d'P2

	Mëndlech Produktioun
Matenee Schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - e Matschüler no engem Bläistëft, engem Gummi oder engem anere Schoulartikel ze froen.
Virun engem Publikum schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech ganz kuerz virzestellen (Numm, Hierkonft, Schoul, …), och wa se dobäi op d'Ënnerstëtzung vun hirem Gespréichspartner ugewise sinn.
Nonverbal Kommunikatioun	D'Schüler sinn an der Lag: - verständlech ze schwätzen, och wa si nach Feeler bei der Aussprooch maachen a vill Pause brauchen. - mat nonverbalen Zeechen ze weisen, dass si enger Persoun nolauschteren. - Verstoen oder Net-Verstoen zum Ausdrock ze bréngen (verbal oder gestesch-mimesch)
Kommunikatiounsregelen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech un d'Héiflechkeetsregelen ze halen (d'Wuert ze froen, hiren Tour ofzewaarden, déi aner net z'ënnerbriechen, nozelauschteren, ...)
Op d'Form oppassen (Ausdrock, Grammatik, Wuertschatz)	D'Schüler sinn an der Lag: - am fräien Ausdrock op einfach syntaktesch Strukturen a grammatikalesch Formen zeréckzegräifen , déi zu engem elementaren an auswenneg geléiertem Repertoire gehéieren, mee se maachen nach all méiglech Feeler.
Texter zeenesch duerstellen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech op eng kreativ Aart un interaktionelle Spiller (telefonéieren, akafen, asw.) ze bedeelegen.

	Héierverstoen
Säi Gespréichspartner verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - kuerz an einfach Messagen iwwer sech selwer, d'Liewen an der Klass, asw. ze verstoen, wa se an engem bekannte Kontext formuléiert ginn.
En Héiertext verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - einfach Wierder a kuerz Sätz iwwer d'Famill, d'Schoul oder hir Persoun ze verstoen, wa se lues an däitlech ausgeschwat ginn.

Héierstrategien an –techniken benotzen	D'Schüler sinn an der Lag: - op d'Mimik, d'Gestik an aner nonverbal Mëttel zeréckzegräife fir sech auszedrécken.
D'Informatiounen an engem Text fannen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - eng Plaz oder déi wichteg Personnagen an engem Héiertext z'identifizéieren, wa se sech op genee Angabe baséieren an den Héiertext e puer Mol héiere kënnen a wann d'Thema schonn an der Klass behandelt gouf.
Héiertexter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - d'Haaptpunkte vun engem Text unhand vu Biller ze rekonstruéieren. - Geschichten ze lauschteren an duerno mat Hëllef vu Biller z'erzielen, wat se vun der Geschicht verhalen hunn.

	Liesverstoen
Schrëftsproochlech Zeechen erkennen a benotzen	D'Schüler sinn an der Lag: - déi phonologesch Codéierung vun de Wierder ze beherrschen an deementspriechend och onbekannt Wierder ze liesen.
Ënnerschiddlech Texter liesen	D'Schüler sinn an der Lag: - den Inhalt vu ganz kuerzen (4-5 Sätz) a relativ einfachen Texter z'erfaassen, virun allem wann d'Verstoen duerch den Asaz vu Biller oder Illustratiounen erliichtert gëtt.
Liesstrategien an –technike mobiliséieren	D'Schüler sinn an der Lag: - hir schonn existent Kenntnesser iwwer dat an der Klass behandelt Thema ze mobiliséieren.
D'Informatiounen an engem Text ermëttelen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - an einfache Kontexter verschidden explizit am Text erwäänten Eenzelinformatiounen ze fannen an se erëmzeginn.
Texter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - Ausschnëtter aus Texter mat Biller ze verbannen.

	Lexikalesch / Grammatesch Inhalter
Inhalter	- sech virstellen - Fräizäitaktivitéiten (Intro: gerénge Wuertschatz) - Schoulsaachen / Klassesall - Traditiounen - Joreszäiten - Zuelen (bis 20) - Faarwen
Grammaire	D'Schüler kënnen: - auswenneg geléiert Ausdréck a Formuléierunge korrekt asetzen. - einfach Sätz „S + V + A" formuléieren. - wichteg Verben an Adjektiven aus dem Themefeld richteg benotzen. - W-Froe formuléieren. - Jo- /Nee-Froe formuléieren. - de bestëmmten Artikel benotzen. - d'Imperativ-Form verstoen a benotzen.
Text, Textform, Textdeel	D'Schüler schaffe mat: Biller, Illustratiounen, Wuertkäertercher, Lidder, kleng Gedichter, Kaarten, Pläng.
Materialien, Ureegungen	- Portfolio - Billerkaarten: Memory, Domino, ... - Spiller: Wou-do-Spill, Spill „Ech paken de Schoulsak a paken an...", Ballspiller, Beweegungsspiller, Pantomim, ... - Buch: Meng éischt dausend Wierder op Lëtzebuergesch - iTeo - Billerwierderbuch: oli.education.lu - Kaarten: Kaart vu Lëtzebuerg, Weltkaart, ... - Zeechnungen, Pläng (vum Schoulgebai) - Zuelen: Bingo, Würfelspill, Géigestänn zielen, Telefonsnummer, Laufdiktat, ... - Wimmelbild - Lidder: Mir raumen, De Siwesprong, Faarweg Gummibiererchen, ... - eege Lidder op bekannt Melodië komponéieren

2.2.2.3 Detailléiert Léierziler fir d'P3

	Mëndlech Produktioun
Matenee Schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - a kuerze Sätz a mat einfachen Ausdréck Froen ze beäntweren, déi am Kontext vun der Klass gestallt goufen.
Virun engem Publikum schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - einfach Informatiounen iwwer sech an hiert Ëmfeld ze liwweren, wann hir Gespréichspartner hinnen déi néideg Ënnerstëtzung bidden.
Nonverbal Kommunikatioun	D'Schüler sinn an der Lag: - mat der Mimik a Gestik hir Aussoen z'ënnersträichen oder en Net-Verstoen z'äusseren. - mat nonverbalen Zeechen ze weisen, dass si enger Persoun nolauschteren.
Kommunikatiounsregelen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech un d'Héiflechkeetsregelen ze halen (d'Wuert ze froen, hiren Tour ofzewaarden, déi aner net z'ënnerbriechen, nozelauschteren, ...) - elementar a zesummen entwéckelt Gespréichsregelen anzehalen, aner un d'Regelen z'erënneren a récksiichtsvoll Gespréichsverhalen ze weisen.
Op d'Form oppassen (Ausdrock, Grammatik, Wuertschatz)	D'Schüler sinn an der Lag: - e Basiswuertschatz aus auswenneg geléierte Wierder, Ausdréck a Formuléierungen ze benotzen, dobäi maache si nach vill Feeler a punkto Syntax a Morphologie.
Texter zeenesch duerstellen	D'Schüler sinn an der Lag: - kuerz an einfach Sätz virzedroen, déi am Kontext vun engem Rollespill astudéiert goufen.

	Héierverstoen
Säi Gespréichspartner verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - kuerz Gespréicher iwwer bekannt Themen ze verstoen, wa lues an däitlech geschwat gëtt.
En Héiertext verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - insgesamt d'Handlung oder de Contenu vun engem Héiertext ze verstoen, wann et sech ëm Themen

	handelt, déi an der Klass behandelt goufen (Märercher, kuerz Erzielungen, …) - Geschichten, déi si an der Klass behandelt hunn ze resuméieren an an eegene Wierder erëmzeginn. - Kannerfilmer ze kucken oder Héierspiller ze lauschteren, déi si schonn aus enger anerer Sprooch kennen.
Héierstrategien an –techniken benotzen	D'Schüler sinn an der Lag: - Hannergrondgeräischer an Illustratiounen ze deiten, an doropshi Schlussfolgerungen iwwer Thema vum Héiertext ze zéien.
D'Informatiounen an engem Text fannen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - eenzel Informatiounen aus engem einfachen Héiertext auszeschaffen a se Wuert fir Wuert erëmzeginn, ouni dobäi Hëllef an Usproch ze huelen. - wichteg Punkten aus engem Héiertext ze beschreiwen (Wat geschitt grad ? Ëm wat geet et ?)
Héiertexter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - an een oder zwee Sätz seng perséinlech Meenung op eng einfach Manéier ze formuléieren.

	Liesverstoen
Schrëftsproochlech Zeechen erkennen a benotzen	D'Schüler sinn an der Lag: - all d'Buschtawen aus dem Alphabet z'erkennen.
Ënnerschiddlech Texter liesen	D'Schüler sinn an der Lag: - kuerz Messagë mat einfachem Inhalt haart virzeliesen an ze verstoen, den Inhalt vun den Texter muss sech op Alldagstheme bezéien.
Liesstrategien an –technike mobiliséieren	D'Schüler sinn an der Lag: - den Titel ze liesen, den Textufank ze héieren, sech Biller unzekucken a Viraussoen zum Textinhalt ze maachen.
D'Informatiounen an engem Text ermëttelen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - Haaptinformatiounen an engem Text z'erkennen an ze bestëmmen (Haaptpersonnage, asw.) - kuerz Texter ze liesen an en Enn dozou z'erzielen.
Texter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - einfach Schlussfolgerungen op der Grondlag vun eenzelen Informatiounen am Text oder entspriechende Biller ze zéien.

	Lexikalesch / Grammatesch Inhalter
Inhalter	- sech virstellen - Fräizäitaktivitéiten - Traditiounen - Joreszäiten - Märercher, kuerz Geschichten
Grammaire	D'Schüler kënnen: - e Basiswuertschatz aus auswenneg geléierte Wierder, Ausdréck a Formuléierunge benotzen. - einfach Sätz a Froe formuléieren. - Verben an Adjektiven aus dem Themefeld richteg benotzen a konjugéieren. - d'Pronome richteg benotzen an ënnerscheeden. - d'Negatioun richteg benotzen. - d'Prepositiounen aus dem Themefeld benotzen a verstoen. - de bestëmmten an onbestëmmten Artikel richteg benotzen.
Text, Textform, Textdeel	D'Schüler schaffe mat: Biller, Illustratiounen, Wuertkäertercher, Lidder, kleng Gedichter, Geschichten (Märercher, Erzielungen, ...), Ausschnëtter aus Kannerfilmer oder Héierspiller, kleng Rollespiller.
Materialien, Ureegungen	- Portfolio - Billerkaarten: Memory, Domino, ... - Spiller: Wou-do-Spill, Ballspiller, Beweegungsspiller, Pantomim, Pictonnari, Spill „Ech gesinn eppes, dat s du net gesäis, an dat ass...", ... - iTeo - Märerchersbicher - Geschichten, déi dem Niveau an Alter entspriechen.[34] - Zeechnungen - Wimmelbild - Lidd: D'Schoul ass aus, Reelidd, Et schneit!, Net laang méi bleift de Wanter, Wann et Summer gëtt

[34] De Syndikat National des Enseignants (SNE-CGFP) huet eng flott Lëscht mat Lëtzebuerger Kannerbicher an didakteschem Material, déi dem Niveau an dem Alter no klasséiert sinn. D'Léierpersonal kann sech hei Iddien an Ureizer sichen. Mee opgepasst : Beim Choix vun der Lektür soll d'Léierpersonal dem Niveau vun de Kanner gerecht ginn. D'Kanner däerfen op kee Fall iwwerfuerdert ginn.

2.2.2.4 Detailléiert Léierziler fir d'P4

	Mëndlech Produktioun
Matenee Schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech mat Matschüler iwwer Erliefnesser am Kontext vun der Klass auszetauschen, si hale sech dobäi un déi ausgeschaffte Regelen.
Virun engem Publikum schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - op eng verständlech Aart a Weis Informatiounen zu engem Thema, dat si interesséiert, ze ginn - Gefiller a perséinlech Iddien auszedrécken. - kuerz Presentatiounen zu Sujeten, déi hinne bekannt sinn, ze halen (Mäin Hausdéier, meng Famill, mäin Idol, asw.)
Nonverbal Kommunikatioun	D'Schüler sinn an der Lag: - mat der Mimik a Gestik hir Aussoen z'ënnersträichen oder en Net-Verstoen z'äusseren. - mat nonverbalen Zeechen ze weisen, dass si enger Persoun nolauschteren.
Kommunikatiounsregelen	D'Schüler sinn an der Lag: - roueg nozelauschtere bis se d'Wuert hunn, deenen aneren nozelauschteren an hir Aussoen ze berécksiichtegen. - d'Wuert z'ergräifen an op Aussoen ze reagéieren. - sech un d'Héiflechkeetsregelen ze halen. (Wuert froen, säin Tour ofwaarden, déi aner net ënnerbriechen, nolauschteren,…) - elementar an zesummen entwéckelt Gespréichsregelen anzehalen an aner un d'Regelen z'erënneren.
Op d'Form oppassen (Ausdrock, Grammatik, Wuertschatz)	D'Schüler sinn an der Lag: - sech am Kontext vun der Schoul an der Klass verständlech auszedrécken an en ugëeegente Wuertschatz ze benotzen, och wa si nach Feeler a punkto Syntax a Morphologie maachen.
Texter zeenesch duerstellen	D'Schüler sinn an der Lag: - an der Klass eng Roll an engem einfache Rollespill z'iwwerhuelen an Erlieftes spontan a Sprooch ëmzesetzen.

	Héierverstoen
Säi Gespréichspartner verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech op e kuerzt Gespréich mat anere Leit anzeloossen, woubäi et sech awer ëm een an der Klass behandelt Thema handelt.
En Héiertext verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - de Kontext an de Contenu vun einfachen a kuerzen Héiertexter ze verstoen, wann Thema an der Klass virbereet gouf.
Héierstrategien an –techniken benotzen	D'Schüler sinn an der Lag: - op scho bestoend Kenntnesser zeréckzegräifen (z.B. : an der Klass geléiert Ausdréck, …) a se ze benotze fir de Kontext vun engem Héiertext z'erfaassen.
D'Informatiounen an engem Text fannen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - detailléiert Informatioune geziilt erauszeschaffen, wa se sech op genee Angabe stëtzen an den Héiertext e puer Mol héiere kënnen.
Héiertexter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - Figuren aus engem Héiertext ze beschreiwen.

	Liesverstoen
Schrëftsproochlech Zeechen erkennen a benotzen	D'Schüler sinn an der Lag: - d'Graphemen ze liesen.
Ënnerschiddlech Texter liesen	D'Schüler sinn an der Lag: - einfach Texter flësseg a mat korrekter Aussprooch ze liesen : einfach Geschichten, Rezepter, Klappentext, Postkaarten, Basteluweisungen.
Liesstrategien an –technike mobiliséieren	D'Schüler sinn an der Lag: - d'Abschnitter vun engem kuerzen an einfachen Text an déi richteg Reiefolleg ze setzen.
D'Informatiounen an engem Text ermëttelen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - zentral Messagen an Textpassagen z'erkennen a se ënnert der Form vun Titelen erëmzeginn.
Texter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - markant Textaarten z'erkennen (Gedichter, Märercher, asw.)

	Lexikalesch / Grammatesch Inhalter
Inhalter	- Famill - Kierper - Iessen - Alldag - Schoul - Geschichten
Grammaire	D'Schüler kënnen: - einfach Sätz a Froe formuléieren. - Verben an Adjektiven aus dem Themefeld richteg benotzen a konjugéieren. - d'Negatioun richteg benotzen. - d'Expressioun „Ech hätt gär" (ouni grammatesch Explikatioun) benotzen. - Ausdréck fir e Wonsch auszedrécken an elementar Héiflechkeetsformelen (ech hätt gär, gitt mir w.e.g., kann ech w.e.g. ... kréien, Merci, villmools Merci, et ass gär geschitt, et ass näischt, kee Problem, ...) benotzen. - soen, wat si gär / net gär hunn.
Text, Textform, Textdeel	D'Schüler schaffe mat: - Biller, Illustratiounen, Wuertkäertercher, Lidder, Gedichter, Geschichten (Märercher, Erzielungen, ...), Ausschnëtter aus Kannerfilmer oder Héierspiller, kleng Rollespiller, Postkaarten, Basteluweisungen, Rezepter, Klappentexter.
Materialien, Ureegungen	- Portfolio - Billerkaarten: Memory, Domino, ... - Spiller: Ballspiller, Beweegungsspiller, Pantomim, Pictonnari, ... - iTeo - Märerchersbicher - Geschichten, déi dem Niveau an Alter entspriechen.[35] - Zeechnungen - Lidd: Kapp, Schëller, Fouss, ...

[35] De Syndicat National des Enseignants (SNE-CGFP) huet eng flott Lëscht mat Lëtzebuerger Kannerbicher an didakteschem Material, déi dem Niveau an dem Alter no klasséiert sinn. D'Léierpersonal kann sech hei Iddien an Ureizer sichen. Mee opgepasst : Beim Choix vun der Lektür soll d'Léierpersonal dem Niveau vun de Kanner gerecht ginn. D'Kanner däerfen op kee Fall iwwerfuerdert ginn.

2.2.2.5 Detailléiert Léierziler fir d'P5

	Mëndlech Produktioun
Matenee Schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech u kuerzen an einfache Gespréicher, déi an der Klass preparéiert goufen ze bedeelegen a sech mat gängegen Alldagssituatiounen ze befaassen (akafe goen, en Termin festleeën ,…) - sech u Gespréicher iwwer Themen ze bedeelegen, déi se interesséieren oder den Alldag betreffen.
Virun engem Publikum schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - an einfachen a kuerze Sätz z'erzielen, wat se gesinn, héieren oder gelies hunn, (a Bezuch op d'Schoul, d'Musek, d'Natur, de Sport, asw.) - en hinne gutt bekanntent Thema an engem kuerze Virtrag ze presentéieren, de Virtrag gouf am Viraus preparéiert an net ofgelies. - ënnert der Form vun engem bestëmmte Modell e Virtrag iwwer en Thema, dat si interesséiert, ze halen, och wann d'Ausféierung vun der Presentatioun einfach bleift.
Nonverbal Kommunikatioun	D'Schüler sinn an der Lag: - Aussoe vun engem Gespréichspartner opzewäerten, ze bestätegen an ze widderspriechen, an deem se op hir Mimik a Gestik zeréckgräifen. - Beispiller, Illustratiounen a Géigestänn ze benotze fir d'Verständnes z'erliichteren.
Kommunikatiounsregelen	D'Schüler sinn an der Lag: - roueg nozelauschtere bis se d'Wuert hunn, deenen aneren nozelauschteren an hir Aussoen ze berécksiichtegen. - d'Wuert z'ergräifen an op Aussoen ze reagéieren. - sech un d'Héiflechkeetsregelen ze halen. (Wuert froen, säin Tour ofwaarden, déi aner net ënnerbriechen, nolauschteren, …). - Gespréichsregelen anzehalen, Stéierungen am Gespréichsverlaf z'erkennen a Verbesserungsvirschléi ze maachen.
Op d'Form oppassen (Ausdrock, Grammatik, Wuertschatz)	D'Schüler sinn an der Lag: - sech verständlech auszedrécken a benotzen, wa si sech fräi ausdrécken, e Basiswuertschatz (ganz geleefeg Wierder) an elementar syntaktesch Strukturen aus engem an der Klass behandelte Repertoire. Hei maachen d'Schüler nach puer Feeler a punkto Syntax a Morphologie.

	- wa si sech fräi ausdrécken, en erweiderte Wuertschatz an einfach Strukturen ze benotzen, och wa se nach ëmmer elementar Feeler maachen, déi d'Verstoen awer net beaflossen.
Texter zeenesch duerstellen	D'Schüler sinn an der Lag: - kuerz an der Klass traitéiert Geschichte virzedroen a virzespillen, och wa se nach heiansdo Elementer ausloossen. - ausgoend vu präzisen Uweisungen (Billergeschicht, asw.) eng Geschicht z'erfannen an z'erzielen. Si kënnen hir Geschicht och a Rollespiller nospillen.

	Héierverstoen
Säi Gespréichspartner verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - déi wesentlech Informatioune vun enger Diskussioun ze verstoen, wann et sech ëm eng an der Klass traitéiert Situatioun handelt oder ëm einfach Messagen, déi gutt artikuléiert an an Ëmgangssprooch virgedroe goufen. - d'Thema vun engem Gespréich ze verstoen, och wann d'Gespréich ënnerschiddlech Theme beréiert. - e Gespréich iwwer eng méi laang Zäit ze verfollegen.
En Héiertext verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - uerdentlech gegliddert, kuerz an einfach Virträg, déi mat Biller illustréiert ginn an sech op am Programm virgesinn Theme bezéien, ze verfollegen, mee et muss lues an däitlech geschwat ginn. - éischter méi kuerz an einfach Texter vun ënnerschiddlechem Genre, sachbezunn oder literaresch, ze lauschteren, sou laang dës kloer artikuléiert ginn an de Kontext virum Lauschtere gekläert gouf.
Héierstrategien an –techniken benotzen	D'Schüler sinn an der Lag: - den Tounfall, de Rhythmus, d'Lautstäerkt, den Akzent an d'nonverbal Sprooch ze berécksiichtegen, fir de Sënn selbstänneg doraus ofzeleeden. - d'Bedeitungen an engem kuerzen an einfachen Héiertext unhand vum Kontext ze klären.
D'Informatiounen an engem Text fannen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - déi eenzel Spriecher an engem Héiertext z'identifizéieren an den Oflaf erëmzeginn. - méi Informatiounen aus engem Héierdokument genee z'identifizéieren.

Héiertexter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - tëscht informativen an ënnerhalenden Texten z'ënnerscheeden. - tëscht Realitéit a Fiktioun z'ënnerscheeden a verschidden Héiertextaarten (Bericht, Interview, Sketch, …) ze vergläichen.

	Liesverstoen
Ënnerschiddlech Texter liesen	D'Schüler sinn an der Lag: - kuerz an uerdentlech gegliddert Texter ze liesen, déi an enger einfacher Sprooch mat geleefegen Ausdréck geschriwwe sinn, och wa se e bëssen Zäit dofir brauchen. - Texter mat e puer Abschnitter (Rezepter, Definitiounen am Dictionnaire, Annoncen, Kommentaren oder einfach literaresch Texter, wéi Erzielungen, Märercher a Fabelen) ze liesen an ze verstoen.
Liesstrategien an –technike mobiliséieren	D'Schüler sinn an der Lag: - bestëmmt, vun hinne gebrauchten Informatiounen a Lëschten oder Dictionnairen ze fannen. - déi net-verstanen Textpassagen ze klären, an deem si op de Kontext vum Text zeréckgräifen.
D'Informatiounen an engem Text ermëttelen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - wa se dorop virbereet goufen, d'Haaptevenementer an enger kuerzer Geschicht, dären Oflaf an déi wichteg Eenzelheeten z'erkennen. - ganz selbstänneg d'Haaptiddie vun engem realitéitsnoen Text, déi allgemeng Donnéeën (Autor, Plazen, Zäit, Figuren, Textorganisatioun, …) an explizit formuléiert Informatiounen z'identifizéieren.
Texter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - de Kontext auszeschaffen, d'Plaz an den Handlungsoflaf vun enger Geschicht ze bestëmmen an ze beschreiwen an d'Figuren ze charakteriséieren. - déi ënnerschiddlech Standpunkten oder Grënn vun de Figuren ze verstoen a se ze beschreiwen.

	Lexikalesch / Grammatesch Inhalter
Inhalter	- Persounebeschreiwungen - Kleeder - Iessen - Geschichten

	- Lëtzebuerger Geschicht a Geographie
Grammaire	D'Schüler kënnen: - einfach Sätz a Froe formuléieren. - Verben an Adjektiven aus dem Themefeld richteg benotzen a konjugéieren. - trennbar Verben (undoen, ausdoen) konjugéieren. - d'Negatioun richteg benotzen. - d'Expressioun „Ech hätt gär" (ouni grammatesch Explikatioun) benotzen. - Ausdréck fir e Wonsch auszedrécken an elementar Héiflechkeetsformelen (ech hätt gär, gitt mir w.e.g., kann ech w.e.g. ... kréien, Merci, villmools Merci, et ass gär geschitt, et ass näischt, kee Problem, ...) benotzen. - soen, wat si gär / net gär hunn.
Text, Textform, Textdeel	D'Schüler schaffe mat: - Biller, Illustratiounen, Wuertkäertercher, Lidder, Gedichter, Geschichten (Märercher, Erzielungen, ...), Ausschnëtter aus Kannerfilmer oder Héierspiller, kleng Rollespiller, Postkaarten, Basteluweisungen, Rezepter, Projeten.
Materialien, Ureegungen	- Portfolio - Billerkaarten: Memory, Domino, ... - Spiller: Ballspiller, Beweegungsspiller, Pantomim, Pictonnari, ... - Modenschau - iTeo - Märerchersbicher - Kachbicher - Geschichten, déi dem Niveau an Alter entspriechen.

2.2.2.6 Erweidert Léierziler fir e staarke P5-Grupp

Dëst Kapitel ass fakultativ a fir déi Klasse bestëmmt, an deenen d'Schüler staark sinn a gutt mam Programm virukommen. Bei de Léierziler handelt et sech ëm eng logesch Suite zu de Léierziler a Kompetenzen, déi am Kapitel 2.2.2.5 Detailléiert Léierziler fir d'P5 festgehale goufen. Dëst Kapitel déngt dem Léierpersonal als Hëllefsstellung a soll hinnen Ureizer fir hiren Unterrecht liwweren, falls si éischter mam Programm fäerdeg ginn.

	Mëndlech Produktioun
Matenee Schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech un engem kuerze Gespréich iwwer gängeg Themen ze bedeelegen, an deem si Froe stellen a beäntweren, sou laang dës Froe keng ze laang Stellungnam erfuerderen.
Virun engem Publikum schwätzen	D'Schüler sinn an der Lag: - eng strukturéiert, flësseg a kuerz Beschreiwung vun engem Erliefnes aus hirem Alldag ze ginn.
Nonverbal Kommunikatioun	D'Schüler sinn an der Lag: - Aussoe vun engem Gespréichspartner opzewäerten, ze bestätegen an ze widderspriechen, an deem se op hir Mimik a Gestik zeréckgräifen. - Beispiller, Illustratiounen a Géigestänn ze benotze fir d'Verständnes z'erliichteren.
Kommunikatiounsregelen	D'Schüler sinn an der Lag: - roueg nozelauschtere bis se d'Wuert hunn, deenen aneren nozelauschteren an hir Aussoen ze berécksiichtegen. - d'Wuert z'ergräifen an op Aussoen ze reagéieren. - sech un d'Héiflechkeetsregelen ze halen. (Wuert froen, säin Tour ofwaarden, déi aner net ënnerbriechen, nolauschteren, …). - Gespréichsregelen anzehalen, Stéierungen am Gespréichsverlaf z'erkennen a Verbesserungsvirschléi ze maachen.
Op d'Form oppassen (Ausdrock, Grammatik, Wuertschatz)	D'Schüler sinn an der Lag: - sech fräi auszedrécken an grammatikalesch Strukturen (Zäitangaben, Niewesätz, …) korrekt anzesetzen.
Texter zeenesch duerstellen	D'Schüler sinn an der Lag: - behandelt oder bekannten Erziel- a Spillmodeller ze benotzen a se spillen oder erzielen eng Geschicht op eng kohärent Manéier no.

	Héierverstoen
Säi Gespréichspartner verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - sech mat e puer perséinleche Bäiträg u Gespréicher, dären Thema an der Klass behandelt gouf an un deene méi Leit deelhuelen, ze bedeelegen.

En Héiertext verstoen	D'Schüler sinn an der Lag: - d'Thema an déi wichtegst Informatioune vu kuerze Videosequenzen ze verstoen, wa lues geschwat gëtt an d'Thema bekannt ass.
Héierstrategien an –techniken benotzen	D'Schüler sinn an der Lag: - komplex Verständigungsstrategien (Gebrauch vum Kontext, Interpretatioun vum Geschwatenen, Tounfall, …) ze gebrauchen a se den eenzelen Héiertextaarten unzepassen.
D'Informatiounen an engem Text fannen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - implizit Inhalter (d'Haltung an de Standpunkt vum Spriecher) wärend engem Gespréich ze fannen, sou laang dës vun engem gängegen Thema handelen.
Héiertexter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - eng nuancéiert Meenung, déi der Situatioun ugepasst ass, z'äusseren an déi charakteristesch Elementer vu verschiddenen Héiertexter (Interview, Bericht, …) auszeschaffen.

	Liesverstoen
Ënnerschiddlech Texter liesen	D'Schüler sinn an der Lag: - Texter, déi op sproochlechem, thematesche a strukturellem Niveau méi komplex sinn a sech mat alldeeglechen Theme befaassen, ze liesen an ze verstoen (Informatiounsbroschüren, Zäitschréften, …). - sech e Bild vun de Charakterzich vu verschiddene Figuren aus enger Erzielung ze maachen
Liesstrategien an –technike mobiliséieren	D'Schüler sinn an der Lag: - wichteg Textpassagen ze markéieren an d'Schlësselwierder opzeschreiwen.
D'Informatiounen an engem Text ermëttelen an auswäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - explizit formuléiert Informatiounen an engem Text mat engem konkretem Thema, dat net sou geleefeg ass, ze fannen.
Texter analyséieren, vergläichen a bewäerten	D'Schüler sinn an der Lag: - d'Charakterzich, d'Absichten an d'Gefiller vun enger Haaptpersoun aus enger Geschicht ze deiten a genee Textbeispiller ze zitéiere fir hire Standpunkt ze rechtfäerdegen.

	Lexikalesch / Grammatesch Inhalter
Inhalter	- Persounebeschreiwungen - Gefiller - Geschichten - Lëtzebuerger Geschicht a Geographie
Grammaire	D'Schüler kënnen: - déi regelméisseg an onregelméisseg Verben am Indicatif Present konjugéieren. - d'Adjektive benotzen an deklinéieren. - méi komplizéiert Sätz a Froe formuléieren. - d'Expressioun „Ech hätt gär" (ouni grammatesch Explikatioun) benotzen.
Text, Textform, Textdeel	D'Schüler schaffe mat: - Biller, Lidder, Gedichter, Geschichten (Märercher, Erzielungen, ...), Kannerfilmer oder Héierspiller, Rollespiller, Postkaarten, Rezepter, Projeten.
Materialien, Ureegungen	- Portfolio - Billerkaarten: Memory, Domino, ... - Spiller: Ballspiller, Beweegungsspiller, Pantomim, Pictonnari, ... - Märerchersbicher - Kachbicher - Geschichten, déi dem Niveau an Alter entspriechen. - Kannerfilmer, Héierspiller a Videosequenzen. - Liestagebuch

2.2.3 Evaluatioun[36]

Genee wéi am Lëtzebuergeschunterrecht bei de Mammesproochler an der Grondschoul geet et och am Friemsproochenunterrecht drëm d'Schüler bei der Bewäertung als alleréischt emol op eng Leeschtungsbereetschaft a -fäegkeet virzebereeden, ier hir Leeschtungen iwwerhaapt emol bewäert kënne ginn. D'Schüler solle keng Angscht viru Prüfungssituatiounen hunn an encouragéiert gi fir hiert Wëssen a Kënnen ënner Beweis ze stellen. Am Primär soll d'Léierpersonal sech also op déi positiv Punkte konzentréieren an deementspriechend d'Kompetenzen an d'Wëssen, dat d'Kanner besëtzen oder sech ugëeegent hunn, luewen. D'Luewen an d'positiv Bestäerkung sti bei der Evaluatioun am Virdergrond. D'Schoul soll

[36] Vgl. dozou : Schola Europaea : *Lehrplan – Zweite Sprache Deutsch - Primarbereich. Ref.: 2013-01-D-32-de-2 Orig.: DE. https://www.eursc.eu/Syllabuses/2013-01-D-32-de-2.pdf (19/05/2019).* S.: 41.

d'Interessi an d'Léierfreed vun de Schüler entwéckelen a steigeren, d'Vertrauen an déi eege Fäegkeeten erhéijen an zur Aschätzung vum eegene Leeschtungsverméige féieren.

Sou ginn am Friemsproochenunterrecht, wéi am Éischtsproochenunterrecht, keng eenzeg punktuell Leeschtunge bewäert, mee d'Schüler gi formativ an iwwer dat ganzt Semester evaluéiert. Dobäi sollen d'Übunge variéieren (Eenzelaarbecht, Gruppenaarbecht, Interview, Rollespill, ...) an dem Niveau vun de Kanner entspriechen. D'Aufgabe sollen ofwiesslungsräich an transparent sinn. Si sollen op de Kenntnesser, Fäegkeeten a Fertegkeete vun de Kanner baséieren, déi si an der Klass zesumme mam Léierpersonal ausgeschafft hunn. Duerch d'formativ Evaluatioun erkennt den Enseignant d'Schwächten an d'Stäerkte vun all Kand a ka sou d'Stäerkte förderen an un de Schwächte schaffen. D'Iwwerpréiwung vum Léiererfolleg déngt dem Léierpersonal och als Basis fir eng Feeleranalys, déi fir eng weider Wiel vun den inhaltleche Schwéierpunkten am Unterrecht mat abezu ka ginn an déi den Enseignantë beim Ausschaffe vun differenzéierten Approchen hëllefe soll.

Eng summativ Bewäertung ass an den éischten zwee Schouljoer am Primär z'evitéieren a soll eréischt ab der P3 lues a lues agefouert ginn. Dobäi ass et wichteg, dass d'Evaluatiounskritäre fir d'Kanner allgemeng gülteg, transparent an zouverlässeg sinn. D'Schüler solle wëssen, wat op se duerkënnt a si solle wärend enger Bewäertung net ënner ze vill Stress geroden. Dowéinst muss den Inhalt vum Test sech genee op déi jeeweileg Kompetenzen an Inhalter vum Léierplang bezéien an op Situatiounen zeréckgräifen, déi an der Klass behandelt goufen.

D'Grondlag vun der Bewäertung stellen d'Léierziler an d'Kompetenzen duer, déi an dëser Aarbecht fir all Niveau opgestallt an ausgeschafft goufen. D'Schüler schaffe mam Léierpersonal Inhalter a Kompetenzen aus, déi si da spéiderhi benotzen an ënner Beweis stelle mussen. D'Haaptzil läit bei der Dokumentatioun a Veranschaulechung vun de Schüler hire Progrèsen. Heifir stinn hinnen zwou Methoden zur Verfügung. Eng Kéier kann d'Léierpersonal de Léierfortschrëtt vun de Schüler duerch Planungs- an Evaluatiounsraster schréftlech festhalen.[37] Op der anerer Säit sollen d'Schüler léieren sech selwer ze beuerteelen an deementspriechend solle si mat der Hëllef vum Léierpersonal a Sproochportfolio féieren an deem si hir eege Fortschrëtt festhalen a bewäerte kënnen. Dëse Portfolio begleet d'Schüler

[37] An der Annex befënnt sech e Beispill vun engem Evaluatiounsraster wéi et och fir aner Sproochen an den europäesche Schoule benotzt gëtt.

duerch hir ganz Primärschoulszäit an ass an dräi opgedeelt: De Sproochepass, eng detailléiert Sproochebiographie an en Dossier, an deem d'Schüler eege Produktiounen dokumentéiere kënnen, déi hir erhale Sproochkompetenzen illustréieren an duerstellen.[38]

[38] Vgl. dozou : Schola Europaea : *Lehrplan – Zweite Sprache Deutsch - Primarbereich. Ref.: 2013-01-D-32-de-2 Orig.: DE. https://www.eursc.eu/Syllabuses/2013-01-D-32-de-2.pdf (19/05/2019).* S.: 41.

3. Den Iwwergank vun der Grondschoul an de Secondaire

Nodeems d'Schüler d'P5 erreecht a gepackt hunn, gi si an de Secondaire orientéiert. Dësen Iwwergank soll fir d'Kanner esou einfach an onkomplizéiert wéi méiglech gestallt ginn. Déi fënnef Schouljoer am Primär hunn als Zil, d'Schüler sou gutt wéi méiglech op den Unterrecht am Secondaire virzebereeden, hinnen dat néidegt Basiswëssen, d'Methodik an déi néideg Kompetenzen (Fach-, Methode-, Sozial- a Personalkompetenzen) mat op de Wee ze ginn. Sou viséiert och de Lëtzebuergeschunterrecht am Primär dorop, d'Schüler fir hiert weidert Studium an d'Ufuerderungen am Secondaire an am alldeegleche Liewe beschtméiglech virzebereeden.

Am ideale Fall géif de Lëtzebuergeschunterrecht am Secondaire do usetzen, wou en am Primär opgehalen huet. Dëst ass awer net ëmmer ëmsetzbar. D'Ufro fir eng Plaz an den ëffentlechen internationale Schoulen ass grouss a sou stellt et eng Realitéit duer, dass net nëmme Schüler aus dem eegene System, also aus der eegener Primärschoul, mee och aus ëffentleche lëtzebuergesche Schoulsystemer, aus auslännesche Schoulsystemer an aus den ACCUs- oder VP-Klassen sech dozou entscheeden an ëffentlechen internationale Schoulen ze studéieren. Dëst féiert zu enger Diversitéit an Heterogenitéit vun de Schüler, hirem Wëssen an hire Kompetenzen. Fir den Niveauen an de Capacitéite vun de Schüler sou gutt wéi méiglech gerecht ze ginn, ginn am Secondaire d'Klassen am Lëtzebuergeschunterrecht den Niveauen entspriechend opgedeelt (Niveau debutant – Niveau intermediaire – Niveau avancé)[39].

[39] D'Opdeelung an d'Kritäre vun de verschiddene Lëtzebuergeschklassen am Secondaire ginn an den nächste Kapitelen nach vill méi ausféierlech beschwat an erkläert an dofir gëtt elo hei net weider op déi ënnerschiddlech Klassen an Niveauen agaangen.

Fir d'Niveauen ze bestëmmen an d'Schüler de jeeweilege Klassen no opzedeelen, gëtt engersäits de schoulesche Wee vun de Schüler gekuckt an anersäits ginn d'Niveauen an d'Kompetenzen am Ufank vun der S1 an engem Interview vun enger oder méi Persoune vum Fach iwwerpréift. Déi éischt Schouldeeg déngen an den ëffentlechen internationale Schoulen dozou, dass d'Schüler sech aliewen, si de Schoulsystem, hir Klassekomeroden an hir Enseignantë kenneléieren. Et handelt sech ëm eng Agewinnungsphas an där den Unterrecht nach net ugelaf ass. D'Schüler léieren d'Schoul kennen, maachen hir Schülerkaarten a gi mat Hëllef vun Aktivitéiten op de Schoulstart virbereet. Wärend dëser Phas profitéieren d'Fachleit aus dem Lëtzebuergesche vun der Chance fir an déi eenzel Klassen ze goen an sech selwer e Bild vum Niveau an de Kompetenze vun den eenzele Schüler ze maachen. D'Schüler duerchlafe kuerz Interviewen an deene si Froe gestallt kréien, déi et dem Léierpersonal erméiglechen hire Sproochenniveau (A1-C1) am Lëtzebuergeschen ze bestëmmen.[40]

Nodeems d'Fachpersonal sech e Bild iwwer d'Schüler gemaach huet, ginn d'Schüler a Gruppen opgedeelt an d'Niveaue vun den ënnerschiddleche Gruppe gi festgehalen (A1.1, A1.2, A2.1, A2.2, B1.1, asw.). D'Unzuel vun de Gruppe ka variéieren an hänkt vun der Schüler- an der Klassenunzuel, sou wéi vun der Unzuel u kompetentem Léierpersonal of.

[40] Fir d'Niveauen ze bestëmmen, orientéiert sech d'Léierpersonal un den eenzele Léierziler, déi pro Niveau ausgeschafft an déi am nächste Kapitel opgelëscht a festgehale goufen

Lëtzebuergesch an den ëffentlechen internationale Schoulen
Vun der Grondschoul bis an de Secondaire
4. Lëtzebuergesch am Secondaire
S1-S3

Unzuel vun den Unterrechtseenheete pro Woch:	2 Unterrechtseenheete vu jeeweils 45 Minutten
Sprooch vum Unterrecht:	Lëtzebuergesch
Unzuel vun de Prüfunge pro Semester:	2

An den ëffentlechen internationale Schoule gëtt Lëtzebuergesch vun der S1 bis an d'S3 ënnerriicht. Fir den ënnerschiddleche Sproochenniveaue vun de Schüler gerecht ze ginn, ginn dës am Ufank vum Schouljoer a Gruppen agedeelt, déi hiren Niveauen entspriechen. Wéi am Kapitel „Den Iwwergank vun der Grondschoul an de Secondaire" schonn thematiséiert, geschitt dës Andeelung ënnert der Form vun Interviewen. Unhand vun de Resultater aus den Interviewe ginn d'Schüler verschiddene Gruppen zougeuerdent. Generell ginn dës Gruppen an dräi Niveauen agedeelt: Den Niveau debutant, den Niveau intermediaire an den Niveau avancé. D'Unzuel vun de Gruppen hänkt vun der Schüler- a Klassenunzuel pro Joergank of a sou loosse sech an de verschiddene Joergäng ënnerschiddlech Gruppenunzuele fannen. Bei dräi S1-Klasse ginn zum Beispill 3 Lëtzebuergeschgruppen ugebueden, woubäi bei fënnef S1-Klassen fënnef Lëtzebuergeschgruppen ugebuede ginn. Wat méi Gruppen ugebuede ginn, wat d'Schüler méi präzis a méi homogen regruppéiert kënne ginn an d'Léierpersonal méi effektiv schaffe kann.

Obwuel d'Gruppen debutant, intermediaire an avancé genannt ginn an sech doraus e gewësse Sproochenniveau hirleede léisst, loossen sech dës Gruppen weider ënnergliddere a méi präzis definéieren. Wann d'Unzuel vun de Schüler an de Klassen et erlaben, kënnen d'Schüler den ënnerschiddleche Sproochenniveauen no gegliddert ginn. Am Idealfall hätt een

dann e Grupp A1.1, e Grupp A1.2, e Grupp A2.1, asw. Generell loossen sech d'Sproochenniveauen den dräi Gruppe folgendermoossen zouuerdnen. De Grupp debutant setzt sech aus de Sproochenniveauen A1.1 bis A2.1 zesummen. De Grupp intermediaire huet d'Niveauen A2.1 bis B1.3 ënnert sech regruppéiert an de Grupp avancé ass fir Lëtzebuergesch Éischtsproochler (Mammesproochler) oder Schüler mat engem ganz staarken Niveau am Lëtzebuergesche (B2-C1) geduecht.

Am Grupp debutant an am Grupp intermediaire gëtt d'Lëtzebuergesch als Friemsprooch ënnerriicht, wougéint am Grupp avancé Lëtzebuergesch als Éischtsprooch ënnerriicht gëtt. Fir de Besoine vun de Schüler an den ënnerschiddleche Gruppe gerecht ze gesinn, goufe fir de Secondaire zwee Unterrechtsprogrammer ausgeschafft, déi an den nächsten zwee Kapitele ganz am Detail virgestallt an erkläert wäerte ginn. Eng Kéier Lëtzebuergesch als Éischtsprooch am Secondaire an op där anerer Säit Lëtzebuergesch als Friemsprooch am Secondaire. A béide Kapitele gëtt fir d'éischt emol op den Opbau vun de Programmer agaangen, ier dann d'Léierziler an d'Inhalter festgehale ginn. Zum Schluss gëtt dann nach iwwer d'Evaluatioun geschwat.

Beim Opbau a beim Inhalt vum Programm fir Lëtzebuergesch als Éischtsprooch gouf sech un de allgemengen Erfarunge vum Léierpersonal an um Programm fir Lëtzebuergesch am Enseignement secondaire classique, Divisioun inférieure, inspiréiert.[41] Fir de Programm fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch gouf sech engersäits um „Gemeinsamen Europäesche Referenzrahmen“[42] an anerersäits um Programm Lëtzebuergesch an de „classes d'insertion“ inspiréiert.[43]

[41] Vgl.dozou: MENFP: Enseignement secondaire classique. Division inférieure. Luxem Luxembourgeois. 7C. Lëtzebuerg, 2018.

[42] Vgl. dozou: TRIM, John, NORTH, Brian, COSTE, Daniel, SHEILS, Joseph: Gemeinsamer europäischer Referenzrahmen für Sprachen: lernen, lehren, beurteilen. Niveau A1-A2-B1-B2-C1-C2. Hrsg. Goethe-Institut, Langenscheidt, Berlin, München, Wien, Zürich, New York, 2001.

[43] Vgl.dozou: MEN: Programm Lëtzebuergesch an de „classes d'insertion“ 7STF, 8TEF, 8POF, 9TEF, 9POF, 9PRF. Lëtzebuerg, 2015.

Lëtzebuergesch an den ëffentlechen internationale Schoulen
Vun der Grondschoul bis an d'Secondaire-Schoulen
4. Lëtzebuergesch am Secondaire
4.1 Lëtzebuergesch als Éischtsprooch am Secondaire
S1-S3

Unzuel vun den Unterrechtseenheete pro Woch:	2 Unterrechtseenheete vu jeeweils 45 Minutten
Sprooch vum Unterrecht:	Lëtzebuergesch
Unzuel vun de Prüfunge pro Semester:	2

An den ëffentlechen internationale Schoule gëtt Lëtzebuergesch vun der S1 bis an d'S3 ënnerriicht, wat et de Lëtzebuergeschen Éischtsproochler oder de Schüler mat engem staarke Sproochenniveau am Lëtzebuergeschen erméiglecht, sech dräi Joer laang méi intensiv mat der Lëtzebuerger Sprooch, Literatur a Kultur ze beschäftegen. Op dës Aart a Weis kréien d'Schüler d'Méiglechkeet sech mat der Geographie, der Geschicht an der Sproochgeschicht vum Lëtzebuerger Land auserneenzesetzen an Ablécker an d'Schreifweis vun der Lëtzebuerger Sprooch ze kréien.

Bannent dräi Schouljoer sollen d'Schüler déi wichtegst Etappe vun der Lëtzebuerger Geschicht an der Lëtzebuerger Politik (Regierungsform, Parteien, asw.) bäibruecht kréien. Si sollen sech méi genee mat der Lëtzebuerger Musekszeen, Sportszeen a Literaturzeen auserneesetzen an deementspriechend Ablécker an déi verschidde Literaturgattunge kréien. Si sollen och léiere kritesch mat de Lëtzebuerger Medien (Zeitung, Radio an Tëlee) ëmzegoen an sech mat der Méisproocheger Situatioun an den Dialektvarianten am Land auserneenzesetzen. Schliisslech sollen d'Schüler d'Lëtzebuerger Schreifweis léieren, an deenen hinnen d'Grondreegelen etappeweis bäibruecht ginn.

De Programm ass de Joergäng no gegliddert, déi konsekutiv a progressiv openeen opbauen. Op der S1 sollen d'Schüler éischt Ablécker an d'Lëtzebuerger Kultur, Geschicht, Literatur a

Schreifweis kréien, ier se sech dann op der S2 an der S3 méi genee mat verschiddenen Themen auserneesetzen. Fir all Joergank goufe spezifesch Léierziler ausgeschafft, déi sech mat ënnerschiddlechen Theme beschäftegen. Sou geet ee Léierzil op d'geografesch Kenntnesser vu Lëtzebuerg an, en zweet beschäftegt sech mat historeschen Donnéeën. An engem drëtte Léierzil geet et ëm d'Literatur an d'Sproochgeschicht vum Land, ier sech da méi genee mat de Lëtzebuerger Medien an engem véierte Léierzil beschäftegt gëtt. Zousätzlech kënnen och sozio-kulturell Theme behandelt ginn. D'Lëtzebuerger Schreifweis an hir Grondreegele sollen de Schüler an iwwersiichtleche Portiounen innerhalb vun de verschiddene Léierziler bäibruecht ginn.

De Programm ass an dräi Joergäng (S1, S2 an S3) gegliddert an all Joergank ass folgendermoossen opgesat: An engem éischte Punkt gëtt den Inhalt vum Unterrecht global beschriwwen a virgestallt an d'generell Léierziler ginn an der Form vun enger Tabell opgelëscht. Op dës Manéier huet d'Léierpersonal en direkten Iwwerbléck iwwer den Inhalt an d'Léierziler vum Unterrecht. An engem zweete Punkt ginn déi generell Léierziler méi am Detail virgestallt. Déi detailléiert Léierziler an d'Theme vun de generelle Léierziler gi festgehalen an och grammatesch, syntaktesch a phonetesch Schwéierpunkte ginn opgelëscht. Zousätzlech kréien d'Enseignanten op dëser Plaz Proposen zu der Unzuel vun den néidegen Unterrechtseenheete pro Léierzil, souwéi Materialvirschléi gemaach. Dës Virschléi sollen dem Léierpersonal hëllefen Übungen, Aufgaben a Beispiller fir déi verschidde Léierziler ze fannen. Bei de Léierziler bleift nach ze präziséieren, dass d'Reiefolleg vun de generelle Léierziler variabel ass an d'Enseignantë selwer entscheede kënnen, wéi si de Programm ofschaffe wëllen. [44]

No de Léierziler kritt d'Léierpersonal nach Literaturvirschléi fir Ganzschréfte gemaach, déi jee no Niveau a Klass ubruecht sinn. D'Zil pro Joergank soll et nämlech sinn, dass d'Schüler op mannst eng Ganzschréft – an oder nieft dem Unterrecht – gelies hunn. Nieft de Literaturvirschléi kréien d'Enseignanten och Filmvirschléi gemaach, déi thematesch zum Unterrecht passen. Hei geet et nëmmen drëms den Enseignantë Proposen ze maachen an

[44] Fir d'Duerstellung vun den detailléierte Léierziler am Secondaire hunn ech mech un de Programmer vum INL inspiréiert, well dës immens iwwersiichtech a flott gestallt goufen. An der Annex 3 befënnt sech eng weider Presentatiounsform vun de Léierziler. Hei goufen déi detailléiert Léierziler als Kann-Kompetenze formuléiert.

hinne Material un Hand ze leeën. Zu kengem Moment gëtt vum Léierpersonal verlaangt, d'Filmer alleguerten an der Klass ze kucken.

Uschléissend geet de Programm dann nach op d'Ofteste vun de viséierte Kompetenzen an a liwwert den Enseignantë konkret Informatiounen zum Opbau, der Matière an den Evaluatiounskritäre vun den Tester.

4.1.1 S1-Eng Aféierung

4.1.1.1 Globalbeschreiwung a generell Léierziler

D'S1 déngt de Schüler als Aféierungsniveau, an deem si éischt Ablécker an d'Lëtzebuerger Geschicht, Geografie, Literatur, Kultur an an d'Schreifweis kréie sollen. Sou sollen d'Schüler d'Opdeelung vum Lëtzebuerger Land kenneléieren an zum Schluss vum Schouljoer an der Lag sinn déi wichtegst Regiounen, Flëss, Stied an Dierfer zu Lëtzebuerg ze benennen an ze situéieren. An engem anere Léierzil sollen d'Schüler sech kuerz mat de wichtegsten historeschen Evenementer zu Lëtzebuerg auserneesetzen. Wéini gouf Lëtzebuerg gegrënnt? Wéini gouf d'Land onofhängeg? Wéi huet den éischte Grof vu Lëtzebuerg geheescht? Op dës Aart a Weis sollen d'Schüler zum Schluss vun der S1 an der Lag si souwuel déi wichtegst historesch Evenementer, wéi och déi bekanntst historesch Perséinlechkeete vu Lëtzebuerg ze benennen.

Am drëtte generelle Léierzil geet et ëm d'Lëtzebuerger Literatur. Hei sollen d'Schüler éischt kuerz Texter op Lëtzebuergesch kenneléieren, liesen an analyséieren. Fir d'Schüler net mat Literatur z'erschloen, gouf eng Auswiel un Texter getraff, déi op der S1 ze liese sinn. Sou sollen aus dem Buch „Lies de Bal" déi Texter behandelt ginn déi sech ëm d'Schoul an de Schoulalldag dréinen an als Literaturgattung gouf de Comic als Genre festgehalen. Am véierte Léierzil sollen d'Schüler sech mat der Lëtzebuerger Mediewelt auserneesetzen. D'Schüler sollen déi wichtegst Lëtzebuerger Radio- an Tëleessenderen, wéi Zeitungsbetriber kenneléieren. Zousätzlech sollen si sech mat der Aktualitéit beschäftegen, an deem si Artikelen aus der geschriwwener Press analyséieren a Reportagë vun der Tëlee an dem Radio kucken a lauschteren.

An dësem Aféierungsjoer geet et drëm, dass d'Schüler sech en Allgemengwëssen opbauen an dass si virun allem Spaass um Léiere vun der Mammesprooch entwéckelen. Deementspriechend ginn an dësem Schouljoer folgend generell Léierziler behandelt:

Generellt Léierzil	
1	**D'Schüler sinn an der Lag geografesch Donnéeën iwwer Lëtzebuerg ze verstoen an ze ginn.**
2	**D'Schüler sinn an der Lag d'Geschicht vu Lëtzebuerg a graffen Zich ze beschreiwen.**
3	**D'Schüler sinn an der Lag sech mat der Lëtzebuerger Comiczeen a Literaturzeen ze beschäftegen.**
4	**D'Schüler sinn an der Lag Noriichten ze verstoen.**

4.1.1.2 Detailléiert Léierziler

Generellt Léierzil 1	**D'Schüler sinn an der Lag geografesch Donnéeën iwwer Lëtzebuerg ze verstoen an ze ginn.**
Themen / Vocabulaire	Stied an Dierfer zu Lëtzebuerg / Flëss / Regiounen
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 8
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - sech zu Lëtzebuerg z'orientéieren. - d'Uertschaften zu Lëtzebuerg an déi verschidden Attraktiounen ze benennen. - d'Regioune vu Lëtzebuerg (Éislek– Minett – Guttland) ze benennen an ze lokaliséieren. - déi wichteg Flëss (Sauer, Musel, Our, Uelzecht) ze nennen an op enger Kaart ze lokaliséieren.
Grammaire	D'Schreifweis vun den Dierfer a Stied op Lëtzebuergesch (ouni weider grammatesch Explikatiounen) D'Schreifweis vum „e" (e, ë) D'Schreifweis vum „ei" (ei, éi, äi)
Phonetik	D'Aussprooch vun den eenzele Konsonanten, Vokalen an Duebellauter.
Materialvirschléi / Supporten	**Bicher:** GAASCH, Angie; KAELL, Jennifer: Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1. Institut national de Langues, Lëtzebuerg, 2015. S. 20-21. HAUPERT; Camille: Lëtzebuergesch. Mir schwätze mateneen. Band 3. Ministère de l'éducation nationale, de la formation professionnelle et des sports. Lëtzebuerg, 2002. S. 189-192.

	KNEPPER, Danielle; NODARI Claudio: Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. Ministère de l'éducation nationale et de la formation professionnelle. 2011. S. 13 MICHAEL, Thomas: Diercke Drei. Universalatlas. Westermann. Braunschweig, 2006. S.38-39, 49 WOLTER, Fernand: Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. Editions Saint-Paul. 2014. S. 31, 76-77, 80, 156. **Internetsäiten:** SCHENTEN, Shari; SCHMIT, Eric: Richteg Lëtzebuergesch Schreiwen. Ministère de l'Education, de l'Enfance et de la Jeunesse.

Generellt Léierzil 2	**D'Schüler sinn an der Lag d'Geschicht vu Lëtzebuerg a graffen Zich ze beschreiwen.**
Themen / Vocabulaire	Seeche vun der Melusina / Entstehung vu Lëtzebuerg / Onofhängegkeet an Neutralitéit vu Lëtzebuerg / Schläife vun der Festung / Groussherzoglech Famill
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 20
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - d'Geschicht vu Lëtzebuerg a graffen Zich ze beschreiwen an eng Réi vu Stéchdatumen ze nennen (Entstehung vu Lëtzebuerg, Onofhängegkeet vu Lëtzebuerg, Neutralitéit vu Lëtzebuerg an d'Schläife vun der Festung, asw.). - eng Réi vun Nimm vu groussen / wichtegen historesche Perséinlechkeeten ze nennen (Grand-Duc, Premierminister, asw.). - d'Seeche vun der Melusina ze verstoen, z'erzielen an erëmzeginn.
Grammaire	Reegel vun der Vokalläengt Schreifweis vun de Konsonanten
Phonetik	D'Aussprooch soll, wann néideg, d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
Materialvirschléi / Supporten	**Bicher:** BERTOLI, Rose-Anne: TRIO 3. Ministère de l'éducation nationale, 2007. S. 229- 355. CLEMENT, Cathy; asw.: Lies de Bal. Editions Guy Binsfeld. 2015. S.45. HAAG, Emile, The rise of Luxembourg from Independence to Success, Luxemburg, éditions Saint-Paul, 2015.

KOHL-CROUZET, Corinne: D'Geheimnisser ëm d'Gräfin Ermesinde: dem Lucky seng Reesen. Lëtzebuerg, 2011.

KOHL-CROUZET, Corinne: D'Melusina a seng Verwandlungen. Édition FGIL. Lëtzebuerg, 2014.

KOHL-CROUZET, Corinne: Europa ënner dem Keeser Karel IV. vu Lëtzebuerg: dem Lucky seng Reesen. Lëtzebuerg, 2016.

KOHL-CROUZET, Corinne: Op de Spuere vum Jang de Blannen: dem Lucky seng Reesen. Lëtzebuerg, 2010.

PAULY, Michel, Geschichte Luxemburgs, München, Verlag C.H. Beck, 2011.

PAULY, Michel: Histoire du Luxembourg, Brüssel, éditions de l'Université de Bruxelles, 2013.

ROTH, Lex: De Grof Sigfrid an d'Melusina. Éditions Revue. Lëtzebuerg, 2013.

ROTH, Lex: Melusina. Éditions Guy Binsfeld. Lëtzebuerg, 2014.

THEWES, Guy, Apropos. Großhergzogtum Luxemburg, le gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, 2017.

TRAUSCH, Gilbert (unter der Leitung von), Histoire du Luxembourg. Le destin européen d'un „petit pays", Toulouse, Editions Privat, 2002.

TRAUSCH, Gilbert, Le Luxembourg. Émergence d'un Etat et d'une nation, neue durchgesehene und erweiterte Ausgabe, Esch an der Alzette, Editions Schortgen, 2007.

Internetsäiten:

Die Geschichte Luxemburgs in einigen Daten: http://luxembourg.public.lu/de/le-grand-duche-se-presente/histoire/histoire-dates/index.html

Die Luxemburger Kulturgeschichte: www.kulturgeschicht.lu

Éischte Weltkrich: https://ww1.lu/?lang=de

SCHENTEN, Shari; SCHMIT, Eric: Richteg Lëtzebuergesch Schreiwen. Ministère de l'Education, de l'Enfance et de la Jeunesse.

Generellt Léierzil 3	**D'Schüler sinn an der Lag sech mat der Lëtzebuerger Comiczeen a Literaturzeen ze beschäftegen.**
Themen / Vocabulaire	Lëtzebuerger Comicken / de Superjhemp / Texter aus dem Schoulalldag
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 20
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - Lëtzebuergesch och a komplexen Zesummenhäng ze verstoen. - kuerz Lëtzebuergesch Texter ze verstoen. - Lëtzebuergesch Ausdréck a Riedensaarten z'erkennen an ze benotzen. - fléissend Lëtzebuergesch ze liesen. (mat kuerze Pausen) - kreativ mat der Sprooch ze schaffen. - iwwer d'Lëtzebuerger Comiczeen ze schwätzen.
Grammaire	N-Reegel Déi verschidde Schreifweise vum „e" (e, é, ë, ee) Schreifweis vun de Verben am Present Sazbau
Phonetik	D'Aussprooch soll, wann néideg, d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
Materialvirschléi / Supporten	**Bicher:** CLEMENT, Cathy; asw.: Lies de Bal. Editions Guy Binsfeld. 2015. S. 14-17, 25-30, 34-38, 48-56, 112-120. Déi ganz Comicréi vum CZUGA, Lucien, GENEN, Andy: „De leschte Ritter". Editions Revue. Déi ganz Comicbicher vum CZUGA, Lucien, LEINER, Roger: Superjhemp. Editions Revue. KNEPPER, Danielle; NODARI Claudio: Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. Ministère de l'éducation nationale et de la formation professionnelle. 2011. S. 72- 79. LEINER, Roger, SOISSON Robert: Décke Gas an der Krommheck. Edition Familljeministère, 1997. **Internetsäiten:** SCHENTEN, Shari; SCHMIT, Eric: Richteg Lëtzebuergesch Schreiwen. Ministère de l'Education, de l'Enfance et de la Jeunesse.

Generellt Léierzil 4	**D'Schüler sinn an der Lag Noriichten ze verstoen.**
Themen / Vocabulaire	Aktualitéit / Medien / Zeitungen / Radio / Tëlee
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 16
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - Artikelen op Lëtzebuergesch aus der geschriwwener Press oder aus dem Internet ze verstoen. - Noriichten um Radio an op der Tëlee ze verstoen. - Aussoen an Informatiounen aus den Noriichten ze verstoen, erauszefilteren an an e Kontext ze setzen. - Noriichten ze lauschteren a weiderzëerzielen. - déi wichtegst Lëtzebuerger Zeitungen a Radiossender ze nennen a kuerz ze beschreiwen.
Grammaire	Duebellauter (alleguerten) Friemwierder an hir Schreifweis Auerzäiten
Phonetik	D'Aussprooch soll, wann néideg, d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
Materialvirschléi / Supporten	**Bicher:** KNEPPER, Danielle; NODARI Claudio: Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. Ministère de l'éducation nationale et de la formation professionnelle. 2011. S. 55 QUARING, Ines: Lëtzebuergech fir all Dag. Lektiounen 9-16. Centre de langues Luxembourg. Lëtzebuerg, 2001. S. 19-29. **Internetsäiten:** www.eldoradio.lu www.kulturgeschicht.lu www.lessentiel.lu www.rtl.lu www.tageblatt.lu www.wort.lu SCHENTEN, Shari; SCHMIT, Eric: Richteg Lëtzebuergesch Schreiwen. Ministère de l'Education, de l'Enfance et de la Jeunesse.

4.1.1.3 Ganzschréften a Filmvirschléi

Bicher:

1. DAMAN, Viviane: *Kanner, d'Fouer, Falschgeld: e Krimi fir Kanner*. *Éditions Phi. Esch-Uelzecht, 2016. ISBN 978-99959-37-31-7*
2. DAMAN, Viviane: *Kanner, eng Entféierung an déi Wëll Fra vu Lasauvage*. Éditions Phi. Déifferdeng, 2014. *ISBN 978-99959-37-06-5*

3. DAMAN, Viviane: *Kanner, Vakanz an ee Geescht*. Éditions Phi. Déifferdeng, 2013. *ISBN 978-2-87964-200-0*
4. DAMAN, Viviane: *Kanner, Fässer, Ëmweltsënner*. Éditions Phi. Déifferdeng, 2012. *ISBN 978-2-87964-183-6*
5. DAMAN, Viviane: *Kanner, Gecken an zwee Abriecher*. Éditions Phi. Déifferdeng, 2011. *ISBN 978-2-87964-148-5*
6. DAMAN, Viviane*: Kanner, Déif, an e Vëlo*. Éditions Phi. Déifferdeng, 2009. *ISBN 978-2-87962-276-7*
7. DAMAN, Viviane: *Kanner, Raiber, Polizisten*. Éditions Phi. Déifferdeng, 2009. *ISBN 978-2-87862-275-0*
8. HOFFMANN, Gilles: *D'Geheimnis vum Stollen*. Sne-éditions. Lëtzebuerg, 2012. *ISBN 978-2-87992-543-1*
9. HOFFMANN, Gilles: *D'Geheimnis vum Schlass*. Sne-éditions. Lëtzebuerg, 2008. *ISBN 2-87992-542-8*
10. KINNEY, Jeff: *Dem Greg säin Tagebuch: e Comic-Roman*. Capyboarabooks. Lëtzebuerg, 2013. ISBN 978-99959-751-5-9
11. KINNEY, Jeff: *Dem Greg säin Tagebuch 2 – Ass eppes?.* E Comic-Roman. Capybarabooks. Lëtzebuerg, 2016. ISBN 978-99959-43-08-0

Filmer:

1. SCHROEDER, Laura: *Schatzritter an d'Geheimnis vum Melusina*. Lucil Film, 2012.
2. KOCH, Félix: *Superjhemp Retörns*. Samsa Film, 2018.

4.1.2 S2-Verdéiwung

4.1.2.1 Globalbeschreiwung a generell Léierziler

D'Schüler sollen hiert Wëssen erweideren. Si hunn op der S1 verschidde kuerz Ablécker a Lëtzebuerger Geschicht, Geographie, Literatur a Kultur kritt a sollen dëst Wëssen op der S2 ausbauen a verdéiwen. Dowéinst gi verschidde Punkte méi genee ënnert Lupp geholl an thematiséiert. Sou sollen d'Schüler sech am geographesche Léierzil net méi just op d'Land Lëtzebuerg bezéien, mee och d'Roll vu Lëtzebuerg an Europa a säi Bezuch zu den Nopeschlänner soll analyséiert ginn. Am geschichtlechen Deel sollen d'Schüler net nëmme

méi Stéchdatume léieren a verënnerlechen, mee et geet drëms hinne méi verdéiften Ablécker an historesch Evenementer, wéi zum Beispill dem zweete Weltkrich z'erméiglechen. Hei kënnen d'Enseignanten och erëm op eng Rëtsch vu literareschen Texter aus dem Buch „Lies de bal" zeréckgräifen a sou Literatur a Geschicht matenee verbannen. Zousätzlech soll och d'Sproochgeschicht vu Lëtzebuerg op dësem Niveau eng Kéier kuerz thematiséiert an analyséiert ginn.

Am literaresche Léierzil sollen d'Schüler verschidde Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller an ënnerschiddlech Textgattunge kenneléieren. Sou stinn op der S2, zum Beispill, den Opbau an den Inhalt vu Märercher um Programm. An am Léierzil vun de Medie sollen d'Schüler un hirem kriteschen Denke schaffen. Si sollen sech kritesch mat Themen auserneesetzen, argumentéieren a Schlussfolgerungen zéie kënnen.

De Schüler hir Kompetenzen (inhaltlech, sozial, methodesch a personal) solle weider ausgeschafft ginn a si sollen zu oppenen a kriteschen europäesche Bierger erzu ginn.

Generellt Léierzil	
1	**D'Schüler sinn an der Lag geographesch Donnéeën iwwer Lëtzebuerg an der Groussregioun an an Europa ze verstoen an ze ginn.**
2	**D'Schüler sinn an der Lag bestëmmten historesch Evenementer an Donnéeën erëmzeginn a méi am Detail ze beschreiwen.**
3	**D'Schüler sinn an der Lag Inhalter aus Texter ze verstoen, kloer ze beschreiwen a kuerz an informell ze kommentéieren.**
4	**D'Schüler sinn an der Lag hire Standpunkt zu Themen aus den Noriichten an der Aktualitéit ze vertrieden.**

4.1.2.2 Detailléiert Léierziler

Generellt Léierzil 1	**D'Schüler sinn an der Lag geographesch Donnéeën iwwer Lëtzebuerg an der Groussregioun an an Europa ze verstoen an ze ginn.**
Themen / Vocabulaire	Lëtzebuerg an der Groussregioun / Europa
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 8
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - déi wichteg Uertschaften, Regiounen, Flëss, asw. zu Lëtzebuerg an déi verschidden touristesch Attraktiounen ze benennen a virzestellen a sech zu Lëtzebuerg z'orientéieren.

	- Lëtzebuerg an der Groussregioun ze situéieren. - d'Roll vu Lëtzebuerg an Europa ze beschreiwen (Saar-Lor-Lux). - déi verschidden Dialekter hirer Regioun zouzeuerdnen.
Grammaire	Widderhuelung vun der Schreifweis vun de Vokalen, Diphthongen an Konsonanten.
Phonetik	D'Aussprooch soll, wann néideg, d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
Materialvirschléi / Supporten	**Bicher:** CLEMENT, Cathy; asw.: Lies de Bal. Editions Guy Binsfeld. 2015. S.121-122, 131-132. MICHAEL, Thomas: Diercke Drei. Universalatlas. Westermann. Braunschweig, 2006. S.38-39, 49 **Internetsäiten:** Die Luxemburger Kulturgeschichte: www.kulturgeschicht.lu Luxemburg – Europäische Hauptstadt und Sitz mehrerer EU-Institutionen:http://www.eu2015lu.eu/de/la-presidence/luxembourg-et-ue/luxembourg-siege-institutions-europeennes/index.html Luxemburg und die Europäische Union: http://luxembourg.public.lu/de/le-grand-duche-se-presente/luxembourg-monde/luxembourg-europe/index.html SCHENTEN, Shari; SCHMIT, Eric: Richteg Lëtzebuergesch Schreiwen. Ministère de l'Education, de l'Enfance et de la Jeunesse.

Generellt Léierzil 2	**D'Schüler sinn an der Lag bestëmmten historesch Evenementer an Donnéeën erëmzeginn a méi am Detail ze beschreiwen.**
Themen / Vocabulaire	Sproochgeschicht / Zweete Weltkrich / Lëtzebuerger Traditiounen
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 20
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - eng Beschreiwung vun engem (historeschen, gesellschaftlechen, soziokulturellen, ...) Phenomen ze verstoen an erëmzeginn. - Gewunnechten an Traditiounen aus Lëtzebuerg ze beschreiwen an ze kommentéieren (Liichtmëssdag, Kleeserchersdag, Sprangprëssessioun, asw.).

	- d'Geschicht vu Lëtzebuerg wärend dem zweete Weltkrich ze verstoen an erëmzeginn. - d'Hierkonft vun der Lëtzebuerger Sprooch kuerz z'erklären (Sproochgeschicht).
Grammaire	Widderhuelung vun der Schreifweis vun de Vokalen, Diphthongen a Konsonanten.
Phonetik	D'Aussprooch soll, wann néideg, d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
Materialvirschléi / Supporten	**Bicher:** BERTOLI, Rose-Anne: TRIO 3. Ministère de l'éducation nationale, 2007. S. 293-326. CLEMENT, Cathy; asw.: Lies de Bal. Editions Guy Binsfeld. 2015. S. 39-41, 57-65, 71-78, 83-89. PAULY, Michel: Geschichte Luxemburgs. C.H. Beck, München, 2011. **Internetsäiten:** Éischte Weltkrich: https://ww1.lu/?lang=de Die Geschichte Luxemburgs in einigen Daten: http://luxembourg.public.lu/de/le-grand-duche-se-presente/histoire/histoire-dates/index.html Die Luxemburger Kulturgeschichte: www.kulturgeschicht.lu SCHENTEN, Shari; SCHMIT, Eric: Richteg Lëtzebuergesch Schreiwen. Ministère de l'Education, de l'Enfance et de la Jeunesse.

Generellt Léierzil 3	**D'Schüler sinn an der Lag Inhalter aus Texter ze verstoen, kloer ze beschreiwen a kuerz an informell ze kommentéieren.**
Themen / Vocabulaire	Märercher / Literatur
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 20
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - déi wichtegst Lëtzebuerger Schrëftsteller an hir Wierker ze nennen. - d'Haaptpunkte vun engem Text zesummenzefaassen an ze presentéieren. - eng Erzielung an der Vergaangenheet ze verstoen. - eng Geschicht zesummenhänkend z'erzielen. - e Mäerchen an 10-12 Sätz z'erzielen. - eng Persoun ze beschreiwen an ze charakteriséieren.

	- positiv oder negativ Kritiken iwwer e Film, e Buch, eng CD, ... z'äusseren. - un enger allgemenger Diskussioun deelzehuelen a hir Meenung auszedrécken.
Grammaire	Schreifweis vun de Verben am Passé (Passé Composé an Imparfait) Nomen an d'Wuertaarten
Phonetik	D'Aussprooch soll, wann néideg, d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
Materialvirschléi / Supporten	**Bicher:** ESTGEN-MERTENS, Renée: A well se net gestuerwe sinn... Märercher vun de Bridder Grimm. Edition Saint-Paul. Lëtzebuerg, 2010. **Internetsäiten:** Luxemburger Autorenlexikon: www.autorenlexikon.lu SCHENTEN, Shari; SCHMIT, Eric: Richteg Lëtzebuergesch Schreiwen. Ministère de l'Education, de l'Enfance et de la Jeunesse.

Generellt Léierzil 4	**D'Schüler sinn an der Lag hire Standpunkt zu Themen aus den Noriichten an der Aktualitéit ze vertrieden.**
Themen / Vocabulaire	Aktualitéit / Noriichten / Meenung
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 16
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - déi wichtegst Informatiounen aus den Noriichten oder enger aktueller Emissioun um Radio / op der Tëlee ze verstoen. - eng Situatioun oder e Phenomen ze beschreiwen. - d'Haaptpunkten aus engem Reportage / enger Noriicht mëndlech erëmzeginn oder schréftlech festzehalen. - en Thema / eng Problematik kuerz ze beschreiwen an Argumenter virzebrénge fir hire Standpunkt ze begrënnen. - eng Conclusioun ze zéien a Léisungsvirschléi ze maachen. - Onverständnes, Zoustëmmung oder Zweiwel auszedrécken. - iwwer déi perséinlech Bedeitung vun enger Noriicht ze schwätzen. - kritesch mat de Medien ëmzegoen.
Grammaire	Funktioune vun de Wierder am Saz Schülerzeitung/ Artikelen

Phonetik	D'Aussprooch soll, wann néideg, d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
Materialvirschléi / Supporten	**Internetsäiten:** www.eldoradio.lu www.kulturgeschicht.lu www.lessentiel.lu www.rtl.lu www.tageblatt.lu www.wort.lu SCHENTEN, Shari; SCHMIT, Eric: Richteg Lëtzebuergesch Schreiwen. Ministère de l'Education, de l'Enfance et de la Jeunesse.

4.1.2.3 Ganzschréften a Filmvirschléi

Bicher:

1. FRIEDERICH-SCHMIT, Jeanny: *Anne Frank. Dagebuch*. Éditions Friederich-Schmit, 2012. *ISBN 978-99959-741-1-4*
2. GROEBER, Gast: *De Griss. Op der Lay*. Esch-Sauer, 2010. *ISBN 978-2-87967-169-7*
3. HOSCHEIT, Jhemp: *Perl oder Pica.* Esch-Uelzecht, 1998. *ISBN 978-2-87953-527-2*
4. LOSCH, Henri: *E Bouf erzielt: eng gewéinlech, ongewéinlech Kannerzäit am Krich*. Édition Guy Binsfeld. Lëtzebuerg, 2004. *ISBN 978-2-87954-142-6*
5. LOSCH, Henri: *Am grujelegen Tunnel*. Éditions Saint-Paul. Lëtzebuerg, 2003. *ISBN 978-2-87963-415-9*
6. MANDERSCHEID, Roger: *schacko klak: biller aus der kandheet*. Éditions Phi. Esch-Uelzecht, 2007. *ISBN 978-2-87962-221-7*

Filmer:

1. HOFFMANN, Frank: *Schacko Klak*. Samsa Film, 1990.
2. BODSON, Menn; OLINGER, Marc: Déi zwee vum Bierg. RTL Hei Elei, 1985.
3. BACHIM, Sacha: Heemwéi. Feierblumm Productions, 2014.
4. CRUCHTEN, Pol: Perl oder Pica. Red Lion, 2006.

4.1.3 S3-Optimiséierung

4.1.3.1 Globalbeschreiwung a generell Léierziler

Op der S3 besëtzen d'Schüler schonn e wesentlecht Basiswëssen iwwer Lëtzebuerg, seng Geographie, Geschicht, Literatur a Medien. Den Unterrecht op der S3 soll dozou bäidroen, d'Wësse vun de Schüler nach weider auszebauen, mee och hire kritesche Bléck ze förderen. D'Schüler sollen d'literarescht an d'sachlech Texter net nëmme liesen, mee och kritesch hannerfroen. Dobäi solle si léieren hir eege Meenung respektvoll auszedrécken a richteg z'argumentéieren. Et geet also ëm d'Optimiséierung vun hire Kompetenzen a vun deem Wëssen, dat Schüler scho besëtzen.

Op der S3 ginn d'Geographie an d'Geschicht zesummegeholl a virun allem d'Entwécklung vum Lëtzebuerger Land steet am Virdergrond. Wéi huet d'Land sech am Laf vun de Jore verännert? Wat fir eng Roll huet Lëtzebuerg weltwäit an an Europa? Nieft dem historesche Wësse sollen d'Schüler sech elo vill méi mat der Politik vum Land beschäftegen. Deementspriechend gouf der Lëtzebuerger Politik e ganzt Léierzil zougesprach. Wat fir eng Regierungsform gëtt et zu Lëtzebuerg? Wat sinn hir Grondlagen? Wéi lafe Wahlen of a wat fir Parteie ginn et?

D'Schüler sollen zu responsabele Bierger erzu ginn, déi net fäerten hir Meenung auszedrécken an aktiv un der Gesellschaft deelhuelen. Sou soll bei der Behandlung vun de literareschen Texter de kritesche Bléck vun de Schüler nach weider ausgebaut ginn. Historesch a gesellschaftlech Themen, wéi Immigratioun, Emigratioun, Lëtzebuerger Alldag, asw. sollen an der Literatur behandelt a beschwat ginn. D'Enseignantë kënnen hei op eng Rëtsch vu Lëtzebuerger Kuerzgeschichten, Romaner an Erzielungen zeréckgräifen an däerfe fräi wielen, wat fir Texter si an der Klass behandele wëllen. D'Schüler solle weider un der Argumentatioun schaffen an dës Kompetenz verdéiwen an ausbauen. Och am Léierzil vun de Medie sollen d'Argumentéieren an d'Ausdrécke vun der eegener Meenung am Virdergrond stoen. D'Schüler sollen unhand vun aktuellen Themen an Artikelen un hirem mëndlechen Ausdrock schaffen. D'Ausschaffe vu Virträg a Presentatiounen an d'Verfaasse vun Artikele sollen an dësem Léierzil behandelt ginn.

Generellt Léierzil	
1	**D'Schüler sinn an der Lag d'Entwécklung vum Lëtzebuerger Land an der Geschicht ze verstoen an erëmzeginn.**
2	**D'Schüler sinn an der Lag iwwer wichteg politesch an historesch Evenementer zu Lëtzebuerg ze diskutéieren.**
3	**D'Schüler sinn an der Lag den Inhalt vu méi komplexen Texter ze verstoen an zouverlässeg erëmzeginn, aktiv un enger (in-) formeller Diskussioun deelzehuelen an aus sengem Fach- oder Interesseberäich seng eege Gedanken oder Astellungen am Gespréich oder an engem Text z'äusseren an ze begrënnen. (Literatur)**
4	**D'Schüler sinn an der Lag Inhalter vun aktuelle Sujeten (schréftlech a mëndlech) erëmzeginn an aktuell Sujete selwer ze produzéieren, virzedroen an Hypotheesen opzestellen. (Medien)**

4.1.3.2 Detailléiert Léierziler

Generellt Léierzil 1	**D'Schüler sinn an der Lag d'Entwécklung vum Lëtzebuerger Land an der Geschicht ze verstoen an erëmzeginn.**
Themen / Vocabulaire	Entwécklung vum Lëtzebuerger Land (deemools-haut) / Geographie / Geschicht
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 14
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - iwwer d'Roll vu Lëtzebuerg weltwäit an an Europa z'argumentéieren - Lëtzebuerg fréier an haut mateneen ze vergläichen. - iwwer d'Roll vu Lëtzebuerg an der Europäescher Unioun z'argumentéieren.
Grammaire	Bei Bedarf solle verschidde grammatesch Punkte widderholl oder thematiséiert ginn.
Phonetik	D'Aussprooch soll, wann néideg, d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
Materialvirschléi / Supporten	**Bicher:** BERTOLI, Rose-Anne: TRIO 3. Ministère de l'éducation nationale, 2007. S. 215-225 an 229-292. MICHAEL, Thomas: Diercke Drei. Universalatlas. Westermann. Braunschweig, 2006. **Internetsäiten:** Die Geschichte Luxemburgs in einigen Daten: http://luxembourg.public.lu/de/le-grand-duche-se-presente/histoire/histoire-dates/index.html Die Luxemburger Kulturgeschichte: www.kulturgeschicht.lu

	SCHENTEN, Shari; SCHMIT, Eric: Richteg Lëtzebuergesch Schreiwen. Ministère de l'Education, de l'Enfance et de la Jeunesse.

Generellt Léierzil 2	**D'Schüler sinn an der Lag iwwer wichteg politesch an historesch Evenementer zu Lëtzebuerg ze diskutéieren.**
Themen / Vocabulaire	Politik / Regierung / Emigratioun / Immigratioun
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 10
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - einfach Informatiounen iwwer politesch Situatioun zu Lëtzebuerg (Monarchie – Regierungsform – Parteien) ze verstoen an erëmzeginn. - eng Biographie vun enger bekannter Perséinlechkeet auszeschaffen a virzestellen. - iwwer d'Themen „Emigratioun an Immigratioun" matzeschwätzen.
Grammaire	Bei Bedarf solle verschidde grammatesch Punkte widderholl oder thematiséiert ginn.
Phonetik	D'Aussprooch soll, wann néideg, d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
Materialvirschléi / Supporten	**Bicher:** BERTOLI, Rose-Anne: TRIO 3. Ministère de l'éducation nationale, 2007. S. 127- 173. **Internetsäiten:** Die Luxembuger Regierung. Politisches System: https://gouvernement.lu/de/systeme-politique.html Éischte Weltkrich: https://ww1.lu/?lang=de Fondation. Zentrum fir politesch Bildung: https://zpb.lu/lernen/materiel-pedagogique/?lang=de Politisches System: http://luxembourg.public.lu/de/le-grand-duche-se-presente/systeme-politique/index.html SCHENTEN, Shari; SCHMIT, Eric: Richteg Lëtzebuergesch Schreiwen. Ministère de l'Education, de l'Enfance et de la Jeunesse.

Generellt Léierzil 3	**D'Schüler sinn an der Lag den Inhalt vu méi komplexen Texter ze verstoen an zouverlässeg erëmzeginn, aktiv un enger (in-) formeller Diskussioun deelzehuelen an aus sengem Fach- oder Interesseberäich seng eege Gedanken oder Astellungen am Gespréich oder an engem Text z'äusseren an ze begrënnen. (Literatur)**
Themen / Vocabulaire	Literatur / Lëtzebuerg / Emigratioun / Immigratioun / Gesellschaft
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 20
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - en Text / eng Presentatioun iwwer aktuell oder abstrakt Themen nozevollzéien. - e Phenomen ze beschreiwen, Gedanken, hir perséinlech Astellungen detailléiert auszedrécken (an engem Bréif, Lieserbréif, Mail, asw.) - Haaptinformatioune schrëftlech a mëndlech ze resuméieren an eng kuerz Presentatioun ze halen. - op en Text / eng Sendung / eng Presentatioun mëndlech ze reagéieren a wärend dem Virtrag adequat op Froen oder Äusserungen ze reagéieren. - eng Presentatioun ze verfollegen an dobäi den Informatiounsgehalt an de Standpunkt vum Auteur erauszefilteren. - méi laang a komplex Texter séier ze liesen an déi wichtegst Punkten z'erkennen. - den Inhalt an d'Relevanz vun engem Artikel z'erfaassen an ze begrënnen, ob sech eng vollstänneg Lektür rentéiert / net rentéiert huet. - mat Hëllef vun eegenen Notizen d'Argumenter vun de Gespréichspartner mëndlech zesummenzefaassen an dorop ze reagéieren. - bannent enger Argumentatioun e Malentendu kloer ze stellen an engem Argument ze widderspriechen. - sech an engem Gespréich anzebréngen.
Grammaire	Zesummefaassunge schreiwen Buchrezensioune festhalen Reegel vun den Apostrophen
Phonetik	D'Aussprooch soll, wann néideg, d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
Materialvirschléi / Supporten	**Bicher:** HELMINGER, Guy: Neubrasilien. Frankfurt am Main, 2010. HELMINGER, Nico: now here & nowhere oder den här io ming pei hätt mueres gär krewetten. Éditions Phi. Lëtzebuerg, 2007.

	NASKANDY Tania, Sibiresch Eisebunn. Ultimomundo. Sandweiler, 2009. REWENIG Guy: Hannert dem Atlantik. Éditions Phi. Iechternach, 1985. REWENIG Guy: Wëll Fra. Iechternach, 1993. **Internetsäiten:** SCHENTEN, Shari; SCHMIT, Eric: Richteg Lëtzebuergesch Schreiwen. Ministère de l'Education, de l'Enfance et de la Jeunesse.

Generellt Léierzil 4	**D'Schüler sinn an der Lag Inhalter vun aktuelle Sujeten (schréftlech a mëndlech) erëmzeginn an aktuell Sujete selwer ze produzéieren, virzedroen an Hypotheesen opzestellen. (Medien)**
Themen / Vocabulaire	Medien / Aktualitéit / Politik / Gesellschaft
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 20
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - den Inhalt vu komplexen an aktuellen Texter / Sendunge strukturéiert erëmzeginn. - aus komplexen an aktuellen Texter / Sendungen déi wichteg Punkten ervirzehiewen. - den Inhalt vu komplexen an aktuellen Texter / Sendungen ze resuméieren. - e Virtrag ze verfaassen a virzedroen. - Hypotheesen iwwer Ursaachen a Konsequenzen opzestellen. - an enger Diskussioun seng eege Gefiller an Astellunge matzedeelen an ze verdeedegen. - d'Gefiller an d'Astellung vun aneren z'interpretéieren a sech dozou ze positionéieren. - mat hirem Géigeniwwer e Kompromëss ze fannen.
Grammaire	Artikele schreiwen
Phonetik	D'Aussprooch soll, wann néideg, d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
Materialvirschléi / Supporten	**Internetsäiten:** www.eldoradio.lu www.kulturgeschicht.lu www.lessentiel.lu www.rtl.lu www.tageblatt.lu www.wort.lu

	SCHENTEN, Shari; SCHMIT, Eric: Richteg Lëtzebuergesch Schreiwen. Ministère de l'Education, de l'Enfance et de la Jeunesse.

4.1.3.3 Ganzschréften a Filmvirschléi

Bicher:

1. EHLINGER, Christiane: *Ee feine Jong*. Imprimerie Centrale. Lëtzebuerg, 2005. *ISBN 2-87978-041-1*
2. FRIERES, Danielle: *Kuul Lisi*. Op der Lay. Esch-Sauer, 2001. *ISBN 978-2-87967-041-6*
3. MEYER, Roland: *TelMO: e Kannerbuch fir Erwuesse Leit*. Op der Lay. Éilereng, 2017. *ISBN 978-2-87967-221-2*
4. MEYER, Roland: *Den décken dommen Dudu*: *e Kannerbuch fir erwuesse Leit*. Op der Lay. Esch-Sauer, 2004. *ISBN 978-2-87967-115-4*
5. MEYER, Roland: *Iwwer der Leeder*. Op der Lay. Esch-Sauer, 2003. *ISBN 978-2-87967-103-1*
6. MEYER, Roland: *Eng Foto vum (Klëppel)Krich*. Op der Lay. Esch-Sauer, 2001. *ISBN 978-2-87967-075-1*
7. RECH, John: *Alex&Tun: gefaangen an der Diddelenger Geschicht*. Band 1: Vum Jura bis 1907. Éditions Schortgen. Esch-Uelzecht, 2011. *ISBN 978-2-87953-124-3*
8. RECH, John: *Alex&Tun: gefaangen an der Diddelenger Geschicht*. Band 2: vun 1907 bis haut... ...a muer. Éditions Schortgen. Esch-Uelzecht, 2013. *ISBN 978-2-87953-184-7*

Filmer:

1. ROTUNNO, Donato: *Baby(a)lone*. Iris Productions, 2014.
2. DEAL PRODUCTIONS: *Weemseesdet*. 2011.
3. BAUSCH, Andy: Le Club des Chômeurs. Iris Productions, 2002.
4. WAGNER, Christophe: Doudege Wénkel. Samsa Film, 2012.

4.1.4 Evaluatioun

De Schüler hir Kompetenze ginn an alle véier Beräicher (Héierverstoen, Liesverstoen, schréftlechen Ausdrock a mëndlechen Ausdrock) ofgetest. Pro Semester sollen zwee Tester gemaach ginn. Dobäi däerfe maximal 1/6 vum Total vun de Punkte fir Feeler an der Schreifweis ofgezu ginn. Exercicer, an deenen déi richteg Form erkannt muss ginn (Ukräizen, Asetze vun engem Laut, Lückentext, asw.) falen net ënnert déi 1/6 vun der Bewäertung.

Ofgefrot gëtt d'Matière aus dem Cours. Texter, déi an der Klass gelies an analyséiert goufen, souwéi Exercicer zu den Orthographie-Reegelen, déi an der Klass behandelt goufen. Heibäi geet et virun allem dorëms, dass d'Schüler déi richteg Form erkennen, an deem se se an engem Testexercice zum Beispill ukräizen oder ënnersträiche mussen. Och Diktater kënnen am Test virkommen, däerfen awer maximal nëmmen 1/6 vun der Gesamtnott ausmaachen. Verständnisfroe kënnen ënnert der Form vu Lies- an Héierverstoen ofgefrot ginn. D'Froestellung kann tëscht Multiple-Choice Froen, Jo-/Nee-Froen an zouen an oppene Froe variéieren. Bei oppenen a geschlossene Froe sollen d'Schreiffeeler net berécksiichtegt ginn. De Schwieregkeetsgrad vun den Exercicer soll deem vun den Aufgaben an der Klass entspriechen a soll op kee Fall méi schwéier sinn.

De mëndlechen Ausdrock däerf maximal zu 1/3 vum Total vun de Punkte bewäert ginn. Hei kënnen d'Schüler zum Beispill en Text virliesen oder en Exposé halen.

Vun der S1 bis an d'S3 ginn d'Schüler ënnert der Form vu Buschtawe bewäert. Dës Bewäertungsform soll et den Enseignantë erméiglechen an der positiver Bewäertung méi ze variéieren an ze differenzéieren. An der folgender Tabell si souwuel d'Notten an der Form vu Buschtawen an Zifferen, wéi hir entspriechend Indicateuren a Leeschtungsbeschreiwungen opgelëscht.[45]

[45] Vgl. dozou : Schola Europaea : *New marking scale in the Secondary cycle*. https://www.eursc.eu/en/European-Schools/studies/marking-scale (19/05/2019).

	Nott ënnert der Form vu Buschtawen	**Nott ënnert der Form vun Zifferen**	**Indicateure vun der Leeschtung**
Excellent Leeschtung, net feelerfräi, mee den néidege Kompetenze vum Fach entspriechend.	A	9,00 - 10	Excellent
Ganz gutt Leeschtung, bal de ganzen néidege Kompetenze vum Fach entspriechend.	B	8,00 - 8,99	Ganz gutt
Gutt Leeschtung, global den néidege Kompetenze vum Fach entspriechend.	C	7,00 – 7,99	Gutt
Akzeptabel Leeschtung, de Kompetenze vum Fach entspriechend.	D	6,00 – 6,99	Satisfaisant
Leeschtung, de Minimum vun de Kompetenze vum Fach entspriechend.	E	5,00 – 5,99	Süffisant
Ongenügend Leeschtung, déi bal keng vun den néidege Kompetenze vum Fach erreecht.	F	3,00 – 4,99	Echec (Ongenügend)
Ganz ongenügend Leeschtung, déi keng vun de Kompetenze vum Fach erreecht.	FX	0 – 2,99	Echec (Ganz ongenügend)

Lëtzebuergesch an den ëffentlechen internationale Schoulen
Vun der Grondschoul bis an d'Secondaire-Schoulen
4. Lëtzebuergesch am Secondaire
4.2 Lëtzebuergesch als Friemsprooch am Secondaire
S1-S3

Unzuel vun den Unterrechtseenheete pro Woch:	2 Unterrechtseenheete vu jeeweils 45 Minutten
Sprooch vum Unterrecht:	Lëtzebuergesch
Unzuel vun de Prüfunge pro Semester:	2

Am Géigesaz zum Programm „Lëtzebuergesch als Éischtsprooch am Secondaire" ass de Programm „Lëtzebuergesch als Friemsprooch am Secondaire" net no de Schouljoren (S1, S2 an S3), mee no de Sproochenniveaue vun de Schüler gegliddert. D'Schüler ginn am Ufank vum Joer hirem Niveau (A1-C1) entspriechend a Gruppen opgedeelt a kënne sou geziilt un hire Kompetenze schaffen. Duerch d'Opdeelung a Gruppe kënnen d'Schüler an hirem eegene Rhythmus evoluéieren a ginn deementspriechend net iwwer- oder ënnerfuerdert. D'Opdeelung a Gruppen erméiglecht et dem Léierpersonal och méi genee op d'Besoinen an d'Defiziter vun de Schüler anzegoen a mat hinnen dorun ze schaffen.

D'Schüler ginn am Ufank vum Joer hiren Niveauen no opgedeelt a solle pro Schouljoer op mannst en hallwe Sproochenniveau erreechen. Sou soll zum Beispill ee Schüler, deen op der S1 am Niveau A1.1 ugefaangen huet, zum Schluss vun der S3 den Niveau A2.1 erreecht hunn. E Schüler, deen op der S1 awer schonn am A2.1 ugefaangen huet, soll op der S3 bis op den Niveau B1 komm sinn. Zum Schluss vun den dräi Schouljoren sollen déi meeschte Schüler op mannst en Niveau A2.2 am Héierverstoen an een Niveau A2.1 am Schwätze besëtzen, sou dass si sech an alldeegleche Situatiounen ouni Problemer mat de Leit ënnerhale kënnen. Deementspriechend gëtt e kommunikative Friemsproochenunterrecht viséiert. „D'Gewiicht läit dobäi op der Förderung vum Héierverstoen an dem Mëndlechen Ausdrock vum eenzele Schüler. Lëtzebuergesch ass virun allem eng geschwate Sprooch, iwwer d'Héierverstoen an déi eege Schwätzkompetenz erweidert sech dem Schüler seng Integratioun an déi

lëtzebuergesch Gesellschaft. Hie bleift deene gesellschaftlechen, berufflechen a private Beräicher net méi ausgeschloss, an deene majoritär Lëtzebuergesch geschwat gëtt.“[46]

Obwuel de Fokus vum Unterrecht um Héierverstoen a Mëndlechen Ausdrock läit, sollen d’Schüler sech niewebäi och mam Liesverstoen a mam Schrëftlechen Ausdrock beschäftegen. D’Schrëftlechkeet huet an de leschten zwanzeg Joer duerch d’Opkomme vun neien technologesche Kommunikatiounsmëttelen an den digitale Medien e richtegen Opschwong erlieft. „Niewent der Internetpräsenz vun RTL an aneren Ënnerhalungs- a Mediesäiten, déi säit den 1990er Joren net méi just op Franséisch an Däitsch, mä och op Lëtzebuergesch existéieren (rezeptiivt Liese vu Lëtzebuergesch), ass och den aktive Gebrauch vum Lëtzebuergeschen duerch d’Verschécke vun SMSen oder och duerch sozial Netzwierker geklommen.“[47] Dozou kënnt, dass „an ëmmer méi offiziellen an institutionelle Situatiounen, wéi beispillsweis dem berufflechen E-Mail-Verkéier, a Bréiwer un Institutiounen an [an] offiziellen Dokumenter“[48] op Lëtzebuergesch geschriwwe gëtt. Deementspriechend hëlt d’Roll vum Schrëftlechen zu Lëtzebuerg zou a sou ass et nëmme selbstverständlech, dass d’Liesen an d’Schreiwen am Unterrecht mat opgegraff solle ginn. Déi véier Kompetenzen si wichteg fir eng Sprooch richteg a gutt ze léieren a gehéieren zesummen. Heibäi ass et wichteg ze präziséieren, dass obwuel déi véier Kompetenze Bestanddeel vum Unterrecht sinn, d’Liesverstoen an de Schrëftlechen Ausdrock bei der Bewäertung nëmmen e klenge Prozentsaz (max. 10%) anhuele sollen. D’Grammatiksfeeler oder d’Schreiffeeler sollen zu kengem Moment vum Unterrecht a vum Sproocherwerb am Mëttelpunkt stoen, mee et soll „villméi dorëms goen, de Schüler trotz Feeler dozou z’ermonteren, u senger Ausdrocksfäegkeet ze schaffen.“[49]

De Programm ass de Sproochenniveauen no gegliddert an deementspriechend ginn déi eenzel Niveaue fir d’éischt emol global beschriwwen an d’generell Léierziler ginn opgelëscht, ier dann op déi verschidden allgemeng Léierziler méi detailléiert agaange gëtt. Am Kapitel vun

[46] MENFP: Programm Lëtzebuergesch an de „classes d’accueil“.: https://ssl.education.lu/eSchoolBooks/QuickSearch.aspx#39934null (22/05/2019). S.:3.
[47] MENFP: *Sproochlech Bildung am éischte Cycle. Deel 1 : Sprooch a Sproochen zu Lëtzebuerg*. Lëtzebuerg, 2018. S.: 36.
[48] MENFP: *Sproochlech Bildung am éischte Cycle. Deel 1 : Sprooch a Sproochen zu Lëtzebuerg*. Lëtzebuerg, 2018. S.: 36.
[49] MENFP: Programm Lëtzebuergesch an de „classes d’accueil“.: https://ssl.education.lu/eSchoolBooks/QuickSearch.aspx#39934null (22/05/2019). S. :3.

den detailléierte Léierziler ginn déi eenzel allgemeng Léierziler méi genee definéiert an de Lexique, d'Grammaire an de Sazbau pro Niveau a Léierzil gi präziséiert. Hei kréien d'Enseignanten och Ressourcë proposéiert, déi hinnen hëllefe sollen, Übungen, Aufgaben a Beispiller fir déi verschidde Léierziler ze fannen an déi ongeféier Unzuel vun den néidegen Unterrechtseenheete fir e Léierzil ofzeschléissen, gi festgehalen.[50] Uschléissend geet de Programm dann nach op d'Ofteste vun de viséierte Kompetenzen an a liwwert dem Enseignant konkret Informatiounen zum Opbau, der Matière an den Evaluatiounskritäre vun den Tester.

„Wéinst der Heterogenitéit vun de Klasse wäert et ëmmer erëm méiglech sinn, datt Inhalter virgegraff, resp. widderholl musse ginn. Et ass um Enseignant fir den individuelle Bedierfnesser vu senge Schüler hei gerecht ze ginn."[51]

4.2.1 Niveau Debutant A1

4.2.1.1 Globalbeschreiwung a genrell Léierziler fir den Niveau A1

Am Niveau Debutant „léiert de Schüler a Situatiounen, déi e (...) ganz gutt kennt a wou et ëm hie (...) selwer, déi eege Famill oder dat direkt Ëmfeld geet, eenzel einfach Wierder, Ausdréck an héiflech Formelen [ze] verstoen an z.D. och selwer [ze] gebrauchen, wann de Gespréichspartner (...) Gedold huet, Feeler acceptéiert an hëllefsbereet ass, a wa lues an däitlech geschwat gëtt. De Schüler kann eenzel ganz einfach Strukture verstoen an z.D. och – onsécher - gebrauchen. Als wichteg Stäip hëllefen dobäi ë.a. Internationalismen, Pause fir de Sënn z'erfaassen oder sech auszedrécken an z'artikuléieren, Widderhuelungen, Biller, Gesten a Mimik. De Repertoire vun Themen an Texter ass ganz limitéiert.

Am zweete [...] Joer ginn dann de Vocabulaire an d'Strukturen (...) ausgebaut a (...) méi komplex. De Schüler kann an Haaptberäicher vum Alldag einfach Aussoe verstoen a kann drop reagéieren, wann och net ouni Feeler, virausgesat, et kann op prefabrizéiert Ausdréck a

[50] Fir d'Duerstellung vun den detailléierte Léierziler am Secondaire hunn ech mech un de Programmer vum INL inspiréiert, well dës immens iwwersiichtech a flott gestallt goufen. An der Annex 4 befënnt sech eng weider Presentatiounsform vun de Léierziler. Hei goufen déi detailléiert Léierziler als Kann-Kompetenze formuléiert.

[51] MENFP: Programm Lëtzebuergesch an de „classes d'accueil".: https://ssl.education.lu/eSchoolBooks/QuickSearch.aspx#39934null (22/05/2019). S.: 3.

ganz einfach Sazmusteren zréckgegraff ginn."[52]

4.2.1.1.1 Generell Léierziler fir den Niveau A1.1

Generell Léierziler	
1	**D'Schüler sinn an der Lag een op eng ganz einfach Manéier ze begréissen a Kontakt opzehuelen.**
2	**D'Schüler sinn an der Lag sech op eng einfach Manéier virzestellen an Informatiounen ze ginn an ze froen.**
3	**D'Schüler sinn an der Lag op eng ganz einfach Manéier eng Persoun oder eng Saach ze beschreiwen.**
4	**D'Schüler sinn an der Lag Informatiounen iwwer Lëtzebuerg ze verstoen an ze ginn (Geografie, Geschicht, Kultur a Literatur).**

4.2.1.1.2 Generell Léierziler fir den Niveau A1.2

Generell Léierziler	
1	**Widderhuelunge vum Niveau A1.1**
2	**D'Schüler sinn an der Lag op eng ganz einfach Manéier iwwer hiren Alldag ze schwätzen.**
3	**D'Schüler sinn an der Lag op eng einfach Manéier an alldeegleche Situatiounen e Wonsch auszedrécken an Informatiounen ze froen an ze verstoen.**
4	**D'Schüler sinn an der Lag op eng ganz einfach Manéier sech anzwousch erëmzefannen.**

4.2.1.2 Detailléiert Léierziler fir den Niveau A1

4.2.1.2.1 Detailléiert Léierziler fir den Niveau A1.1

Generellt Léierzil 1	**D'Schüler sinn an der Lag een op eng ganz einfach Manéier ze begréissen a Kontakt opzehuelen.**
Themen / Vocabulaire	Moien an Äddi soen / Nom Befanne froen an drop reagéieren / Alphabet / Numm
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 10
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - déi üblech Begréissungsfloskelen ze benotzen an Äddi ze soen. - eng Persoun no hirem Befannen ze froen an drop ze reagéieren.

[52] MEN: Programm Lëtzebuergesch an de „classes d'insertion" 7STF, 8TEF, 8POF, 9TEF, 9POF, 9PRF. Lëtzebuerg, 2015. S. : 5.

	- hiren Numm ze soen an een aneren no sengem Numm ze froen. - eppes ze buschtawéieren a buschtawéieren ze loossen. - d'héiflech Uried ze benotzen an tëscht duzen an dierzen z'ënnerscheeden.
Grammaire	duzen – dierzen Hëllefsverben am Indicatif Present (hunn a sinn) D'Verb „heeschen" a „buschtawéieren" am Indicatif Present konjugéieren bestëmmten Artikel (d' oder de(n)) n-Regel
Phonetik	Aussprooch vum Alphabet
Materialvirschléi / Supporten	Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S.14. Lëtzebuergesch.Mir schwätze mateneen. Band 1. S. 2-4, 6, 21. Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 6-7, 12, 16-17. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1 S. 8-13. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 1-8. S.7-9.

Generellt Léierzil 2	**D'Schüler sinn an der Lag sech op eng einfach Manéier virzestellen an Informatiounen ze ginn an ze froen.**
Themen / Vocabulaire	Informatiounen zu enger Persoun ginn a kréien (Numm, Nationalitéit, Sproochen, Wunnuert, asw.) / Zuelen (Kardinal- an Ordinalzuelen) / Fräizäit
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 28
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - hiren Numm ze soen an een aneren no sengem Numm ze froen. - hiert Heemechtsland ze soen an duerno ze froen. - hir Nationalitéit ze nennen an een aneren duerno ze froen. - d'Sproochen ze nennen, déi se schwätzen an een aneren no senge Sproochekenntnesser ze froen. - hire Wunnuert ze nennen an een aneren duerno ze froen. - bis 100 ze zielen. - hiren Alter ze nennen an een aneren nom Alter ze froen - hire Gebuertsdag ze soen an een aneren nom Gebuertsdag ze froen. - d'Joreszuelen ze soen. - d'Zuel vun hire Geschwëster ze nennen an een aneren duerno ze froen. - hir Telefonsnummer ze soen an een duerno ze froen. - hir Adress ze soen an een duerno ze froen. - hir E-Mail-Adress ze soen an duerno ze froen. - hir Hobbyen ze nennen an z'erfroen.
Grammaire	regelméisseg Verben am Indicatif Present (heeschen, schwätzen, wunnen) onregelméisseg Verben (kommen, ...) am Indicatif Present Personalpronomen (ech, du, hien, hatt, mir, dir, si) Possessivpronomen (mäin, däin, säin, ...) weiblech a männlech Formen (Nationalitéiten) Lokalprepositiounen (Origine a Wunnuert) W-Froen

	Jo- / Neen-Froen Negatioun mat net / keen
Phonetik	Aussprooch: ue – ou – o Aussprooch vun de Joreszuelen
Materialvirschléi / Supporten	Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S. 22-23, 34-37. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 1-8. S. 10-11, 14-19, 24-29. Lëtzebuergesch.Mir schwätze mateneen. Band 1. S. 58-64, 73-82, 106-118. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1 S. 14-35. Wat gelif?. Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 8-13, 29-31.

Generellt Léierzil 3	**D'Schüler sinn an der Lag op eng ganz einfach Manéier eng Persoun oder eng Saach ze beschreiwen.**
Themen / Vocabulaire	Informatiounen iwwer Persounen a Saachen aus dem Schoulalldag ginn a kréien (Schoulgebai a Schoulmaterial) / Faarwen / Wochendeeg, Méint a Joreszäiten / Auerzäiten / Wieder
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 20
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - Faarwen ze benennen. - d'Wochendeeg, d'Méint an d'Joreszäiten ze benennen an ze froen. - den Datum ze soen an ze froen. - d'Auerzäit ze soen an ze froen. - d'Géigestänn aus der Schoul an d'Schoulmaterial ze benennen. - op eng einfach Manéier Objeten aus dem Schoulalldag a Persoune kuerz ze beschreiwen. - d'Transportmëttel fir an d'Schoul ze fueren ze benennen. - d'Meteo mat Hëllef vu Biller ze verstoen.
Grammaire	Elementar Adjektiven an hir Contrairen Temporal Prepositiounen (vir, op, um, géint, vun ...bis) Bestëmmten an onbestëmmten Artikel Negatioun mat net / keen Prepositioun mat + Transport Direktioun – Akkusativ
Phonetik	Aussprooch: s - z
Materialvirschléi / Supporten	Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 14-15, 24-30. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 1-8. S.38-43. Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S.12, 35. Lëtzebuergesch.Mir schwätze mateneen. Band 1. S. 7-39, 113-125. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1 S. 14, 42, 44-45, 48-49.

Generellt Léierzil 4	**D'Schüler sinn an der Lag Informatiounen iwwer Lëtzebuerg ze verstoen an ze ginn (Geografie, Geschicht, Kultur a Literatur).**
Themen / Vocabulaire	Lëtzebuerger Geografie a Kultur

Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 6
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - gréisser Lëtzebuerger Uertschaften an den Numm vum eegene Wunnuert op Lëtzebuergesch ze nennen an dës Uertschaften ze lokaliséieren. - déi véier wichtegst Flëss (Sauer – Musel – Our – Uelzecht) ze nennen an ze lokaliséieren. - d'Regiounen (Éislek – Minett – Guttland) ze benennen an ze lokaliséieren. - déi verschidde Feierdeeg zu Lëtzebuerg am Kalenner ze situéieren a ganz kuerz ze beschreiwen. - sech mat Internetsäite fir Lëtzebuergesch ze léieren ze beschäftegen a sech Informatiounen iwwer Lëtzebuerg ze beschafen. - Medien zu Lëtzebuerg (Tëlee, Radio, Zeitungen, Kanner- a Jugendliteratur, Filmer, ...) ze nennen.
Grammaire	Prepositiounen: aus, vun, mat, an, op, niewent, tëschent, vis-à-vis
Phonetik	D'Aussprooch sollt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geübt a verbessert ginn.
Materialvirschléi / Supporten	Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S.31. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1 S. 20-21, 34-35. Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 13, 23, 55.

4.2.1.2.2 Detailléiert Léierziler fir den Niveau A1.2

Generellt Léierzil 1	**Widderhuelunge vum Niveau A1.1**
Themen / Vocabulaire	Themen aus dem A1.1
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 12
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - eng Persoun ze begréissen an nom Befannen ze froen. - Informatiounen zu enger Persoun ze ginn an ze kréien. - Saachen a Persounen ze beschreiwen.
Grammaire	Den Enseignant decidéiert individuell wat fir grammatesch Schwéierpunkten aus dem A1.1 widderholl sollen oder musse ginn.
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Den Enseignant kann am Programm vum Niveau A1.1 no Materialvirschléi kucken oder säin Unterrecht unhand vun anerem Material opbauen.

Generellt Léierzil 2	**D'Schüler sinn an der Lag op eng ganz einfach Manéier iwwer hiren Alldag ze schwätzen.**
Themen / Vocabulaire	Informatiounen iwwer den Alldag vun enger Persoun ginn a kréien / Fräizäit.
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 20

Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - hir Hobbyen ze nennen an z'erfroen. - Informatiounen zu Fräizäitaktivitéiten ze froen an ze verstoen. - ze froen an ze soen, wat si an hirer Fräizäit maachen an drop reagéieren. - ze soen an ze froen, wéini, wéi dacks. wéi gär, wou, mat wiem si oder een aneren eppes maachen. - iwwer hir Interessen ze schwätzen. - hir Hobbye kuerz ze beschreiwen. - iwwer hiren Dagesoflaf ze schwätzen.
Grammaire	onregelméisseg a regelméisseg Verben am Indicatif Present (Fräizäit / Alldag) grouss a kleng schreiwen Heefegkeetsangaben (Positioun vun den Zäitangaben) Inversioun am Saz Elementar Zäitadverben
Phonetik	Aussprooch: éi – ei – äi Aussprooch: st –sp Aussprooch: ng – nk
Materialvirschléi / Supporten	Lëtzebuergesch.Mir schwätze mateneen. Band 1. S. 134-137. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1 S. 50-63. Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 32-35, 39.

Generellt Léierzil 3	**D'Schüler sinn an der Lag op eng einfach Manéier an alldeegleche Situatiounen e Wonsch auszedrécken an Informatiounen ze froen an ze verstoen.**
Themen / Vocabulaire	Informatiounen an der Cantine, Cafeteria ginn a kréien / akafen / Iessen a Gedrénks / Verpackungen / Quantitéiten
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 24
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - d'Zuele bis 1000 ze nennen. - Iessen a Gedrénks ze benennen. - beim Akafen d'Präisser an d'Quantitéiten ze soen, ze froen an ze verstoen. - en Akafsgespréich ze féieren an ze verstoen. - ze soen an ze froen, wat ee gären hätt a positiv oder negativ ze reagéieren. - héiflech ze froen an z'offréieren an eng Offer z'akzeptéieren an ze refuséieren. - mat bekannten iwwer hir Iess- an Akafsgewunnechten ze schwätzen. - Duerchsoen am Supermarché, kleng Flyeren an Annoncen ze verstoen. - am Restaurant oder am Café ze bestellen an een aneren ze froen, wat hie wëll. - d'Iessen ze kommentéieren.
Grammaire	Ech hätt gär (ouni grammatesch Explikatioun) Ausdréck fir e Wonsch auszedrécken an elementar Héiflechkeetsformelen (ech hätt gär, gitt mir w.e.g., kann ech

	w.e.g. ... kréien, Merci, villmools Merci, et ass gär geschitt, et ass näischt, kee Problem, ...) Konjugatioun huelen/kréien Pluralformen Adjektiven Positioun vu(n) gär / net gär am Saz Verb mat Dativ onbestëmmt Quantitéiten (wéineg, vill, e bëssen, manner, ...) Zuelen: een/eng, zwee/zwou
Phonetik	Aussprooch: och – ech Diphthongen Monophthongen (é, e, ë)
Materialvirschléi / Supporten	Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S. 56-65. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 1-8. S. 28-29, 49-55. Lëtzebuergesch.Mir schwätze mateneen. Band 2. S. 10,39, 52- 54. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1 S. 68-81. Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 19-22.

Generellt Léierzil 4	**D'Schüler sinn an der Lag op eng ganz einfach Manéier sech anzwousch erëmzefannen.**
Themen / Vocabulaire	Weebeschreiwungen / Länner a Stied / ëffentlechen Transport / Verkéier
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 8
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - ze lokaliséieren, wou een oder eppes ass. - e Land oder eng Stad ze lokaliséieren. - eng einfach Weebeschreiwung ze ginn oder ze froen. - op enger Kaart e Wee ze fannen. - sech iwwer ëffentlech Servicer, Horairen an Ofleef ze renseignéieren a Billjeeën oder Ticketen ze kafen.
Grammaire	Lokalprepositiounen (riets, lénks, riichtaus) Prepositiounen (an/op/bei) Positioun: Dativ-Akkusativ Artikelen am Dativ
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S. 80-85. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 1-8. S. 112-113. Lëtzebuergesch.Mir schwätze mateneen. Band 2. S. 70-74. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A2 S. 8-15, 21-23. Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 36-38.

4.2.2 Niveau Intermediaire A2-B1.3

4.2.2.1 Globalbeschreiwung a genrell Léierziler fir den Niveau A2.1

„De Schüler kann hei an do sproochlech einfach Informatiounen iwwer alldeeglech Theme verstoen, déi den Eenzelnen direkt eppes uginn (Identitéit, Famill, Wunnen, Aarbecht, Fräizäit, ...). E kuerzt, limitéiert Gespréich ka gefouert ginn an d'Kommunikatioun och fonktionéieren, wann de Gespréichspartner (...) hëlleft, lues an däitlech geschwat gëtt, Saache widderholl oder ëmformuléiert ginn an d'Méiglechkeet besteet, eppes nozefroen resp. e Formuléierungsversuch nees vu vir unzefänken. De Schüler hëlleft sech vill mat Internationalismen a Standardfloskelen. Hie mécht vill Feeler, wat d'Strukturen an de Vocabulaire ubelaangt, a schwätzt mat engem staarke friemen Accent."[53]

Generell Léierzil	
1	**Widderhuelunge vum Niveau A1.2**
2	**D'Schüler sinn an der Lag op eng einfach Aart a Weis en Dagesoflaf ze beschreiwen.**
3	**D'Schüler sinn an der Lag eng Persoun ze beschreiwen.**
4	**D'Schüler sinn an der Lag am ëffentlechen a private Beräich einfach Instruktiounen ze ginn, Verbueter auszeschwätzen an ze verstoen.**
5	**D'Schüler sinn an der Lag mat einfachen Ausdréck iwwer Fester an Traditiounen ze schwätzen.**

4.2.2.2 Detailléiert Léierziler fir den Niveau A2.1

Generellt Léierzil 1	**Widderhuelunge vum Niveau A1.2**
Themen / Vocabulaire	Themen aus dem A1.2
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 8
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - sech oder eng Persoun virzestellen. - Informatiounen zu enger Persoun ze ginn an ze kréien. - Informatiounen iwwer den Alldag ze ginn an ze kréien. - Saachen a Persounen ze beschreiwen.
Grammaire	Den Enseignant decidéiert individuell wat fir grammatesch Schwéierpunkten aus dem A1 widderholl sollen oder musse ginn.
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert.

[53] MEN: Programm Lëtzebuergesch an de „classes d'insertion" 7STF, 8TEF, 8POF, 9TEF, 9POF, 9PRF. Lëtzebuerg, 2015. S. : 18.

Materialvirschléi / Supporten	Den Enseignant kann am Programm vum Niveau A1 no Materialvirschléi kucken oder säin Unterrecht unhand vun anerem Material opbauen.

Generellt Léierzil 2	**D'Schüler sinn an der Lag op eng einfach Aart a Weis en Dagesoflaf ze beschreiwen.**
Themen / Vocabulaire	Ausfluch / Fräizäit / Stot
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 20
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - hiren Dagesoflaf méi detailléiert ze beschreiwen. - eppes chronologesch z'erzielen an zäitlech ze situéieren (Fir d'éischt, dann, duerno, ...). - iwwer de Stot a hir Hobbyen ze schwätzen. - den Oflaf vun engem Ausfluch / vu Fräizäitaktivitéiten ze plangen an ze beschreiwen. - ëm Hëllef ze bieden an Hëllef unzebidden. - Informatiounen ze froen an ze ginn. - Virschléi ze maachen an drop ze reagéieren (akzeptéieren, unhuelen, oflehnen a kritiséieren). - hir Virléiften auszedrécken.
Grammaire	Reflexiv Verben (sech duschen, sech undoen, ...) am Indicatif Present Trennbar Verben (opstoen, erofgoen, ...) am Indicatif Present. Widderhuelung vun den Heefegkeetsadverben (dacks, oft, ëmmer, ...) an Temporaladverben (méindes, schonn, eréischt, ...) Wiesselprepositiounen: Dativ (Wou) – Akkusativ (Wuer) Personalpronomen am Dativ (mat mengem, ...) Indicatif Present fir d'Zukunft auszedrécken Bestëmmten an onbestëmmten Artikel mam Datum / Dageszäit Akkusativ + Direktiounsverb Konjunktioun „an"
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S. 44-51. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 1-8. S. 64-73. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A2 S. 32-33, 38-45, 50-55.

Generellt Léierzil 3	**D'Schüler sinn an der Lag eng Persoun ze beschreiwen.**
Themen / Vocabulaire	Famill / Ausgesinn / Gezei / Kleederbuttek
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 22
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - iwwer d'Famill an d'Familljerelatiounen ze schwätzen. - e Stammbam opzesetzen an d'Familljememberen ze benennen. - d'Ausgesinn an d'Kleeder vun enger Persoun ze beschreiwen - hir Virléiften ze beschreiwen an auszedrécken.

	- Akafsgespréicher a Kleederbutteker ze féieren an ze verstoen. - Gezei ze kommentéieren. - mat einfachen Ausdréck vun hirem direktem Ëmfeld ze schwätzen.
Grammaire	Trennbar Verben (undoen, ausdoen, unhunn, akafen, ...) Ech hätt gär (ouni grammatesch Explikatioun) Possessivpronomen Adjektiven Substantivéiert Adjektiven (eppes –es) Demonstrativartikel (deen, déi, dat) Indefinitpronomen (en, et, se) Komparativ Deklinatioun vun den Adjektiven
Phonetik	Betounung (Initialbetounung – Betounung op der Silb, déi d'Bedeitung dréit) Betounung vun de Vokalen
Materialvirschléi / Supporten	Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S. 106-108, 116. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 1-8. S. 77-87. Lëtzebuergesch.Mir schwätze mateneen. Band 2. S. 44-50, 91-111. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1 S. 82-89. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A2 S. 56-72. Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 40-47, 56-63, 92.

Generellt Léierzil 4	**D'Schüler sinn an der Lag am ëffentlechen a private Beräich einfach Instruktiounen ze ginn, Verbueter auszeschwätzen an ze verstoen.**
Themen / Vocabulaire	Schoulregelen / Regelen am Alldag / Behuelensregelen
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 10
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - Uerderen ze verstoen an ze ginn. - Uweisungen a Regelen ze verstoen, ëmzesetzen an z'erklären. - Schëlder a Piktogrammer ze verstoen an z'erklären. - e Wee z'erklären an eng Weebeschreiwung ze verstoen. - sech an enger Stad oder an engem Gebai z'orientéieren an erëmzefannen.
Grammaire	Modalverben (Indicatif Present) Imperativ Trennbar Verben
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S. 122-123, 127-129. Lëtzebuergesch.Mir schwätze mateneen. Band 2. S. 121-126. Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 64-69.

Generellt Léierzil 5	**D'Schüler sinn an der Lag mat einfachen Ausdréck iwwer Fester an Traditiounen ze schwätzen.**
Themen / Vocabulaire	Fester an Traditiounen
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 4
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - iwwer déi wichteg Fester an Traditiounen ze schwätzen a se mat deenen an anere Länner ze vergläichen. - Gléckwënsch ze formuléieren. - Virsätz ze formuléieren an ze verstoen. - eng Persoun z'invitéieren.
Grammaire	D'Verben „schenken" a „wënschen" + Dativ
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S. 52-53. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1 S. 34-35. Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 31.

4.2.2.3 Globalbeschreiwung a genrell Léierziler fir den Niveau A2.2

„De Schüler ka Sätz an dacks gebrauchten Ausdréck am Zesummenhank mat Beräicher verstoen, déi deen Eenzelnen direkt eppes uginn (z.B. Informatiounen iwwer Persounen, d'Famill, d'Akafen, d'Aarbecht, dat not Ëmfeld). De Schüler ka sech an einfachen, gewinnte Situatioune verstännegen, an deenen et ëm en einfachen an direkten Austausch vun Informatiounen iwwer geleefeg Saache geet, déi e (...) gutt kennt. De Schüler ka mat einfache Moyenen déi eegen Origine an Ausbildung, dat direkt Ëmfeld a Saachen am Zesummenhank mat elementare Bedierfnesser beschreiwen.

Wéi am Niveau A2.1 bleiwen d'Themen am Beräich vum praktesche Liewen, et geet ëm alldeeglech Situatiounen, erzielt ginn eegen Erfahrungen – nei ass awer, dass elo och zum Deel an der Vergaangenheet erzielt gëtt. D'Apprenanten entwéckele lues a lues d'Fähegkeet, a relativer Autonomie (kuerz) Sätz ze maachen, gi sech artikulatoreschen an intonatoresche Particularitéite méi bewosst a passe beim Schwätze méi dorop op. De morpho-syntaktesche Repertoire gëtt weider ausgebaut, an de Vocabulaire am Zesummenhank mat de genanntenThemeberäicher gëtt méi grouss. Och déi rezeptiv Capacitéite gi gestäerkt. Déi mëndlech Interaktioun fonktionéiert besser, de Gespréichspartner (...) muss dem Apprenant awer ëmmer nach staark entgéintkommen, d.h. lues an däitlech schwätzen, wann néideg widderhuelen oder ëmformuléieren, an den Apprenant muss kënne Saachen nofroen, sech erëmhuelen, Sätz nei ufänken. Den Apprenant gräift och hei nach op Standardfloskelen

zeréck, mécht Feeler, d'Aussprooch léisst ze wënschen iwwereg. D'Kommunikatioun kann nëmme fonktionéieren, wann e lues schwätzt a sech einfach ausdréckt."[54]

Generell Léierziler	
1	**Widderhuelunge vum Niveau A2.1**
2	**D'Schüler sinn an der Lag iwwer hir Zukunftspläng an hir Beruffswënsch ze schwätzen.**
3	**D'Schüler sinn an der Lag einfach Informatiounen iwwer Evenementer a perséinlech Erliefnisser z'erfroen an ze soen.**
4	**D'Schüler sinn an der Lag iwwer d'Gesondheet an hire Kierper ze schwätzen.**
5	**D'Schüler sinn an der Lag mat einfachen Ausdréck vun hirem direkten Ëmfeld ze schwätzen.**
6	**D'Schüler sinn an der Lag hir Meenung an hir Standpunkten auszedrécken.**

4.2.2.4 Detailléiert Léierziler fir den Niveau A2.2

Generellt Léierzil 1	**Widderhuelunge vum Niveau A2.1**
Themen / Vocabulaire	Themen aus dem A2.1
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 4
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - Informatiounen zu enger Persoun ze ginn an ze verstoen. - den Alldag vun enger Persoun ze beschreiwen
Grammaire	Den Enseignant decidéiert individuell wat fir grammatesch Schwéierpunkten aus dem A2.1 widderholl sollen oder musse ginn.
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Den Enseignant kann am Programm vum Niveau A2.1 no Materialvirschléi kucken oder säin Unterrecht unhand vun anerem Material opbauen.

Generellt Léierzil 2	**D'Schüler sinn an der Lag iwwer hir Zukunftspläng an hir Beruffswënsch ze schwätzen.**
Themen / Vocabulaire	Alldag / Dagesoflaf / Weekend / Vakanz / Beruff / Zukunft
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 20
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - iwwer hir Zukunftspläng ze schwätzen. - eng Vakanz, en Ausfluch oder e Weekend ze plangen. - hir Virléiften auszedrécken. - Vergläicher ze zéien. - iwwer hir Beruffswënsch ze schwätzen an ze soen, wat si gär wëlle ginn.

[54] MEN: Programm Lëtzebuergesch an de „classes d'insertion" 7STF, 8TEF, 8POF, 9TEF, 9POF, 9PRF. Lëtzebuerg, 2015. S. : 31.

	- ze beschreiwen, wou Leit schaffen a wat se op hirer Aarbechtsplaz maache mussen. - an enger Annonce Informatiounen iwwer de Beruff vun enger Persoun ze verstoen. - z'erziele, wat si am Stage maache mussen oder wat si am Stage gemaach hunn.
Grammaire	Zäitangaben am Futur mam Indicatif Present Widderhuelung a Verdéiwung vun de Prepositiounen (an, op, ...) fir eng Destinatioun Conditionnel „géing gär +Verb" Modalverb (wëllen) Zukunft ausdrécke mat Zäitexpressiounen Beruffer (männlech – weiblech) De Pluriel vun de Beruffer formen Fro am Conditionnel
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S. 22-26, 71, 76-87. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 1-8. S. 21-33. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 9-16. S. 33-41, 62-67. Lëtzebuergesch.Mir schwätze mateneen. Band 1. S. 83-87, 126-129. Lëtzebuergesch.Mir schwätze mateneen. Band 2. S. 185-205. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1 S. 36-46. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A2 S. 82-85, 88-89. Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 104-111.

Generellt Léierzil 3	**D'Schüler sinn an der Lag einfach Informatiounen iwwer Evenementer a perséinlech Erliefnisser z'erfroen an ze soen.**
Themen / Vocabulaire	Dagesoflaf / Famill / Fräizäit / Vakanz / Vergaangenheet
Unzuel vun den Unterechtseenheeten	+/- 18
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - en detailléierten Dagesoflaf ze beschreiwen. - eppes zäitlech ze situéieren. - iwwer vergaangen Erfarungen am Alldag ze schwätzen. - iwwer de leschte Weekend / déi lescht Vakanz ze schwätzen. - vun engem perséinlechen Erliefnis z'erzielen.
Grammaire	Passé Composé mat sinn/ hunn vun de geleefegsten Haaptverben Imparfait vun den Hëllefsverben a Modalverben
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S. 92-95, 102. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 1-8. S. 108. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 9-16. S. 5-17. Lëtzebuergesch.Mir schwätze mateneen. Band 3. S. 50-56. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A2 S. 46, 74-81. Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 48-55, 71, 114-116.

Generellt Léierzil 4	**D'Schüler sinn an der Lag iwwer d'Gesondheet an hire Kierper ze schwätzen.**
Themen / Vocabulaire	Kierper / Gesondheet / Krankheeten
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 10
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - déi verschidde Kierperdeeler ze benennen an de Kierper ze beschreiwen. - driwwer ze schwätzen, wat gutt a schlecht fir hir Gesondheet ass. - iwwer gesond Ernierung ze schwätzen. - gesondheetlech Problemer ze beschreiwen. - Uweisunge vum Dokter ze verstoen. - Symptomer vu Krankheeten ze beschreiwen an ze verstoen. - ze verstoen, wéi eng Krankheet therapéiert gëtt. - Rotschléi ze ginn a Rot ze froen. - iwwer Akzidenter ze schwätzen. - sech krank ze mellen.
Grammaire	Adverb „ganz" Prepositioun „géint + Akkusativ" Imperativ Komparativ Prepositioun „zënter" Sazformulatiounen: fir...ze
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S. 124-126. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 9-16. S. 47-55. Lëtzebuergesch.Mir schwätze mateneen. Band 3. S.123-152. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A2 S. 108-122. Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 92-93.

Generellt Léierzil 5	**D'Schüler sinn an der Lag mat einfachen Ausdréck vun hirem direkten Ëmfeld ze schwätzen.**
Themen / Vocabulaire	Heemecht / Landschaft / Meteo
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 8
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - einfach Renseignementer iwwer hiert Ëmfeld ze ginn an ze verstoen. - d'Duerf an d'Stad mateneen ze vergläichen an ze soen, wou ee léiwer wunnt. - bei de Wiederprevisiounen d'Haaptinformatiounen z'identifizéieren. - d'Klima vu Lëtzebuerg mat deem vun anere Länner ze vergläichen. - hir Heemecht ze beschreiwen a Vir- an Nodeeler opzezielen an ze vergläichen.

Grammaire	Lokalprepositioune mam Dativ / Akkusativ Widderhuelung a Verdéiwung: Negatioun net / keen
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S. 40-41, 68-69, 156-158. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 9-16. S. 90-101. Lëtzebuergesch. Mir schwätze mateneen. Band 3. S. 9-36, 72-93. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A2 S. 24-31, 90-107. Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 112-113, 117-118.

Generellt Léierzil 6	**D'Schüler sinn an der Lag hir Meenung an hir Standpunkten auszedrécken.**
Themen / Vocabulaire	Fräizäit / Vakanz / Ausfluch / Musek
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 4
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag: - a Bezuch op bekannten Themen an Interessegebidder ze soen, wat si gär, léiwer an am léifsten hunn oder maachen. - hir Iwwerzeegungen a Meenungen auszedrécken, ze nuancéieren an déi vun aneren ze verstoen. - Méiglechkeeten an Hypotheesen auszedrécken. - hir Conclusioune verständlech eriwwer ze bréngen.
Grammaire	Komparativ – Superlativ Konjunktiounen: „well" a „mee" Personalpronomen am Dativ an Akkusativ
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 9-16. S. 29, 71 Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 96-103.

4.2.2.5 Globalbeschreiwung a generell Léierziler fir den Niveau B1

„De Schüler kann e groussen Deel vun den Televisiouns- a Radiosemissioune verstoen, an deenen et ëm Theme vu perséinlechem oder allgemengem Interessi geet, wa kloer artikuléiert gëtt. Hie kann detailléiert vun enger eegener Erfahrung erzielen, an dobäi eege Gefiller a Reaktiounen abezéien. De Schüler kann déi wichtegst Enzelheete vun engem Evenement erzielen, dat net virauszegesi war, z.B. en Accident. Hie ka sech mat enger gewësser Sécherheet iwwer alldeeglech Themen, awer och iwwer Themen aus dem eegenen Interessen- oder Fachgebitt verstännegen. De Schüler kann Informatiounen austauschen, checken a konfirméieren, och scho mat net alldeegleche Situatiounen ëmgoen an erklären, firwat eppes problematesch ass. E kann och scho Gedanken iwwer méi abstrakt a kulturell Themen ausdrécken, wéi Filmer, Bicher, Musek. De Schüler ka (weider-) soen, wat en anere

gesot huet."[55]

4.2.2.5.1 Generell Léierziler fir den Niveau B1.1

Generell Léierziler	
1	**D'Schüler sinn an der Lag iwwer Pläng a Projeten ze schwätzen.**
2	**D'Schüler sinn an der Lag Leit a Situatiounen ze beschreiwen.**
3	**D'Schüler sinn an der Lag Evenementer an der Vergaangenheet z'erzielen**

4.2.2.5.2 Generell Léierziler fir den Niveau B1.2

Generell Léierziler	
1	**D'Schüler sinn an der Lag iwwer dat berufflecht a perséinlecht Ëmfeld ze schwätzen.**
2	**D'Schüler sinn an der Lag iwwer d'Gesondheet ze schwätzen.**
3	**D'Schüler sinn an der Lag d'Haaptpunkte vu kuerzen Noriichten ze verstoen.**

4.2.2.5.3 Generell Léierziler fir den Niveau B1.3

Generell Léierziler	
1	**D'Schüler sinn an der Lag iwwer Wunnsituatiounen ze schwätzen.**
2	**D'Schüler sinn an der Lag Inhalter aus Texter iwwer Theme vun allgemengem gesellschaftlechen Interessi ze verstoen an ze diskutéieren.**
3	**D'Schüler sinn an der Lag hire Standpunkt zu Themen aus den Noriichten, der Aktualitéit ze vertrieden.**

4.2.2.6 Detailléiert Léierziler fir den Niveau B1

4.2.2.6.1 Detailléiert Léierziler fir den Niveau B1.1

Generellt Léierzil 1	**D'Schüler sinn an der Lag iwwer Pläng a Projeten ze schwätzen.**
Themen / Vocabulaire	Vakanz / Weekend / Fester / Wieder / Fräizäit
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 20
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag...: - iwwer Fester a Feierdeeg aus hire Länner an zu Lëtzebuerg z'erzielen. - iwwer d'Organisatioun vun engem Ausfluch ze schwätzen.

[55] MEN: Programm Lëtzebuergesch an de „classes d'insertion" 7STF, 8TEF, 8POF, 9TEF, 9POF, 9PRF. Lëtzebuerg, 2015. S. : 32.

	- Iddie fir de Weekend ze beschwätzen. - d'Wiederprevisiounen ze verstoen an ze kommentéieren. - en Text iwwer eng Regioun ze verstoen an e puer interessant Punkten draus z'erzielen.
Grammaire	Gebrauch vum Conditionnel a vum Komparativ fir héiflech / diplomatesch z'intervenéieren. Gebrauch vum Akkusativ no de Prepositiounen: fir, ouni, géint, duerch... De Personalpronomen am Dativ mat bestëmmte Verben
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S. 52-53, 71, 76-87. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 9-16. S. 62-67. Lëtzebuergesch.Mir schwätze mateneen. Band 2. S. 185-205. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1 S. 34-35. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A2 S. 82-85, 88-89. Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 31.

Generellt Léierzil 2	**D'Schüler sinn an der Lag Leit a Situatiounen ze beschreiwen.**
Themen / Vocabulaire	Persounen / Déieren / Ausgesinn / Gefiller
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 20
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag...: - e Portrait vun enger bekannter Persoun ze maachen. - eng Persoun ze charakteriséieren an d'Perséinlechkeet vun zwou Persounen ze vergläichen. - Gefiller an Emotiounen auszedrécken. - an enger Diskussioun hir Meenung auszedrécken. - e Problem, eng Situatioun ze beschreiwen.
Grammaire	Konjunktiounen „net nëmmen... mee och" an „weder...nach" Gebrauch vum Relativsaz Deklinatioun vun den Adjektiven (Widderhuelung) Widderhuelung: Personalpronomen a Possessivpronomen Niewesaz mat „dass, wann"
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 9-16. S. 22, 82-83. Lëtzebuergesch. Mir schwätze mateneen. Band 2. S. 91-111. Lëtzebuergesch. Mir schwätze mateneen. Band 3. S. 37-49. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A2 S. 56-71. Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 56-61, 63.

Generellt Léierzil 3	**D'Schüler sinn an der Lag Evenementer an der Vergaangenheet z'erzielen**
Themen / Vocabulaire	Alldag / Fräizäit / Famill / Wunneng / Noriichten
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 24
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag...: - iwwer hir Fräizäitaktivitéiten an hiren Alldag ze schwätzen.

	- eng Geschicht oder en Erliefnes onkomplizéiert an zesummenhänkend z'erzielen. - Episoden aus dem Alldag, Evenementer oder wichteg Momenter an der Vergaangenheet z'erzielen. - Erënnerungen an Erfarungen aus der Fräizäit oder enger Vakanz z'erzielen. - d'Haaptpunkten aus kuerze Gespréicher a Lokalnoriichten ze verstoen.
Grammaire	Passé Composé mat sinn/ hunn vun de Verben Imparfait vun de geleefegste Verben Temporalen Niewesaz mat „wéi" an der Vergaangenheet Temporaladverben Ausdréck fir d'Vergaangenheet
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S. 92-113, 126, 139, 158. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 1-8. S. 108-111. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 9-16. S. 6-17. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A2 S. 74-81. Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 52-55, 71.

4.2.2.6.2 Detailléiert Léierziler fir den Niveau B1.2

Generellt Léierzil 1	**D'Schüler sinn an der Lag iwwer dat berufflecht a perséinlecht Ëmfeld ze schwätzen.**
Themen / Vocabulaire	Schoul / Beruff / Alldag
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 24
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag...: - wichteg Informatiounen an Texter ze fannen an erëmzeginn - berufflech Aktivitéiten ze beschreiwen an ze kommentéieren. - iwwer privat Interessen ze schwätzen. - Prioritéiten ze formuléieren a Rotschléi ze ginn. - eng Meenung ze deelen, engem ze widderspriechen an eng Conclusioun ze zéien. - Instruktiounen ze ginn.
Grammaire	Widderhuelung: Modalverben Niewesätz mat ob oder engem Frowuert (wéi, wéini, wou, asw.) fir indirekt Froen auszedrécken Niewesätz mat säit / zënter (dass) Widderhuelung: Superlativ Widderhuelung: Indicatif Present + Zäitadverb fir d'Zukunft auszedrécken Widderhuelung: Conditionnel Widderhuelung: Indefinitpronomen Gebrauch vun de Pronominaladverben: „dofir, dobäi, asw." mat Inversioun

Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S. 117, 138. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 9-16. S. 34-45.

Generellt Léierzil 2	**D'Schüler sinn an der Lag iwwer d'Gesondheet ze schwätzen.**
Themen / Vocabulaire	Gesondheet / Iessen / Kierper
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 20
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag...: - de mënschleche Kierper ze beschreiwen. - eng Persoun ëm Rot ze froen an e Rot zu der Gesondheet ze ginn. - Beweegungsinstruktiounen ze verstoen an ze ginn. - Konditiounen a Konsequenzen auszedrécken. - d'Haaptpunkten aus kuerzen Emissiounen an Artikelen iwwer Gesondheet ze verstoen/ notéieren. - an enger Diskussioun/ engem Gespréich iwwer gesond Liewen hir Meenung ze soen. - Instruktiounen ze verstoen an ze ginn.
Grammaire	Widderhuelung: Imperativ fir Instruktiounen Widderhuelung a Verdéiwung: Trennbar Verben Widderhuelung: Gebrauch vum konditionalen Niewesaz mat wann, Niewesaz am Ufank, Inversioun am Haaptsaz Conditionnel Imperativ mat ze no engem Verb Infinitiv mat ze Adverben (dogéint, dofir)
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 9-16. S. 48-59.

Generellt Léierzil 3	**D'Schüler sinn an der Lag d'Haaptpunkte vu kuerzen Noriichten ze verstoen.**
Themen /Vocabulaire	Aktualitéit / Alldag / Ausland
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 20
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag...: - kuerz Reportagen op der Tëlee ze verfollegen an d'Haaptpunkten ze nennen an ze verstoen. - Nouvellen aus der geschriwwener Press ze liesen a weiderzëerzielen. - Notizen ze maachen.
Grammaire	Aféierung vum Passiv (als enger gängeger Form fir Noriichten ze presentéieren.) Gebrauch vun de Niewesätz mat dass / datt Gebrauch vun de Pronominaladverben derfir/dofir asw. Gebrauch vun der indirekter Ried (mam Conditionnel / mam Niewesaz datt/dass)

Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S. 139. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 9-16. S. 19-29. Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. S. 55. Radio Tëlee Internet

4.2.2.6.3 Detailléiert Léierziler fir den Niveau B1.3

Generellt Léierzil 1	**D'Schüler sinn an der Lag iwwer Wunnsituatiounen ze schwätzen.**
Themen / Vocabulaire	Wunneng / Miwwelen
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 24
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag...: - an engem Gespréich hir aktuell Wunnsituatioun ze beschreiwen an z'erzielen, wou a wéi si gewunnt hunn. - iwwer Vir- an Nodeeler vun enger Wunnsituatioun ze schwätzen. - Konditiounen a Konsequenzen ze nennen. - Zëmmer ze beschreiwen an Instruktioune beim Verréckele vu Miwwelen ze ginn. - de Besuch duerch d'Wunneng ze féieren an z'erklären, ëm wat fir Zëmmeren et sech handelt a wat fir eng Funktioun/Bedeitung se fir d'Famill hunn.
Grammaire	Positiounsverben: sëtzen, stellen, stoen, leien, leeën, hänken, asw. Temporal Niewesätz mat wéi Widderhuelung: Komparativ- Superlativ Gebrauch vum Passiv (Indicatif Present, Imparfait, Passé Composé, Modalverb) Gebrauch vum Conditionnel fir Irrealitéit auszedrécken Niewesätz mat wann am Ufank, Inversioun am Haaptsaz Widderhuelung: Lokalprepositioune mam Dativ an Akkusativ Widderhuelung: Gebrauch vum Imperativ
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 9-16. S. 89-101.

Generellt Léierzil 2	**D'Schüler sinn an der Lag Inhalter aus Texter iwwer Theme vun allgemengem gesellschaftlechen Interessi ze verstoen an ze diskutéieren.**
Themen / Vocabulaire	Aktuell Themen
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 20
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag...: - wichteg Informatiounen an engem Text ze fannen an erëmzeginn.

	- ze beschreiwen an ze vergläichen. - e Gespréich unzefänken oder weiderzeféieren. - z'argumentéieren. - eng Conclusioun ze zéien a Léisungsvirschléi ze maachen - hir Meenung auszedrécken an z'erklären. - Instruktiounen am privaten/ëffentleche Beräich ze verstoen an ze ginn.
Grammaire	Gebrauch vum Conditionnel fir Irrealitéit auszedrécken Niewesätz mat wann am Ufank, Inversioun am Haaptsaz Gebrauch vun indirekten Entscheedungsfroe mat ob an indirekte Froen mat engem Frowuert als Konjunktioun. Gebrauch vum irreale konditionalen Niewesaz mam Conditionnel am Passé fir eng verpasste Geleeënheet auszedrécken.
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. S. 126. Radio Tëlee Internet

Generellt Léierzil 3	**D'Schüler sinn an der Lag hire Standpunkt zu Themen aus den Noriichten, der Aktualitéit ze vertrieden.**
Themen / Vocabulaire	Aktualitéit, Noriichten
Unzuel vun den Unterrechtseenheeten	+/- 20
Detailléiert Léierziler	D'Schüler sinn an der Lag...: - déi wichtegst Informatiounen aus den Noriichten oder enger aktueller Emissioun um Radio/ op der Tëlee ze verstoen. - d'Haaptpunkten aus enger Reportage/ enger Noriicht erëmzeginn. - z'argumentéieren - hir Meenung auszedrécken an ze verteidegen. - eng Situatioun ze beschreiwen.
Grammaire	Gebrauch vun der indirekter Ried Widderhuelung vum Passiv
Phonetik	D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert.
Materialvirschléi / Supporten	Radio Tëlee Internet

4.2.3 Evaluatioun

D'Lëtzebuergesch ass virun allem eng mëndlech Sprooch an dowéinst sollen d'mëndlech Produktioun an d'Héierverstoe bei der Evaluatioun am Virdergrond stoen. Pro Semester sollen zwee grouss Tester gemaach ginn. D'Semesternott ergëtt sech aus der Moyenne vun

den Tester. D'Semestermoyenne kann zousätzlech am Hibléck op d'Matschaffen, d'Behuelen an der Klass, d'Heftféierung asw. erop-, respektiv erofgeronnt ginn.

Ofgetest sollen also virun allem d'Kompetenzen Héierverstoen a Mëndlechen Ausdrock ginn. Dëst verhënnert awer net, dass den Enseignant och heiansdo d'Liesverstoen an de schréftlechen Ausdrock vun de Schüler iwwerpréift an evaluéiert. Hei muss den Enseignant nëmmen oppassen, dass souwuel d'Liesverstoen, wéi de schréftlechen Ausdrock jeeweils nëmmen 10% vun der Gesamtnott ausmaachen. Exercicer, an deenen déi richteg Form erkannt muss ginn, wéi zum Beispill Ukräizen, Ënnersträichen oder Lücken ergänzen, falen net ënnert déi 10% beim Schréftlechen Ausdrock an dofir däerfen hei och keng Punkte fir Schreiffeeler ofgezu ginn.

D'Exercicer zum Héierverstoe solle maximal 30 Minutten daueren an aus puer verschiddenen Ecoutë bestoen. D'Unzuel vun de Froe sollen dem Niveau vun de Schüler an der Längt vun der Ecoute ugepasst sinn. D'Texter sollen an der Reegel zwee Mol, maximal dräi Mol ofgespillt ginn an d'Froe solle chronologesch op den Text ofgestëmmt sinn. D'Froestellung soll variéieren (QCM, Richteg-Falsch, kuerz Äntwerten, ...) an d'Äntwerte sollen eendeiteg sinn. Bei der Verbesserung vum Test sollen d'Schüler och ëmmer d'Transkriptioune vum Héierverstoen ausgedeelt kréien, sou dass si d'Äntwerten eendeiteg a kloer erausliese kënnen.

De mëndlechen Ausdrock kann ënnert der Form vun enger klassescher Prüfung am Schwätzen, op déi d'Schüler sech am Virfeld virbereede kënnen, oflafen oder ënnert der Form vun enger formativer Bewäertung. Wichteg ass, dass d'Schüler am Ufank vun all Semester informéiert ginn, ob wat fir eng Aart a Weis si mëndlech bewäert ginn. Bei der formativer Bewäertung gëtt de Mëndlechen Ausdrock iwwer dat ganzt Semester gekuckt. „Dobäi sollen eenzel Schüler oder Koppele vu Schüler an all Unterrechtsstonn a mat Hëllef vu Schwätzübungen, déi variéieren (Dialog imitéieren oder variéieren, Rollespill, Interview, Diskussioun, ...), hirem Niveau entspriechend Lëtzebuergesch schwätzen."[56] Dës Situatioune sollen am Unterrecht permanent trainéiert ginn an deementspriechend e wichtegen an integrale Bestanddeel vum Lëtzebuergeschcours duerstellen. Eng eegen ausgeschaffte

[56] MEN: Programm Lëtzebuergesch an de „classes d'insertion" 7STF, 8TEF, 8POF, 9TEF, 9POF, 9PRF. Lëtzebuerg, 2015. S.: 13.

Bewäertungsgrille soll den Enseignanten dokumentéiere vun de Resultater erméiglechen an de Schüler d'Kritären an d'Indicateure vun der Bewäertung verdäitlechen.[57]

Bei der Bewäertung duerch klassesch mëndlech Tester soll den Enseignant mat enger Bewäertungsgrille schaffen. Am Unhang vun dësem Dokument ass eng Grille ze fannen, déi als Orientéierungshëllef dénge soll. Jee no Sproochenniveau a Contenu vum Cours muss den Enseignant seng Grille upassen an ëmänneren.

Vun der S1 bis S3 ginn d'Schüler ënnert der Form vu Buschtawe bewäert. Dës Bewäertungsform soll et den Enseignanten erméiglechen an der positiver Bewäertung méi ze variéieren an ze differenzéieren. An der folgender Tabell si souwuel d'Notten an der Form vu Buschtawen an Zifferen, wéi hir entspriechend Indicateuren a Leeschtungsbeschreiwungen opgelëscht.[58]

	Nott ënnert der Form vu Buschtawen	**Nott ënnert der Form vun Zifferen**	**Indicateure vun der Leeschtung**
Excellent Leeschtung, net feelerfräi, mee den néidege Kompetenze vum Fach entspriechend.	A	9,00 - 10	Excellent
Ganz gutt Leeschtung, bal de ganzen néidege Kompetenze vum Fach entspriechend.	B	8,00 - 8,99	Ganz gutt
Gutt Leeschtung, global den néidege Kompetenze vum Fach entspriechend.	C	7,00 – 7,99	Gutt
Akzeptabel Leeschtung, de Kompetenze vum Fach entspriechend.	D	6,00 – 6,99	Satisfaisant
Leeschtung, de Minimum vun de Kompetenze vum Fach entspriechend.	E	5,00 – 5,99	Süffisant
Ongenügend Leeschtung, déi bal keng vun den néidege Kompetenze vum Fach erreecht.	F	3,00 – 4,99	Echec (Ongenügend)
Ganz ongenügend Leeschtung, déi keng vun de Kompetenze vum Fach erreecht.	FX	0 – 2,99	Echec (Ganz ongenügend)

[57] An der Annex 5 befënnt sech e Beispill vun enger méiglecher mëndlecher Evaluatiounsgrille.

[58] Vgl. dozou : Schola Europaea : *New marking scale in the Secondary cycle*. https://www.eursc.eu/en/European-Schools/studies/marking-scale (19/05/2019).

Lëtzebuergesch an den ëffentlechen internationale Schoulen
Vun der Grondschoul bis an de Secondaire
LUXEM – Lëtzebuergesch
5. Conclusioun an Ausbléck

Dës Aarbecht hat d'Ausschaffe vun engem Programm fir d'Fach „Lëtzebuergesch" an den ëffentlechen internationale Schoulen zum Géigestand. Zënter 2016, mat der Ouverture vun der éischter ëffentlecher internationaler Schoul zu Déifferdeng, huet d'Unzuel, wéi och d'Demande vun den ëffentlechen internationale Schoule progressiv zougeholl. Haut, am Schouljoer 2018/2019, bidde scho véier ëffentlech Schoulen den europäesche Schoulsystem zu Lëtzebuerg un. Dësen neie Schoulsystem befënnt sech deementspriechend nach matzen an der Entwécklungsphas a gëtt permanent iwwerschafft a virun nei Erausfuerderunge gestallt. Dëst ass op där enger Säit zwar mat vill Aarbecht an d'Challengë verbonnen, mee op där anerersäits erméiglecht et dem Léier- a Schoulpersonal seng eegen Iddien a Virstellunge mat anzebréngen a sech kreativ um Opbau vun der Schoul zu bedeelegen. D'Abrénge vum Fach „Lëtzebuergesch" an den europäesche Schoulsystemer gehéiert zu enger vun dësen neien Innovatiounen a sou ass d'„Fach" Lëtzebuergesch an den europäesche Schoulen nëmmen an den ëffentlechen internationale Schoulen ze fannen.

A wéi fern d'Ëmsetzung vum Fach „Lëtzebuergesch" an den ëffentlechen internationale Schoulen, bis zu dësem Zäitpunkt, gelongen ass, léisst sech diskutéieren an et loosse sech definitiv positiv, wéi och negativ Punkte fannen. Sou gouf zum Beispill d'Unzuel vun den Unterrechtseenheete vum Lëtzebuergeschen an den ëffentlechen internationale Schoule kritiséiert. Fakt ass, dass zwou Unterrechtseenheete pro Woch fir d'Léiere vun enger Friemsprooch ganz wéineg sinn an, dass dës d'Schüler zwar un d'Sprooch eruféieren, mee net dozou féieren, dass si se no puer Joer am Detail kennen a feelerfräi benotze kënnen. De Sproocherwerb zitt sech an den ëffentlechen internationale Schoulen an d'Längt a féiert dozou, dass d'Schüler méi lues progresséieren, wéi dat am regelmentäre Lëtzebuerger Schoulsystem am frankophone Beräich (4 Mol 50 Minutte pro Woch) de Fall ass. En Debutant,

deen a sengem éischte Joer am Lycée mat kengem Basiswëssen am Lëtzebuergeschen ufänkt, schléisst, nom Programm vum Lëtzebuerger Schoulsystem, an dräi Joer den Niveau A2.2 of a fänkt mam Niveau B1 un.[59] Dat heescht allgemeng, dass pro Schouljoer ee Sproochenniveau ofgeschafft gëtt. An den ëffentlechen internationale Schoulen ass dat net de Fall, hei sinn d'Unterrechtseenheeten op d'Halschent reduzéiert an deementspriechend kritt eng Klass pro Schouljoer och nëmmen d'Halschent vum Pensum vun de lëtzebuergesche Schoulklassen duerchgeschafft. Dësen Zäitënnerscheed hunn ech a menger Aarbecht mat agerechent, an deem ech zum Beispill am Secondaire festgehalen hunn, dass d'Schüler pro Schouljoer net a ganze Sproochniveauen, mee ëmmer an hallwe Sproochniveauen evoluéieren. Am éischte Schouljoer erreechen d'Schüler aus dem Ufängergrupp den Niveau A1.1, am zweeten den Niveau A1.2 an am drëtte komme si dann op den Niveau A2.1. Déi Schüler, déi mam Léiere vum Lëtzebuergeschen net bei Null ufänken, ginn an de Grupp intermediaire orientéiert a kommen deementspriechend iwwer en Niveau A2.1 eraus. D'Glidderung a Gruppen erméiglecht et dem Léierpersonal d'Schüler méi homogen ze regruppéieren, si bei hirem jeeweilege Wëssensstand ewechzehuelen an do mat hinne weider ze schaffen.

Am Éischtsproocherwerb vum Lëtzebuergesche gëtt dem Léierpersonal e richtege Luxus gebueden. Am Lëtzebuerger Schoulsystem am Secondaire gi just op der 7ième 50 Minutte pro Woch fir de Lëtzebuergeschunterrecht festgehalen. An den ëffentlechen internationale Schoulen huet d'Léierpersonal wärend dräi Schouljoer 2 Mol 45 Minutte fir de Lëtzebuerger Éischtsproochler d'Lëtzebuerger Geschicht, Kultur, Geografie, Literatur, Schreifweis, asw. bäizebréngen. Et ass deementspriechend nëmme verständlech, dass d'Schüler an dësem Fall vill méi iwwer Lëtzebuerg léieren, wéi an engem normale Lëtzebuerger Schoulsystem.

D'Fach „Lëtzebuergesch" an den ëffentlechen internationale Schoulen ënnerscheet sech also vun de Lëtzebuergeschfächer am Lëtzebuerger Schoulsystem. De Besoin vun engem Programm fir Lëtzebuergesch an den ëffentlechen internationale Schoulen huet eng Realitéit duergestallt a mat dëser Aarbecht wollt ech dësem Besoin gerecht ginn an nokommen. Dofir hunn ech mech fir d'éischt emol genee informéiert, wéi de Lëtzebuergeschunterrecht an de Lëtzebuerger Schoulen (Grondschoul a Secondaire) ofleeft. Ech hu mir déi verschidde

[59] Vgl. dozou: MEN: Programm Lëtzebuergesch an de „classes d'insertion" 7STF, 8TEF, 8POF, 9TEF, 9POF, 9PRF. Lëtzebuerg, 2015. S.: 1-2.

Programmer ugekuckt an duerchgelies. Zousätzlech hunn ech mir Feedback bei Lëtzebuerger Grondschoulléierpersonal a Secondaire-Léierpersonal gefrot. Och meng eegen Erfarungen aus menger Zäit als Chargée am Modulaire an a mengem Stage hu mir beim Ausschaffe vun dëser Aarbecht vill gehollef. Nodeems ech mir also ee geneet Bild doriwwer gemaach hat, wéi Lëtzebuergesch an den ënnerschiddleche Schoulsystemer an an de verschiddene Cyclen ënnerriicht gëtt, hunn ech mech un d'Aarbecht gesat an e Programm fir den Unterrecht an den ëffentlechen internationale Schoulen an der Grondschoul an am Secondaire ausgeschafft.

Ech hu mäi Programm an zwee grouss Kapitelen ënnerdeelt. Eng Kéier „Lëtzebuergesch an der Grondschoul" an anerersäits „Lëtzebuergesch am Secondaire". Dës zwee Kapitele goufen nach eng Kéier ënnerdeelt an zwar an e Volet „Lëtzebuergesch als Éischtsprooch" a „Lëtzebuergesch als Friemsprooch".

Am Kapitel „Lëtzebuergesch an der Grondschoul" hunn ech fir d'Léierpersonal an d'Schüler ee flexibele Programm ausgeschafft, dee vun de Ressourcë vun de Schüler ausgoen an op hir Bedierfnesser agoe sollt. Et goufen also keng fest Inhalter, mee Kompetenze festgehalen, déi d'Schüler entspriechend hirem Niveau an no all Schouljoer erreecht sollten hunn. Hei hunn ech mech un de Sproocheprogrammer vun den europäesche Schoulen orientéiert a versicht de Programm esou auszeschaffen, dass och interdisziplinär geschafft ka ginn. Ech hu mech bewosst dofir entscheet gehat, de Programm an zwee Beräicher z'ënnerdeelen an deementspriechend den Éischtsproochenunterrecht vum Friemsproochenunterrecht ze trennen. Obwuel d'Kanner am Friemsproochenunterrecht vum Wëssen an de Fäegkeete vun den Éischtsproochler profitéiere kënnen, huet de Feedback vu mengen Aarbechtskollege mir verdäitlecht, dass d'Mësche vun de verschiddene Sproochenniveauen och wichteg Nodeeler mat sech bréngt. D'Kanner an der Grondschoul sinn nach net autonom genuch fir individuell a selbstänneg ze schaffen. Si brauchen eng Persoun, déi si leet, hinnen hëlleft an dozou bäidréit si zu autonome Matbierger z'erzéien. Deementspriechend ass et, virun allem an den nidderege Klassen, schwéier Kanner mat ënnerschiddlechen Niveauen an der selwechter Klass z'ënnerriichten. Vill Enseignantë hunn zouginn, dass et komplizéiert war fir en eenheetlechen Unterrecht fir eng ganz divers Klass opzesetzen an, dass si heiansdo d'Angscht haten entweder déi staark Schüler z'ënnerfuerderen oder déi schwaach Schüler z'iwwerfuerderen. Duerch d'Opsetze vun zwee verschiddene Programmer wollt ech dësem

Problem entgéint wierken. D'Programmer gräifen also déi verschidden Niveaue vun de Kanner op a sinn zousätzlech sou opgebaut, dass si Gemeinsamkeeten a Schnëttstellen opweisen, déi erméiglechen, dass déi verschidde Sproochenniveauen och emol zesumme kommen a gemeinsam un engem Projet oder Kompetenze schaffe kënnen.

Am Kapitel 3 hunn ech festgehalen, dass de Schratt vun der Grondschoul an de Secondaire net ëmmer sou evident ass, wéi een dat menge kéint. E wichtege Facteur, dee verhënnert, dass am Secondaire einfach mam Programm vum Primär weidergefuer ka ginn, ass d'Diversitéit an d'Hierkonft vun de Kanner. D'Schüler aus den ëffentlechen internationale Schoulen am Secondaire kommen net all aus der ëffentlecher internationale Grondschoul, verschiddener kommen aus dem Lëtzebuerger Schoulsystem, anerer kommen aus Europaschoulen an nach anerer kommen aus ganz aneren internationale Systemer. Dëst féiert dozou, dass alt nees ënnerschiddlech Sproochenniveauen openeen treffen. Fir dës Niveaue besser ze bestëmmen an ze glidderen, ginn an den éischte puer Deeg mat de Schüler vun der S1 an den neie Schüler Interviewen duerchgefouert. Sou kann d'Léierpersonal sech séier en Iwwerbléck iwwer d'Hierkonft an d'Kompetenze vun de Schüler schafen a se de richtege Gruppen zouuerdnen.

Am Secondaire ginn d'Schüler dann a verschidde Gruppen orientéiert. Vun de Bezeechnunge gëtt tëscht Grupp debutant, Grupp intermediaire a Grupp avancé ënnerscheet. D'Unzuel vun de Gruppen hänkt vun der Klassen- a Schülerzuel pro Joergank of. De Grupp avancé riicht sech u Lëtzebuerger Éischtsproochler, wougéint d'Gruppen debutant an intermediaire d'Lëtzebuergesch als Friemsprooch ënnerriichten. Genee wéi am Programm vum Lëtzebuergeschen an der Grondschoul, hunn ech och an dësem Deel tëscht den zwee Niveauen, Éischtsprooch a Friemsprooch, ënnerscheet an deementspriechend zwee verschidde Programmer ausgeschafft, déi den Niveaue gerecht ginn. Fir d'Éischtsproochler hunn ech e Programm ausgeschafft, deen sech iwwer dräi Joer zitt an dee progressiv u Wëssen, Fäegkeeten a Schwieregkeete steigt. De Programm fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch baséiert um „Gemeinsamer europäischer Referenzrahmen für Sprachen: lernen, lehren, beurteilen" an ass deementspriechend no de verschiddene Sproochenniveauen opgebaut. Béid Programmer fixéiere Léierziler, déi pro Schouljoer erreecht solle ginn. Nieft de Léierziler ginn awer och Themen, grammatesch, syntaktesch, a phonetesch Schwéierpunkte gesat, d'Léierpersonal kritt Material a Supporte virgeschloen an

eng ongeféier Unterrechtsunzuel gëtt festgehalen. Hei ass et och nach wichteg ze betounen, dass d'Léierziler zyklesch opgebaut sinn. Déi ënnerschiddlech Themen, Schwéierpunkten a Schwieregkeete kommen also regelméisseg op de verschiddenen Niveauen erëm, ginn erweidert a verdéift. Dëst soll dozou bäidroen, dass d'Schüler d'Wësse besser memoriséieren an et regelméisseg gebrauchen.

Fir eng Kohärenz mam Lëtzebuerger Schoulsystem ze hunn, hunn ech mech wärend der Aarbecht u mengem Travail de Candidature och mam Fachpersonal getraff, dat mam Ausschaffe vun engem neie Programm fir d'ACCU's-Klassen an d'Insertiounsklasse beschäftegt war. Zesummen hu mir gekuckt fir eis Programmer unzepassen, sou dass bei engem Schoulwiessel den Iwwergank vun engem Schoulsystem an deen anere fir de Schüler erliichtert sollt ginn. Dëst sollt den ënnerschiddleche Schoulen och erméigleche méi enk mateneen zesummen ze schaffen an en Austausch ze förderen.

Ech gesi meng Aarbecht als wichtegt Fundament vum Lëtzebuergeschunterrecht an den ëffentlechen internationale Schoulen un. Mee genee wéi dëst Schoulsystem nach an enger Entwécklungsphas stécht, ass dës Aarbecht nach net ofgeschloss. Permanent kënnt et nach zu Ännerungen a Changementer. An och d'Schoulsystem selwer progresséiert permanent a gëtt stänneg virun nei Challenge gestallt. D'Schüler, hir Besoinen a Bedierfnesser änneren a sou kënnt een net derlaanscht, dass d'Schoulprogrammer regelméisseg iwwerschafft a komplettéiert ginn. Dës Aarbecht war d'Resultat vun engem perséinlechen a kollektivem Besoin a menger Schoul, deen, an do sinn ech mir sécher, och an den aneren ëffentlechen internationale Schoule besteet. Ech erhoffe mir, dass dës Aarbecht de Besoine vu mengen Aarbechtskollege gerecht gëtt an et hinnen erméiglecht e flotten a produktiven Unterrecht ze gestalten. An engem nächste Schratt wier et interessant ze kucken, wéi de Programm an den ëffentlechen internationale Schoule schlussendlech ukënnt. Ech konnt mech an dëser Aarbecht nëmmen op d'Schoulen zu Déifferdeng an zu Esch konzentréieren an hat do natierlech d'Chance fir op de Feedback an d'Erfarunge vu mengen Aarbechtskollegen aus dem Primär an dem Secondaire zeréckgräifen ze kënnen. Elo wier et interessant ze wëssen, op dëse Programm och de Virstellungen an Erwaardunge vum Léierpersonal an de Schoulen zu Jonglënster, Klierf a Munneref gerecht gëtt. Ech géif et dowéinst ganz flott fannen, wann an Zukunft Aarbechtsgruppen op d'Been gestallt géife ginn, déi sech intensiv mat de Programmer (Lëtzebuergesch an der Primärschoul a Lëtzebuergesch am Secondaire) beschäftege géifen.

Si kéinten d’Programmer ganz detailléiert ënner d’Lupp huelen, se regelméisseg iwwerschaffen an eventuell ergänzen.

6.1 Bicher

TRIM, John, NORTH, Brian, COSTE, Daniel, SHEILS, Joseph: *Gemeinsamer europäischer Referenzrahmen für Sprachen: lernen, lehren, beurteilen. Niveau A1-A2-B1-B2-C1-C2.* Hrsg. Goethe-Institut, Langenscheidt. Berlin/München/Wien/Zürich/New York 2001.

LALONDE-GRATON, M.: *Fondements et pratiques de l'éducation à la petite enfance*. Québec: Presse de l'Université du Québec, 2003.

MENFP – Ministère de l'éducation nationale et de la Formation professionnelle : *Sproochlech Bildung am éischte Cycle. Deel 1 : Sprooch a Sproochen zu Lëtzebuerg*. Lëtzebuerg, 2018.

MENFP – Ministère de l'éducation nationale et de la Formation professionnelle : *Sproochlech Bildung am éischte Cycle. Deel 2 : D'Kand a seng Sprooch(en)*. Lëtzebuerg, 2018.

MENFP – Ministère de l'éducation nationale et de la Formation professionnelle : *Sproochlech Bildung am éischte Cycle. Deel 3 : Sprooch a Sproochen am éischte Cycle*. Lëtzebuerg, 2018.

MENFP – Ministère de l'éducation nationale et de la Formation professionnelle : *Kompetenzratser und Entwicklungsstufen – Zyklen 1 bis 4*. Lëtzebuerg, 2011.

MENFP: Enseignement secondaire classique. Division inférieure. Luxem Luxembourgeois. 7C. Lëtzebuerg, 2018.

GILLES, P.: *Jugendsprachliche Schriftlichkeit auf Luxemburgisch in den Neuen Medien*. Aus: BERG, C.; KERGER, L.; MILMEISTER, M. (Hrsg.): *Savoirs et engagements. Hommage à Georges Wirtgen*. Lëtzebuerg, Éditions Phi, 2009.

MEN: Programm Lëtzebuergesch an de „classes d'insertion“ 7STF, 8TEF, 8POF, 9TEF, 9POF, 9PRF. Lëtzebuerg, 2015.

MEN: Programm Lëtzebuergesch an de „classes d'accueil“.

6.2 Internetsäiten

MENFP: Programm Lëtzebuergesch an de „classes d'accueil“.: https://ssl.education.lu/eSchoolBooks/QuickSearch.aspx#39934null (22/05/2019)

MEN – Ministère de l'éducation nationale et de la Formation professionnelle: *Offre scolaire internationale* : http://www.men.public.lu/fr/actualites/grands-dossiers/systeme-educatif/offre-internationale/fr/index.html (17/04/2019)

Schola Europaea : *Lehrplan Deutsch L1 – Primarstufe. AZ.: 2016-09-D-22-de-2 Orig.: DE*. https://www.eursc.eu/Syllabuses/2016-09-D-22-de-2.pdf (19.05.2019).

Schola Europaea : *Lehrplan – Zweite Sprache Deutsch - Primarbereich. Ref.: 2013-01-D-32-de-2 Orig.: DE. https://www.eursc.eu/Syllabuses/2013-01-D-32-de-2.pdf (19/05/2019).*

Schola Europaea : *New marking scale in the Secondary cycle*. https://www.eursc.eu/en/European-Schools/studies/marking-scale (19/05/2019).

6.3 Wichteg Léierwierker

BRAUN, Josy, KELLER, Chantal, MAJERUS, Jean-Marie, NEUENS, Othon, OFFERMANN, Jeanne, REDING, Pierre, SCHAUL, Josiane, VANOLST, Francine: Lies a Fléi. MENJE. Lëtzebuerg, 2015.

GAASCH, Angie, KAELL, Jennifer: Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1. Institut National des Langues. Miersch, 2015.

GAASCH, Angie, KAELL, Jennifer: Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A2. Institut National des Langues. Lëtzebuerg, 2017.

KNEPPER, Danielle, NODARI, Claudio, WEBER-MESSERICH, Jackie: Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. Léierbuch mat 3 CDen, Ministère de l'Education Nationale et de la Formation Professionnelle. Lëtzebuerg, 2011.

CLEMENT, Cathy, BLAU, Lucien: Lies de Bal. Lëtzebuergesch Texter. Ed. Saint-Paul. Lëtzebuerg, 2014.

WOLTER, Fernand: Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag, 3. Oplo, Ed. Saint-Paul. Lëtzebuerg, 2011.

Lëtzebuergesch an den ëffentlechen internationale Schoulen
Vun der Grondschoul bis an de Secondaire
LUXEM – Lëtzebuergesch
7. Annexen

7.1 Annex 1: Joresplanung

ÉCOLE INTERNATIONALE DE DIFFERDANGE

Jährliche Planung S1 Luxemburgisch

Name der Lehrerin:
Klasse: S1 (A1)
Fach: Luxemburgisch
Site:
Lehrwerk:

Zeitraum	Themen	Lernziele
	3 Sequenzen im Laufe des Schuljahres	**Kompetenzen, die sich die Schüler im Laufe des Schuljahres aneignen sollen:** **Hauptziel: Die Schüler sollen sich auf Luxemburgisch mündlich ausdrücken können, indem sie:** - einfache Wörter und Sätze in Bezug auf ihr persönliches Umfeld verstehen können. - kurze Texte, die geläufige Wörter und Sätze beinhalten, lesen und verstehen können. - an Gesprächen über ihnen geläufige Themen teilnehmen können. - mithilfe einfacher Ausdrücke über ihr direktes Umfeld sprechen können. - kurze Texte (SMS, Postkarte, usw.) schreiben können.

17/09 – 21/12	**<u>Sequenz 1</u>:** **Begrüßung und Kontaktaufnahme**	**<u>Lernziele</u>:** **Der Schüler kann:** - jemanden begrüßen und sich verabschieden. - seinen Namen nennen und eine andere Person nach ihrem Namen fragen. - seinen Namen buchstabieren und fragen, wie man ein Wort buchstabiert. - sagen, wie es ihm geht und eine andere Person fragen, wie es ihr geht. - sagen, wo er wohnt und eine andere Person nach ihrem Wohnort fragen. - seine Nationalität nennen und eine andere Person nach ihrer Nationalität fragen. - sein Herkunftsland nennen und eine andere Person nach ihrem Herkunftsland fragen. - die Sprachen nennen, die er spricht und eine andere Person nach ihren Sprachkenntnissen fragen.
		Differenzierung: Die Schüler der S1-Klassen wurden am Anfang des Schuljahres in 5 Gruppen aufgeteilt, sodass die fortgeschrittenen Schüler sich mit anderen Lerninhalten beschäftigen, während die Anfängergruppe das hier beschriebene Programm verfolgt. **Formative und / oder summative Evaluation:** - Hörverstehen: Der Schüler beantwortet richtig/falsch- und Multiple Choice-Fragen zu einem Hörtext.

		- mündliche Produktion: Der Schüler stellt sich vor.
07/01 – 05/04	**<u>Sequenz 2</u>:** **Vorstellung der eigenen Person**	**<u>Lernziele</u>:** **Der Schüler kann:** - die Zahlen von 1-100 nennen. - sein Alter nennen und eine andere Person nach ihrem Alter fragen. - seine Telefonnummer und seine Adresse nennen und eine andere Person nach ihrer Telefonnummer und ihrer Adresse fragen. - sein Geburtsdatum nennen und eine andere Person nach ihrem Geburtsdatum fragen. - Wochentage, Monate und Jahreszeiten benennen und erfragen. - die Anzahl seiner Geschwister nennen und eine andere Person nach der Anzahl ihrer Geschwister fragen. - kurz über seine Hobbys reden.
		Differenzierung: Die Schüler aller S1-Klassen wurden am Anfang des Schuljahres in 5 Gruppen aufgeteilt, sodass die fortgeschrittenen Schüler sich mit andern Lerninhalten beschäftigen, während die Anfängergruppe das hier beschriebene Programm verfolgt.

		Formative und / oder summative Evaluation: - Hörverstehen: Der Schüler beantwortet richtig/falsch- und Multiple Choice-Fragen zu einem Hörtext. - mündliche Produktion: Der Schüler stellt sich vor.
22/04 – 12/06	**<u>Sequenz 3</u>: Alltagsgegenstände beschreiben**	**<u>Lernziele</u>:** **Der Schüler kann:** - sagen, welche Farbe ein Gegenstand hat. - die Uhrzeit nennen und nach der Uhrzeit fragen. - das Datum nennen und das Datum erfragen. - einen Stundenplan verstehen und vorstellen. - auf einfache Art und Weise Gegenstände aus seinem Schulalltag beschreiben. - Preise nennen und fragen. - einfache Informationen über das Schulgebäude verstehen. - einfache Wegbeschreibungen verstehen.
		Differenzierung: Die Schüler aller S1-Klassen wurden am Anfang des Schuljahres in 5 Gruppen aufgeteilt, sodass die fortgeschrittenen Schüler sich mit andern Lerninhalten beschäftigen, während die Anfängergruppe das hier beschriebene Programm verfolgt.

		Formative und / oder summative Evaluation: - Hörverstehen: Der Schüler beantwortet richtig/falsch- und Multiple Choice-Fragen zu einem Hörtext. - mündliche Produktion: Der Schüler absolviert eine mündliche Prüfung.
	<u>Zusätzliche Kursinhalte</u>: Geographie, Geschichte, Kultur und Literatur Luxemburgs	Im Laufe des Schuljahres soll sich der Schüler darüber hinaus auch Kenntnisse in folgenden Bereichen, die in die zu behandelnden Sequenzen integriert werden, aneignen: **Der Schüler kann:** - größere Luxemburger Ortschaften und den Namen des eigenen Wohnortes nennen und diese Ortschaften lokalisieren. - die Luxemburger Regionen (Eislék, Minett, Guttland) benennen und lokalisieren. - die Luxemburger Feiertage im Kalender situieren und bekommt einen ersten Eindruck ihrer Bedeutung. - sich mit Internetseiten beschäftigen, die ihm beim Luxemburgischlernen helfen können und sich Informationen über Luxemburg beschaffen. - die wichtigsten Luxemburger Medien nennen.

7.2 Annex 2: Periodenplanung

S1 Luxemburgisch - Detaillierte Planung 15.09. - 27.10.

Name der Lehrerin:
Klasse: S1 (A1)
Fach: Luxemburgisch
Site:
Lehrwerk:

Woche	Themen	Lernziele
		Der Schüler kann:
17.09. - 21.09.	Hallo und Tschüss	- jemanden begrüßen und sich verabschieden.
24.09. - 28.09.	Wie geht es dir?	- sagen, wie es ihm geht und eine andere Person fragen, wie es ihr geht.
01.10. - 05.10.	Wie heißt du?	- seinen Namen nennen und eine andere Person nach ihrem Namen fragen.
08.10. - 12.10.	Das Alphabet! Wie buchstabiert man deinen Namen?	- seinen Namen buchstabieren und fragen, wie man ein Wort buchstabiert.
15.10 – 19.10	Wo wohnst du?	- sagen, wo er wohnt und eine andere Person nach ihrem Wohnort fragen.
22.10. - 26.10.	Wiederholung	Wiederholung des Lerninhaltes
29.10. - 02.11.		Allerheiligenferien

Differenzierung:

Die Schüler der S1-Klassen wurden am Anfang des Schuljahres in 5 Gruppen aufgeteilt, sodass die fortgeschrittenen Schüler sich mit andern Lerninhalten beschäftigen, während die Anfängergruppe das hier beschriebene Programm verfolgt.

Summative Evaluation:

Hörverstehen: Der Schüler beantwortet richtig/falsch- und Multiple Choice-Fragen zu einem Hörtext.

Mündliche Produktion: Der Schüler stellt sich vor.

7.3 Annex 3: Detailléiert Léierziler a Kann-Kompetenze fir Lëtzebuergesch als Éischtsprooch *am Secondaire*

Lëtzebuergesch am Secondaire

Lëtzebuergesch als Éischtsprooch *am Secondaire*

Niveau:	B2-C1	Supporten:	Lies de Bal.
Klassen:	S1, VP1		
Dauer:	2 Semesteren (+/- 64 Unterrechtseenheeten)		
Léierziler:	4	Unzuel vun de Prüfunge pro Semester:	2
Sprooch vum Unterrecht:	Lëtzebuergesch		

Unterrechts-eenheeten	***Generellt Léierzil***	***Detailer vum Léierzil / Kompetenzen***
+/- 8	***D'SaS[60] sinn an der Lag geografesch Donnéeën iwwer Lëtzebuerg ze verstoen an ze ginn.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... - sech ze Lëtzebuerg orientéieren. - d'Uertschaften zu Lëtzebuerg an déi verschidden Attraktioune benennen. - d'Regioune vu Lëtzebuerg (Éislek – Minett – Guttland) benennen a lokaliséieren. - déi wichteg Flëss (Sauer, Musel, Our, Uelzecht) nennen an op enger Kaart lokaliséieren.

[60] SaS ass d'Ofkierzung fir Schülerinnen a Schüler a gëtt an dësen Tabellen aus Plazgrënn benotzt.

		Grammatik D' SaS kenne(n) … - d'Schreifweis vun den Dierfer a Stied op Lëtzebuergesch (ouni wieder grammatesch Explikatiounen) - d'Schreifweis vum „e" (e, ë) - d'Schreifweis vum „ei" (ei, éi, äi) ***Phonetik*** D'SaS kenne(n)... – d'Aussprooch vun den eenzele Konsonanten, Vokalen an Duebbellauter.
+/- 20	***D'SaS sinn an der Lag d'Geschicht vu Lëtzebuerg a graffen Zich ze beschreiwen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – d'Geschicht vu Lëtzebuerg a graffen Zich beschreiwen an eng Réi vu Stéchdaten nennen. (Entstehung, d' Onofhängegkeet an d'Neutralitéit vu Lëtzebuerg, d'Schläife vun der Festung, asw.) – eng Réi vun Nimm vu groussen /wichtegen historesche Perséinlechkeeten ze nennen. (Groussherzoglech Famill, Ministeren, Sportler, asw.) – d'Seeche vun der Melusina verstoen, erzielen an erëmginn. ***Grammatik*** D' SaS kenne(n) … – d'Reegel vun der Vokallängt. – d'Schreifweis vun de Konsonanten. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
+/- 20	***D'SaS sinn an der Lag sech mat der Lëtzebuerger Comiczeen***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – Lëtzebuergesch och a komplexen Zesummenhäng verstoen. – kuerz Lëtzebuergesch Texter verstoen.

	a Literaturzeen (Thema: Schoul) ze beschäftegen.	– Lëtzebuergesch Ausdréck a Riedensaarten erkennen a benotzen. – fléissend Lëtzebuergesch liesen. (mat kuerze Pausen) – kreativ mat der Sprooch schaffen. – iwwer d'Lëtzebuerger Comiczeen schwätzen. ***Grammatik*** D' SaS kenne(n) … – d'n-Reegel. – déi verschidde Schreifweise vum „e" (e,é, ë, ee). – d'Schreifweis vun der Verben am Present. ***Sazbau*** D'SaS kenne(n) … – de korrekte Sazbau am Lëtzebuergeschen. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
+/- 16	***D'SaS sinn an der Lag Noriichten ze verstoen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – Artikelen op Lëtzebuergesch aus der geschriwwener Press an aus dem Internet verstoen. – Noriichten um Radio verstoen. – Aussoen an Informatiounen aus den Noriichte verstoen, erausfilteren an an e Kontext setzen. – Noriichte lauschteren a weidererzielen. – déi wichtegst Lëtzebuerger Zeitungen a Radiosender nennen a kuerz beschreiwen. ***Grammatik*** D' SaS kenne(n) … – d'Duebellauter (alleguerten). – d'Friemwierder an hir Schreifweis. – d'Auerzäiten.

		Sazbau Den elementare Sazbau soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.

Lëtzebuergesch am Secondaire

Lëtzebuergesch als Éischtsprooch *am Secondaire*

Niveau:	B2-C1	Supporten:	Lies de Bal.
Klassen:	S2, VP2		
Dauer:	2 Semesteren (+/- 64 Unterrechtseenheeten)		
Léierziler:	4	Unzuel vun de Prüfunge pro Semester:	2
Sprooch vum Unterrecht:	Lëtzebuergesch		

Unterrechts-eenheeten	***Generellt Léierzil***	***Detailer vum Léierzil / Kompetenzen***
+/- 8	***D'SaS sinn an der Lag geografesch Donnéeën iwwer Lëtzebuerg ze verstoen an ze ginn.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... - déi wichteg Uertschaften, Regiounen, Flëss, asw. zu Lëtzebuerg an déi verschidden touristesch Attraktioune benennen a virstellen a sech zu Lëtzebuerg orientéieren. - Lëtzebuerg an der Groussregioun situéieren. - d'Roll vu Lëtzebuerg an Europa beschreiwen (Saar-Lor-Lux, asw.). - déi verschidden Dialekter hirer Regioun zouuerdnen. ***Grammatik*** D'Schreifweis vun de Vokalen, Diphthongen a Konsonante soll, wann néideg, widderholl ginn.

		Sazbau Den elementare Sazbau soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn. D'Aussprooch vun der verschiddenen Dialekter soll kuerz analyséiert ginn.
+/- 20	***D'SaS sinn an der Lag bestëmmten historesch Evenementer an Donnéeën erëmzeginn a méi am Detail ze beschreiwen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... - eng Beschreiwung vun engem (historeschen, gesellschaftlechen, soziokulturellen,...) Phenomen verstoen an erëmginn. - Gewunnechten an Traditiounen aus Lëtzebuerg ze beschreiwen an ze kommentéieren (Liichtmëssdag, Kleeserchersdag, Sprangprëssessioun, asw.). - d'Geschicht vu Lëtzebuerg wärend dem zweete Weltkrich verstoen an erëmginn. - d'Hierkonft vun der Lëtzebuerger Sprooch kuerz erklären (Sproochgeschicht). ***Grammatik*** D'Schreifweis vun de Vokalen, Diphthongen a Konsonante soll, wann néideg, widderholl ginn. ***Sazbau*** Den elementare Sazbau soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn. D'Aussprooch vun der verschiddenen Dialekter soll kuerz analyséiert ginn.
+/- 20	***D'SaS sinn an der Lag Inhalter aus Texter ze verstoen, kloer ze beschreiwen a kuerz an***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... - déi wichtegst Lëtzebuerger Schrëftsteller an hir Wierker nennen. - d'Haaptpunkte vun engem Text zesummefaassen a presentéieren.

	informell ze kommentéieren.	– eng Erzielung an der Vergaangenheet verstoen. – eng Geschicht zesummenhängend erzielen. – e Mäerchen an 10-12 Sätz erzielen. – eng Persoun ze beschreiwen an ze charakteriséieren. – positiv oder negativ Kritiken iwwer e Film, e Buch, eng CD,... äusseren. – un enger allgemenger Diskussioun deelhuelen an hir Meenung ausdrécken. ***Grammatik*** D' SaS kenne(n) … – d'Schreifweis vun de Verben am Passé (Passé Composé an Imparfait) – d'Nomen an d'Wuertaarten. ***Sazbau*** Den elementare Sazbau soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
+/- 16	***D'SaS sinn an der Lag hire Standpunkt zu Themen aus den Noriichten an der Aktualitéit ze vertrieden.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – déi wichtegst Informatiounen aus den Noriichten oder enger aktueller Emissioun um Radio / op der Tëlee verstoen. – eng Situatioun oder e Phenomen beschreiwen. – d'Haaptpunkten aus engem Reportage / enger Noriicht mëndlech erëmginn oder schréftlech festhalen. – en Thema / eng Problematik kuerz beschreiwen an Argumenter virbrénge fir hire Standpunkt ze begrënnen. – eng Conclusioun zéien a Léisungsvirschléi maachen. – Onverständnes, Zoustëmmung oder Zweiwel ausdrécken. – iwwer déi perséinlech Bedeitung vun enger Noriicht schwätzen. – kritesch mat de Medien ëmgoen.

		Grammatik D' SaS kenne(n) … - d'Funktioune vun de Wierder am Saz. - den Opbau vun Artikelen. ***Sazbau*** Den elementare Sazbau soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.

Lëtzebuergesch am Secondaire

Lëtzebuergesch als Éischtsprooch *am Secondaire*

Niveau:	B2-C1	Supporten:	Lies de Bal.
Klassen:	S3, VP3		
Dauer:	2 Semesteren (+/- 64 Unterrechtseenheeten)		
Léierziler:	4	Unzuel vun de Prüfunge pro Semester:	2
Sprooch vum Unterrecht:	Lëtzebuergesch		

Unterrechts-eenheeten	***Generellt Léierzil***	***Detailer vum Léierzil / Kompetenzen***
+/- 14	***D'SaS sinn an der Lag d'Entwécklung vum Lëtzebuerger Land an der Geschicht ze verstoen an erëmzeginn.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... - iwwer d'Roll vu Lëtzebuerg weltwäit an an Europa argumentéieren. - Lëtzebuerg fréier an haut matenee vergläichen. - iwwer d'Roll vu Lëtzebuerg an der Europäescher Unioun argumentéieren. ***Grammatik*** Bei Bedarf solle verschidde grammatesch Punkte widderholl oder thematiséiert ginn. ***Sazbau*** Den elementare Sazbau soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.

		Phonetik D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
+/- 10	***D'SaS sinn an der Lag iwwer wichteg politesch an historesch Evenementer zu Lëtzebuerg ze diskutéieren.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... - einfach Informatiounen iwwer politesch Situatioun zu Lëtzebuerg (Monarchie – Regierungsform – Parteien) verstoen an erëmginn. - eng Biographie vun enger bekannter Perséinlechkeet ausschaffen a virstellen. - iwwer d'Themen „Emigratioun" an „Immigratioun" matschwätzen. ***Grammatik*** Bei Bedarf solle verschidde grammatesch Punkte widderholl oder thematiséiert ginn. ***Sazbau*** Den elementare Sazbau soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
+/- 20	***D'SaS sinn an der Lag sech mat der Lëtzebuerger Comiczeen a Literaturzeen ze beschäftegen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... - en Text / eng Presentatioun iwwer aktuell oder abstrakt Themen novollzéien. - e Phenomen beschreiwen, Gedanken, hir perséinlech Astellungen detailléiert ausdrécken (an engem Bréif, Lieserbréif, Mail, asw.) - Haaptinformatioune schréftlech a mëndlech resuméieren an eng kuerz Presentatioun halen. - op en Text / eng Sendung / eng Presentatioun mëndlech reagéieren a wärend dem Virtrag adequat op Froen oder Äusserunge reagéieren. - eng Presentatioun verfollegen an dobäi den Informatiounsgehalt an de Standpunkt vum Auteur erausfilteren. - méi laang a komplex Texter séier liesen an déi wichtegst Punkten erkennen.

		– den Inhalt an d'Relevanz vun engem Artikel erfaassen a begrënnen, ob sech eng vollstänneg Lektür rentéiert / net rentéiert huet. – mat Hëllef vun eegenen Notizen d'Argumenter vun de Gespréichspartner mëndlech zesummefaassen an dorop reagéieren. – bannent enger Argumentatioun e Malentendu kloerstellen an engem Argument widderspriechen. – sech an engem Gespréich abréngen. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – Zesummefaassunge schreiwen. – Buchrezensioune festhalen. – d'Reegel vun den Apostrophe richteg uwenden. ***Sazbau*** Den elementare Sazbau soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
+/- 20	***D'SaS sinn an der Lag Noriichten ze verstoen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – den Inhalt vu komplexen an aktuellen Texter / Sendunge strukturéiert erëmginn. – aus komplexen an aktuellen Texter / Sendungen déi wichteg Punkten ervirhiewen. – den Inhalt vu komplexen an aktuellen Texter / Sendungen resuméieren. – e Virtrag verfaassen a virdroen. – Hypotheesen iwwer Ursaachen a Konsequenzen opstellen. – an enger Diskussioun seng eege Gefiller an Astellunge matdeelen a verdeedegen. – d'Gefiller an d'Astellung vun aneren interpretéieren a sech dozou positionéieren. – mat hirem Géigeniwwer e Kompromëss fannen.

		Grammatik D' SaS kënne(n) … – Artikele schreiwen a verfaassen. ***Sazbau*** Den elementare Sazbau soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.

7.4 Annex 4: Detailléiert Léierziler a Kann-Kompetenze fir Lëtzebuergesch als Friemsprooch *am Secondaire*

Lëtzebuergesch am Secondaire

Lëtzebuergesch als Friemsprooch am Secondaire

Niveau:	A1.1	Supporten:	Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1 Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 1-8. Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. Lëtzebuergesch. Mir schwätze mateneen. Band 1-2.
Klassen:	ACCU, S, VP		
Dauer:	2 Semesteren (+/- 64 Unterrechtseenheeten)		
Léierziler:	4	Unzuel vun de Prüfunge pro Semester:	2
Sprooch vum Unterrecht:	Lëtzebuergesch		

Unterrechts-eenheeten	***Generellt Léierzil***	***Detailer vum Léierzil / Kompetenzen***
+/- 10	***D'SaS sinn an der Lag een op eng ganz einfach Manéier ze begréissen a Kontakt opzehuelen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – eng Persoun begréissen. (Gudde Moien, Gudde Mëtteg, Gudden Owend,...) – enger Persoun Äddi soen. (Äddi, Awuer, Awar, Gutt Nuecht, Schéine Moien,...) – nom Befanne vun enger Persoun froen an dorop reagéieren. – hiren Numm nennen an eng Persoun nom Numm froen.

		– eppes buschtawéieren a buschtawéiere loossen. – eng Persoun héiflech uschwätzen an tëscht duzen an dierzen ënnerscheeden. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – tëschent duzen an dierzen ënnerscheeden. – d'Verben „sinn", „hunn" , „heeschen" an „buschtawéieren" am Indicatif Present konjugéieren. – de weiblechen a männlechen Artikel richteg benotzen. – d'n-Regel verstoen an applizéieren. ***Sazbau*** D'SaS kënne(n) … – affirmativ Sätz formuléieren. – W-Froe formuléieren. (Wéi heeschs du? Wéi buschtawéiert een dat? Wéi geet et dir? Wien ass dat?) ***Phonetik*** D'SaS kënne(n)... – d'Alphabet op Lëtzebuergesch ausschwätzen.
+/- 28	***D'SaS sinn an der Lag sech op eng einfach Manéier virzestellen an Informatiounen ze ginn an ze froen***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – sech korrekt virstellen an nom Numm froen. – Informatioune ginn a verstoen (Numm, Wunnuert, Hierkonft, Nationalitéit, Sproochen, Alter, Gebuertsdag, Telefonsnummer, E-Mail-Adress, Geschwëster). – eppes nofroen a froe fir et ze buschtawéieren. – bis 100 zielen. – Hobbyen nennen an duerno froen.

		Grammatik D' SaS kënne(n) … – d'regelméisseg Verben „wunnen", , „schwätzen" a „buschtawéieren" am Indicatif Present konjugéieren. – d'onregelméisseg Verben „hunn", „sinn" a „kommen" am Indicatif Present konjugéieren. – d'Lokalprepositiounen „an", „aus", „vun" an „zu" richteg applizéieren. – W-Froe formuléieren. – Jo- / Nee-Froe formuléieren. – d'Negatioun mat „net" a „keen" richteg applizéieren. – d'Kardinalzuele formuléieren. – d'weiblech an d'männlech Form vun den Nationalitéite formuléieren. – d'Personalpronome vun eneen ënnerscheeden. – d'Possessivpronomen am Singular vun eneen ënnerscheeden. ***Sazbau*** D'SaS kënne(n) … – affirmativ an negativ Sätz formuléieren. – Froen a W-Froe formuléieren. ***Phonetik*** D'SaS kënne(n)… – d'Joreszuele richteg ausschwätzen. – bei der Aussprooch tëscht „ue", „ou" an „o" ënnerscheeden.
+/- 20	***D'SaS sinn an der Lag op eng ganz einfach Manéier eng Persoun oder eng Saach ze beschreiwen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – d'Faarwe benennen. – d'Wochendeeg, d'Méint an d'Joreszäite benennen a froen. – den Datum soen a froen. – d'Auerzäit soen a froen. – Géigestänn aus der Schoul an d'Schoulmaterial benennen.

		– op eng einfach Manéier Objeten aus dem Schoulalldag a Persoune kuerz beschreiwen. – d'Transportmëttel fir an d'Schoul ze fuere benennen. – d'Meteo mat Hëllef vu Biller verstoen. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – d'elementar Adjektiven an hir Contrairen nennen. – temporal Prepositiounen (vir, op, um, géint, vun...bis) richteg applizéieren. – d'Negatioun mat „net" a „keen" richteg applizéieren. (Verdéiwung) – de bestëmmten an onbestëmmten Artikel richteg benotzen. – Prepositioun „mat" + Transport richteg asetzen. – den Akkusativ bei Direktiounsuweisungen erkennen. ***Sazbau*** D'SaS kënne(n) … – affirmativ an negativ Sätz formuléieren. (Verdéiwung) ***Phonetik*** D'SaS kënne(n)... – tëscht „s" an „z" ënnerscheeden.
+/- 6	***D'SaS sinn an der Lag Informatiounen iwwer Lëtzebuerg ze verstoen an ze ginn (Geografie, Geschicht, Kultur a Literatur).***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – gréisser Lëtzebuerger Uertschaften an den Numm vum eegene Wunnuert op Lëtzebuergesch nennen an dës Uertschafte lokaliséieren. – déi véier wichtegst Flëss (Sauer – Musel – Our – Uelzecht) nennen a lokaliséieren. – d'Regiounen (Eislek – Minett – Guttland) benennen a lokaliséieren. – déi verschidde Feierdeeg zu Lëtzebuerg am Kalenner situéieren a ganz kuerz beschreiwen. – sech mat Internetsäite fir Lëtzebuergesch ze léiere beschäftegen a sech Informatiounen iwwer Lëtzebuerg beschafen.

		– Medien zu Lëtzebuerg (Tëlee, Radio, Zeitungen, Kanner- a Jugendliteratur, Filmer,...) nennen. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – d'Prepositiounen (aus, vun, mat, an, op, niewent, tëschent, vis-à-vis,...) richteg applizéieren. ***Sazbau*** Den elementare Sazbau soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.

Lëtzebuergesch am Secondaire

Lëtzebuergesch als Friemsprooch am Secondaire

Niveau:	A1.2	Supporten:	Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1 Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 1-8. Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. Lëtzebuergesch. Mir schwätze mateneen. Band 1-2.
Klassen:	ACCU, S, VP		
Dauer:	2 Semesteren (+/- 64 Unterrechtseenheeten)		
Léierziler:	4	Unzuel vun de Prüfunge pro Semester:	2
Sprooch vum Unterrecht:	Lëtzebuergesch		

Unterrechts-eenheeten	***Generellt Léierzil***	***Detailer vum Léierzil / Kompetenzen***
+/- 12	***Widderhuelunge vum Niveau A1.1***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – eng Persoun begréissen. (Gudde Moien, Gudde Mëtteg, Gudden Owend,...) – enger Persoun Äddi soen. (Äddi, Awuer, Awar, Gutt Nuecht, Schéine Moien,...) – nom Befanne vun enger Persoun froen an dorop reagéieren. – Informatiounen zu enger Persoun ginn a kréien. – Saachen a Persoune beschreiwen.

		Grammatik Den Enseignant decidéiert individuell wat fir grammatesch Schwéierpunkten aus dem A1.1 widderholl sollen oder musse ginn. ***Sazbau*** D'SaS kënne(n) … - affirmativ Sätz formuléieren. - W-Froe formuléieren. (Wéi heeschs du? Wéi buschtawéiert een dat? Wéi geet et dir? Wien ass dat?) ***Phonetik*** D'Aussprooch gëtt d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert.
+/- 20	***D'SaS sinn an der Lag op eng ganz einfach Manéier iwwer hiren Alldag ze schwätzen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... - kuerz iwwer hir Hobbyen a Fräizäitaktivitéite schwätzen. - Informatiounen zu Fräizäitaktivitéite ginn a froen. - op eng einfach Manéier hiren Alldag/ Dagesoflaf beschreiwen. - soen, wéi dacks si eppes maachen (Heefegkeetsangaben). - hir Preferenzen ausdrécken (gär / net gär). - iwwer hir Interesse schwätzen. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … - déi wichtegst regelméisseg an onregelméisseg Verben aus dem Themefeld „Alldag an Hobbyen" am Indicatif Present konjugéieren. - tëscht Grouss- a Klengschreiwung ënnerscheeden. - d'Heefegkeetsangaben (ni, sielen, heiansdo, dacks, oft, ëmmer,...) richteg benotzen.

		– d'Zäitangaben (haut, méindes, dënschdes,...) richteg benotzen. ***Sazbau*** D'SaS kenne(n) … – d'Positioun vum Verb, vum Adverb a vun der Zäitangab am Saz. – d'Positioun vum „gär" oder „net gär" am Saz. – d'Inversioun am Saz. ***Phonetik*** D'SaS kënne(n)... – tëscht der richteger Aussprooch vun „éi", „ei", „äi" ënnerscheeden. – tëscht „st" an „sp" ënnerscheeden. – tëscht „ng" an „nk" ënnerscheeden.
+/- 24	***D'SaS sinn an der Lag op eng ganz einfach Manéier an alldeegleche Situatiounen e Wonsch auszedrécken an no Informatiounen ze froen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – bis 1000 zielen. – Iessen a Gedrénks benennen. – beim Akafen d'Präisser an d'Quantitéite soen, froen a verstoen. – en Akafsgespréich féieren a verstoen. – soen a froen, wat ee gär hätt a positiv oder negativ reagéieren. – héiflech froen an offréieren an eng Offer akzeptéieren a refuséieren. – mat bekannten iwwer hir Iess- an Akafsgewunnechte schwätzen. – Duerchsoen am Supermarché, kleng Flyeren an Annoncë verstoen. – am Restaurant oder am Café bestellen an een anere froen, wat hie wëll. – Iesse kommentéieren. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – déi elementar Héiflechkeetsformelen (ech hätt gär, kann ech w.e.g. ... kréien, villmools Merci,...) richteg uwenden. (ouni grammatesch Explikatioun)

		– d'Verben „huelen" a „kréien" konjugéieren. – d'Adjektive richteg benotzen (Verdéiwung). – d'Pluralforme vun de Nome formen. – d'Verben, déi een Dativ brauchen, benennen. – d'onbestëmmt Quantitéite (wéineg, vill, e bëssen, manner,...) richteg applizéieren. – bei den Zuelen tëscht „een" an „eng" oder „zwee" an „zwou" ënnerscheeden. ***Sazbau*** D'SaS kënne(n) … – d'Wuert „gär", „net gär" am Saz richteg positionéieren. ***Phonetik*** D'SaS kënne(n)... – tëscht „och" an „ech" ënnerscheeden. – Diphthonge vun eneen ënnerscheeden. – Monophthonge (é,e,ë) vun eneen ënnerscheeden.
+/- 8	***D'SaS sinn an der Lag op eng ganz einfach Manéier sech anzwousch erëmzefannen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – eng Persoun oder e Géigestand lokaliséieren. – e Land oder eng Stad lokaliséieren. – eng einfach Weebeschreiwung ginn oder froen. – op enger Kaart e Wee fannen. – sech iwwer ëffentlech Servicer, Horairen an Ofleef renseignéieren a Billjeeën oder Tickete kafen. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – d'Direktiounsprepositiounen (riets, lénks, riichtaus) richteg benotzen. – Lokalprepositiounen (an, op, bei, vis-à-vis, ...) richteg benotzen.

		– d'Wiesselprepositiounen: Dativ (Wou) – Akkusativ (Wuer) ënnerscheeden a benotzen. (Verdéiwung) – d'Artikelen am Dativ deklinéieren. ***Sazbau*** Den elementare Sazbau soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn. – D'Positioun vum Wou? am Saz. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.

Lëtzebuergesch am Secondaire

Lëtzebuergesch als Friemsprooch am Secondaire

Niveau:	A2.1	Supporten:	Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1 Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A2 Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 1-8. Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. Lëtzebuergesch. Mir schwätze mateneen. Band 1-2.
Klassen:	ACCU, S, VP		
Dauer:	2 Semesteren (+/- 64 Unterrechtseenheeten)		
Léierziler:	5	Unzuel vun de Prüfunge pro Semester:	2
Sprooch vum Unterrecht:	Lëtzebuergesch		

Unterrechts-eenheeten	***Generellt Léierzil***	***Detailer vum Léierzil / Kompetenzen***
+/- 8	***Widderhuelunge vum Niveau A1.2***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – sech oder eng Persoun virstellen. – Informatiounen zu enger Persoun ginn a kréien. – Informatiounen iwwer den Alldag ginn a kréien. – Saachen a Persoune beschreiwen.

		Grammatik Den Enseignant decidéiert individuell wat fir grammatesch Schwéierpunkten aus dem A1 widderholl sollen oder musse ginn. ***Sazbau*** Den Enseignant decidéiert individuell wat fir syntaktesch Schwéierpunkten aus dem Niveau A1 widderholl sollen oder musse ginn. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
+/- 20	***D'SaS sinn an der Lag op eng einfach Aart a Weis en Dagesoflaf ze beschreiwen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – hiren Dagesoflaf méi detailléiert beschreiwen. – eppes chronologesch erzielen an zäitlech situéieren (Zäitangaben an Auerzäiten). – iwwer de Stot an hir Hobbye schwätzen. – den Oflaf vun engem Ausfluch / vu Fräizäitaktivitéite plangen a beschreiwen. – ëm Hëllef bieden an Hëllef ubidden. – Informatioune froen a ginn. – Virschléi maachen an drop reagéieren (akzeptéieren, unhuelen, oflehnen a kritiséieren). – hir Virléiften ausdrécken. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – d'regelméisseg an d'onregelméisseg Verben am Indicatif Present konjugéieren. – d'reflexiv Verben aus dem Themegebitt „Alldag a Fräizäit" am Indicatif Present konjugéieren. – d'trennbar Verben aus dem Themegebitt „Alldag a Fräizäit" am Indicatif Present konjugéieren.

		– Zäitangaben, Heefegkeetsadverben an Temporaladverbe richteg uwenden. – d'Personalpronomen am Dativ (mat, vun, aus) richteg benotzen. – d'Wiesselprepositiounen: Dativ (Wou) – Akkusativ (Wuer) ënnerscheeden a benotzen. – den Indicatif Present formuléieren fir d'Zukunft auszedrécken. – de bestëmmten an onbestëmmten Artikel mam Datum/ mat der Dageszäit richteg deklinéieren. – erkennen, dass den Akkusativ no Prepositioune mat Direktiounsverbe kënnt. ***Sazbau*** D'SaS kenne(n) … – d'Inversioun am Saz mat enger Zäitangab am Ufank. – Positioun vum Verb a Prefix bei trennbare Verben. – Konjunktioun „an" a kënnen zwee Sätz domadder verbannen. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
+/- 22	***D'SaS sinn an der Lag eng Persoun ze beschreiwen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – iwwer d'Famill an d'Familljerelatioune schwätzen. – e Stammbam opsetzen an d'Familljemembere benennen. – d'Ausgesinn an d'Kleeder vun enger Persoun beschreiwen. – hir Virléifte beschreiwen an ausdrécken. – Akafsgespréicher a Kleederbutteker féieren a verstoen. – Gezei kommentéieren. – mat einfachen Ausdréck vun hirem direktem Ëmfeld schwätzen. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – d'trennbar Verben aus dem Themegebitt „Gezei" am Indicatif Present konjugéieren. (undoen, ausdoen, unhunn, akafen)

		– d'Expressioun „Ech hätt gär...“ ouni grammatesch Explikatioun an Dialoge benotzen. – d'Possessivpronome richteg benotzen. – d'Adjektive richteg benotzen an deklinéieren. – de Komparativ a Superlativ vun den Adjektive formen. – déi substantivéiert Form vun den Adjektiven (eppes –es) formen. – d'Demonstrativartikelen (deen, déi, dat) richteg gebrauchen. – d'Indefinitpronomen (en, et, se) richteg gebrauchen. ***Sazbau*** D'SaS kenne(n) … – d'Positioun vum Adjektiv an de Sätz. ***Phonetik*** D'SaS kënne(n)... – d'Vokale richteg betounen. – d'Wierder richteg betounen (Initialbetounung op der Silb, déi d'Bedeitung dréit).
+/- 10	***D'SaS sinn an der Lag am ëffentlechen a private Beräich einfach Instruktiounen ze ginn, Verbueter auszeschwätzen an ze verstoen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – Uerdere verstoen a ginn. – Uweisungen a Regele verstoen, ëmsetzen an erklären. – Schëlder a Piktogrammer verstoen an erklären. – e Wee erklären an eng Weebeschreiwung verstoen. – sech an enger Stad oder an engem Gebai orientéieren an erëmfannen. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – d'Modalverben am Indicatif Present konjugéieren. – den Imperativ vun den heefegste Verbe formuléieren. – trennbar Verben aus dem Themefeld „Weebeschreiwung a Lokaliséierung“ konjugéieren.

		Sazbau D'SaS kenne(n) … - d'Konstruktioun vum Saz am Imperativ. - d'Positioun vum Verb a Prefix bei trennbare Verben. - d'Positioun vun de Modalverben am Saz. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
+/- 4	***D'SaS sinn an der Lag mat einfachen Ausdréck iwwer Fester an Traditiounen ze schwätzen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... - iwwer déi wichteg Fester an Traditioune schwätzen a se mat deenen an anere Länner vergläichen. - Gléckwënsch formuléieren. - Virsätz formuléieren a verstoen. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … - d'Verben „schenken" a „wënschen" am Indicatif Present konjugéieren a wëssen, dass se mat engem Dativ stinn. ***Sazbau*** Den elementare Sazbau soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.

Lëtzebuergesch am Secondaire

Lëtzebuergesch als Friemsprooch am Secondaire

Niveau:	A2.2	Supporten:	Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1 Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A2 Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 1-8. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 9-16. Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. Lëtzebuergesch. Mir schwätze mateneen. Band 1-3.
Klassen:	ACCU, S, VP		
Dauer:	2 Semesteren (+/- 64 Unterrechtseenheeten)		
Léierziler:	6	Unzuel vun de Prüfunge pro Semester:	2
Sprooch vum Unterrecht:	Lëtzebuergesch		

Unterrechts-eenheeten	***Generellt Léierzil***	***Detailer vum Léierzil / Kompetenzen***
+/- 4	***Widderhuelunge vum Niveau A2.1***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... - Informatiounen zu enger Persoun ginn a verstoen. - Den Alldag vun enger Persoun beschreiwen.

		Grammatik Den Enseignant decidéiert individuell wat fir grammatesch Schwéierpunkten aus dem A2.1 widderholl sollen oder musse ginn. ***Sazbau*** Den Enseignant decidéiert individuell wat fir syntaktesch Schwéierpunkten aus dem Niveau A2.1 widderholl sollen oder musse ginn. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll systematesch an no Bedarf geübt a verbessert ginn.
+/- 20	***D'SaS sinn an der Lag iwwer hir Zukunftspläng an hir Beruffswënsch ze schwätzen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... - iwwer hir Zukunftspläng schwätzen. - eng Vakanz, en Ausfluch oder e Weekend plangen. - hir Virléiften ausdrécken. - Vergläicher zéien. - luewen, kritiséieren an hir Meenung ausdrécken. - iwwer hir Beruffswënsch schwätzen. - beschreiwen, wou Leit schaffen a wat se op hirer Aarbechtsplaz maache mussen. - an enger Annonce Informatiounen iwwer de Beruff vun enger Persoun verstoen. - erzielen, wat si am Stage maache mussen oder wat si am Stage gemaach hunn. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … - Zäitangaben am Futur mam Indicatif Present formen. - Prepositioune fir eng Destinatioun richteg benotzen. - de Conditionnel mat „géing gär+Verb" richteg formen a benotzen. - d'Modalverb „wëllen" richteg konjugéieren a Wënsch domadder ausdrécken. - d'Zukunft mat Zäitexpressiounen ausdrécken. - männlech an weiblech Forme vun de Beruffer formuléieren.

		– de Pluriel vun de Beruffer formen. ***Sazbau*** D'SaS kenne(n) … – de Sazbau am Conditionnel. – de Sazbau am Futur. – Froen am Conditionnel formuléieren. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geübt a verbessert ginn.
+/- 18	***D'SaS sinn an der Lag einfach Informatiounen iwwer Evenementer a perséinlech Erliefnisser z'erfroen an ze soen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – en detailléierten Dagesoflaf beschreiwen. – eppes zäitlech situéieren. – iwwer vergaangen Erfarungen am Alldag schwätzen. – iwwer de leschte Weekend/ déi lescht Vakanz schwätzen. – vun engem perséinlechen Erliefnis erzielen. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – den Imparfait vun den Hëllefsverben a Modalverben konjugéieren. – de Passé Composé mat sinn / hunn vun de geleefegsten Haaptverbe konjugéieren. ***Sazbau*** D'SaS kënne(n) … – Sätz am Passé richteg formen. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geübt a verbessert ginn.

+/- 10	***D'SaS sinn an der Lag iwwer d'Gesondheet an hire Kierper ze schwätzen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – déi verschidde Kierperdeeler benennen an de Kierper beschreiwen. – driwwer schwätzen, wat gutt a schlecht fir hir Gesondheet ass. – iwwer gesond Ernierung schwätzen. – gesondheetlech Problemer beschreiwen. – Uweisunge vum Dokter verstoen. – Symptomer vu Krankheete beschreiwen a verstoen. – verstoen, wéi eng Krankheet therapéiert gëtt. – Rotschléi ginn a Rot froen. – iwwer Akzidenter schwätzen. – sech krank mellen. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – d'Adverb „ganz" richteg benotzen. – d'Prepositioun „géint+Akkusativ" richteg benotzen. – den Imperativ vun de Verbe formen. – de Komparativ vun den Adjektive formen. – d'Prepositioun „zënter" richteg benotzen. – d'Sazformulatiounen „fir...ze" richteg benotzen. ***Sazbau*** D'Sas kënne(n)...: – d'Sätz mat der Formulatioun „fir...ze" richteg formuléieren. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geübt a verbessert ginn.

+/- 8	***D'SaS sinn an der Lag mat einfachen Ausdréck vun hirem direkten Ëmfeld ze schwätzen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – einfach Renseignementer iwwer hiert Ëmfeld ginn a verstoen. – d'Duerf an d'Stad matenee vergläichen a soen, wou ee léiwer wunnt. – bei de Wiederprevisiounen d'Haaptinformatiounen identifizéieren. – d'Klima vu Lëtzebuerg mat deem vun anere Länner vergläichen. – hir Heemecht beschreiwen a Vir- an Nodeeler opzielen a vergläichen. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – den Dativ an Akkusativ mat de Lokalprepositioune richteg bestëmmen a formen. – negativ Sätz formuléieren. ***Sazbau*** Den elementare Sazbau soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
+/- 4	***D'SaS sinn an der Lag hir Meenung an hir Standpunkten auszedrécken.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – a Bezuch op bekannten Themen an Interessegebidder soen, wat si gär, léiwer an am léifsten hunn oder maachen. – hir Iwwerzeegungen a Meenungen ausdrécken, nuancéieren an déi vun anere verstoen. – Méiglechkeeten an Hypotheesen ausdrécken. – hir Conclusioune verständlech eriwwer bréngen. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – de Komparativ a Superlativ vun den Adjektive formen. – d'Konjunktiounen „well" a „mee" richteg benotzen.

		- d'Personalpronomen am Dativ an am Akkusativ formen. ***Sazbau*** D' SaS kënne(n) … - Niewesätz mat „well" an „mee" richteg formuléieren. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geübt a verbessert ginn.

Lëtzebuergesch am Secondaire

Lëtzebuergesch als Friemsprooch am Secondaire

Niveau:	B1.1	Supporten:	Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1 Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A2 Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 1-8. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 9-16. Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. Lëtzebuergesch. Mir schwätze mateneen. Band 1-3.
Klassen:	ACCU, S, VP		
Dauer:	2 Semesteren (+/- 64 Unterrechtseenheeten)		
Léierziler:	3	Unzuel vun de Prüfunge pro Semester:	2
Sprooch vum Unterrecht:	Lëtzebuergesch		

Unterrechts-eenheeten	***Generellt Léierzil***	***Detailer vum Léierzil / Kompetenzen***
+/- 20	***D'SaS sinn an der Lag iwwer Pläng a Projeten ze schwätzen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – iwwer Fester a Feierdeeg aus hire Länner an zu Lëtzebuerg erzielen. – iwwer d'Organisatioun vun engem Ausfluch schwätzen. – Iddie fir de Weekend beschwätzen. – d'Wiederprevisioune verstoen a kommentéieren.

		– en Text iwwer eng Regioun verstoen an e puer interessant Punkten draus erzielen. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – de Conditionnel an de Komparativ benotze fir héiflech / diplomatesch an enger Diskussioun z'intervenéieren. – den Akkusativ no de Prepositioune richteg gebrauchen. – d'Personalpronomen am Dativ richteg deklinéieren. ***Sazbau*** Den elementare Sazbau soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
+/- 20	***D'SaS sinn an der Lag Leit a Situatiounen ze beschreiwen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – e Portrait vun enger bekannter Persoun maachen. – eng Persoun charakteriséieren an d'Perséinlechkeet vun zwou Persoune vergläichen. – Gefiller an Emotiounen ausdrécken. – an enger Diskussioun hir Meenung ausdrécken. – e Problem, eng Situatioun beschreiwen. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – d'Adjektive richteg deklinéieren. – d'Personalpronomen an d'Possessivpronome richteg gebrauchen. – Niewesätz mat „dass" a „wann" formuléieren. – d'Konjunktiounen „net nëmmen... mee och" an „weder...nach" richteg gebrauchen. – Relativsätz formuléieren.

		Sazbau D'SaS kënne(n) … – Niewesätz mat „dass" a „wann" formuléieren. – d'Konjunktiounen „net nëmmen... mee och" an „weder...nach" richteg gebrauchen. – Relativsätz formuléieren. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
+/- 24	***D'SaS sinn an der Lag Evenementer an der Vergaangenheet z'erzielen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – iwwer hir Fräizäitaktivitéiten an hiren Alldag schwätzen. – eng Geschicht oder en Erliefnes onkomplizéiert an zesummenhängend erzielen. – Episoden aus dem Alldag, Evenementer oder wichteg Momenter an der Vergaangenheet erzielen. – Erënnerungen an Erfarungen aus der Fräizäit oder enger Vakanz erzielen. – d'Haaptpunkten aus kuerze Gespréicher a Lokalnoriichte verstoen. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – de Passé Composé mat sinn/ hunn vun de Verbe konjugéieren. – den Imparfait vun de geleefegste Verbe konjugéieren. – d'Ausdréck fir d'Vergaangenheet auszedrécken, richteg benotzen. – d'Temporaladverbe richteg benotzen. – d'temporal Niewesätz mat „wéi" an der Vergaangenheet richteg opsetzen. ***Sazbau*** D'Sas kënne(n)...: – temporal Niewesätz mat „wéi" richteg opsetzen. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.

Lëtzebuergesch am Secondaire

Lëtzebuergesch als Friemsprooch am Secondaire

Niveau:	B1.2	Supporten:	Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1 Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A2 Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 1-8. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 9-16. Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. Lëtzebuergesch. Mir schwätze mateneen. Band 1-3.
Klassen:	ACCU, S, VP		
Dauer:	2 Semesteren (+/- 64 Unterrechtseenheeten)		
Léierziler:	3	Unzuel vun de Prüfunge pro Semester:	2
Sprooch vum Unterrecht:	Lëtzebuergesch		

Unterrechts-eenheeten	***Generellt Léierzil***	***Detailer vum Léierzil / Kompetenzen***
+/- 24	***D'SaS sinn an der Lag iwwer dat berufflecht a perséinlecht Ëmfeld ze schwätzen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – wichteg Informatiounen an Texter fannen an erëmginn. – berufflech Aktivitéite beschreiwen a kommentéieren. – iwwer privat Interesse schwätzen.

		– Prioritéite formuléieren a Rotschléi ginn. – eng Meenung deelen, engem widderspriechen an eng Conclusioun zéien. – Instruktioune ginn. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – d'Modalverbe richteg konjugéieren a benotzen. – de Superlativ vun den Adjektive formen. – den Indicatif Present + Zäitadverb benotze fir d'Zukunft auszedrécken. – de Conditionnel formuléieren. – d'Indefinitpronome richteg gebrauchen. – d'Pronominaladverbien „dofir, dobäi, asw." mat der Inversioun richteg gebrauchen. – Niewesätz mat „ob" oder eng Frowuert (wéini, wéi, asw.) formuléieren, fir indirekt Froen auszedrécken. – Niewesätz mat säit /zënter formuléieren. ***Sazbau*** D'SaS kënne(n) … – Niewesätz mat „ob", „säit" an „zënter" formuléieren. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geübt a verbessert ginn.
+/- 20	***D'SaS sinn an der Lag iwwer d'Gesondheet ze schwätzen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – de mënschleche Kierper beschreiwen. – eng Persoun ëm Rot froen an e Rot zu der Gesondheet ginn. – Beweegungsinstruktioune verstoen a ginn. – Konditiounen a Konsequenzen ausdrécken. – d'Haaptpunkten aus kuerzen Emissiounen an Artikelen iwwer Gesondheet verstoen / notéieren.

		– an enger Diskussioun / engem Gespréich iwwer gesond Liewen hir Meenung soen. – Instruktioune verstoen a ginn. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – den Imperativ benotze fir Instruktiounen ze ginn. – trennbar Verbe richteg konjugéieren. – Niewesätz mat „wann" richteg opsetzen. – de Conditionnel richteg asetzen. – den Imperativ an Infinitiv mat „ze" richteg gebrauchen. – d'Adverben „dogéint" an „dofir" richteg gebrauchen. ***Sazbau*** D'SaS kënne(n) … – Sätz formuléieren, mam Niewesaz am Ufank an Inversioun am Haaptsaz. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geübt a verbessert ginn.
+/- 20	***D'SaS sinn an der Lag d'Haaptpunkte vu kuerzen Noriichten ze verstoen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – kuerz Reportagen op der Tëlee verfollegen an d'Haaptpunkten nennen a verstoen. – Nouvellen aus der geschriwwener Press liesen a weidererzielen. – Notize maachen. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – de Passiv erkennen a formen. – d'Niewesätz mat „dass / datt" richteg gebrauchen. – d'indirekt Ried mam Conditionnel a mam Niewesaz „dass / datt" richteg benotzen. – d'Pronominaladverben „derfir / dofir" richteg gebrauchen.

		Sazbau D' SaS kënne(n) … - Sätz am Aktiv a Passiv formuléieren. - Sätz an der indirekter Ried formuléieren. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.

Lëtzebuergesch am Secondaire

Lëtzebuergesch als Friemsprooch am Secondaire

Niveau:	B1.3	Supporten:	Wat gelift? Lëtzebuergesch fir déi Jonk. Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A1 Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? A2 Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 1-8. Lëtzebuergesch fir all Dag. Lektiounen 9-16. Alles an der Rei. Lëtzebuergesch fir de Beruff an den Alldag. Lëtzebuergesch. Mir schwätze mateneen. Band 1-3.
Klassen:	ACCU, S, VP		
Dauer:	2 Semesteren (+/- 64 Unterrechtseenheeten)		
Léierziler:	3	Unzuel vun de Prüfunge pro Semester:	2
Sprooch vum Unterrecht:	Lëtzebuergesch		

Unterrechts-eenheeten	***Generellt Léierzil***	***Detailer vum Léierzil / Kompetenzen***
+/- 24	***D'SaS sinn an der Lag iwwer Wunnsituatiounen ze schwätzen.***	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – an engem Gespréich hir aktuell Wunnsituatioun beschreiwen an erzielen, wou a wéi si gewunnt hunn. – iwwer Vir- an Nodeeler vun enger Wunnsituatioun schwätzen. – Konditiounen a Konsequenzen nennen.

		– Zëmmer beschreiwen an Instruktioune beim Verréckele vu Miwwele ginn. – de Besuch duerch d'Wunneng féieren an erklären, ëm wat fir Zëmmeren et sech handelt a wat fir eng Funktioun/Bedeitung se fir d'Famill hunn. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – Positiouns- an Direktiounsverben: sëtzen, stellen, stoen, leien, leeën, hänken, asw. richteg konjugéieren. – d'temporal Niewesätz mat „wéi" richteg opsetzen. – de Komparativ a Superlativ vun den Adjektive richteg gebrauchen. – de Passiv (Indicatif Present, Imparfait, Passé Composé, Modalverb) richteg formen. – de Conditionnel gebrauche fir Irrealitéiten auszedrécken. – Niewesätz mat „wann opsetzen. – Lokalprepositioune mam Dativ an Akkusativ richteg benotzen. – den Imperativ richteg gebrauchen. ***Sazbau*** D' SaS kënne(n) … – Niewesätz richteg opsetzen. – Sätz am Aktiv a Passiv formuléieren. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
+/- 20	**D'SaS sinn an der Lag Inhalter aus Texter iwwer Theme vun allgemengem gesellschaftlechen Interessi ze verstoen an ze diskutéieren.**	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – Informatiounen an engem Text fannen an erëmginn. – beschreiwen a vergläichen. – e Gespréich ufänken a weiderféieren. – argumentéieren. – eng Conclusioun zéien a Léisungsvirschléi maachen.

		– hir Meenung ausdrécken an erklären. – Instruktioune am privaten / ëffentleche Beräich verstoen a ginn. ***Grammatik*** D' SaS kënne(n) … – de Conditionnel gebrauche fir Irrealitéiten auszedrécken. – Niewesätz mat „wann" formuléieren. – indirekt Entscheedungsfroe mat ob an indirekt Froe mat engem Frowuert als Konjunktioun gebrauchen. – den irreale konditionalen Niewesaz mam Conditionnel am Passé gebrauche fir eng verpasste Geleeënheet auszedrécken. ***Sazbau*** D' SaS kënne(n) … – Niewesätz mat wann am Ufank an Inversioun am Haaptsaz formuléieren. – konditional Niewesätz formuléieren. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.
+/- 20	**D'SaS sinn an der Lag hire Standpunkt zu Themen aus den Noriichten, der Aktualitéit ze vertrieden.**	***Kommunikativ Inhalter / Vocabulaire*** D'SaS kënne(n)... – déi wichtegst Informatiounen aus den Noriichten oder enger aktueller Emissioun um Radio/ op der Tëlee verstoen. – d'Haaptpunkten aus enger Reportage/ enger Noriicht erëmginn. – argumentéieren. – hir Meenung ausdrécken a verteidegen. – eng Situatioun beschreiwen.

		Grammatik D' SaS kënne(n) … - d'indirekt Ried richteg benotzen. - de Passiv richteg uwenden. ***Sazbau*** D' SaS kënne(n) … - indirekt Sätz richteg formuléieren. - Sätz am Aktiv a Passiv formuléieren. ***Phonetik*** D'Aussprooch soll d'ganzt Joer iwwer systematesch an no Bedarf geüübt a verbessert ginn.

7.5 Annex 5: Bewäertungsgrille fir d'mëndlech Evaluatioun am Secondaire

ÉCOLE INTERNATIONALE
Differdange & Esch-sur-Alzette

Bewäertungsgrille: Mëndlech Prüfung

Thema: _____ Datum: _____

Numm	Klass	Bewäertungskritären					Total
		Respektéiere vun de Consignen a Kohärenz	Inhalt / Vocabulaire	Morphosyntax	Grammaire	Aussprooch	
		1P	3P	2P	2P	2P	10P
1.							
	eventuell Remarken:						
2.							
	eventuell Remarken:						
3.							
	eventuell Remarken:						

4.							
	eventuell Remarken:						
5.							
	eventuell Remarken:						
6.							
	eventuell Remarken:						
7.							
	eventuell Remarken:						
8.							
	eventuell Remarken:						
9.							
	eventuell Remarken:						
10.							
	eventuell Remarken:						